

	<b>27<sup>e</sup> séance</b>	<b>Présidence</b>
	Jeudi 31 janvier 2002	<b>M. Jean Spautz</b> , Président <b>M. Niki Bettendorf</b> , Vice-Président

**Ordre du jour****1. Ordre du jour****2. Projet de loi 4763 portant révision de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en oeuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998**

Projet de loi 4828 portant modification de la loi modifiée du 10 avril 1976 portant réforme de la réglementation des jours fériés légaux

Proposition de loi 4608 modifiant la loi modifiée du 10 avril 1976 portant réforme de la réglementation des jours fériés légaux

*(Rapports de la Commission spéciale "Plan d'action national en faveur de l'emploi" et de la Commission du Travail et de l'Emploi – Discussion générale – Lecture du texte des projets de loi – Votes et dispenses du second vote constitutionnel)*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; MM. Luc Frieden et François Biltgen, Ministres.

**(Début de la séance publique à 14.32 heures)**

**M. le Président.-** D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Kommunikatiounen ze maachen? Dat ass net de Fall.

**1. Ordre du jour**

Kolleginnen a Kollegen, mir haten haut als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour d'Diskussioun an de Vote vun enger Resolutioun virgesinn, déi de Kolleg Fayot abruecht huet. Mä ech géif lech proposéieren, déi op déi nächst Sitzung ze vertagen, well et sech erginn huet, dass do nach eng Partie Nofroe virgeholl musse ginn, fir dass d'Chamber wierklech en connaissance de cause vun alle Facettë vun deem sech stellende Problem ass. Dofir menge mer, dass et besser wär, wa mer d'Saach vertage géife bis mer déi Donnéeën hunn. Wann et esou wäit ass, gëtt d'Chamber frësch domat befaasst.

Dat gesot, kéime mer zur Diskussioun vum Projet de loi 4763 iwwert d'Ëmsetzung vum nationale Beschäftigungsplang vun 1998, vum Projet de loi 4828 iwwert déi gesetzlech Feierdeeg an d'Proposition de loi 4608 och iwwert déi gesetzlech Feierdeeg.

Déi dräi Projete ginn ënner engem Punkt behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluegt. Et si bis elo agedroen déi Häre Clement, Lux, Bettendorf, Jaerling, Bausch, Bisdorff a Glesener.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4763, den honorablen Här Marcel Glesener.

**2. Projet de loi 4763 portant révision de la loi du 12 février 1999 concernant la mise en oeuvre du plan d'action national en faveur de l'emploi 1998;**

**Projet de loi 4828 portant modification de la loi modifiée du 10 avril 1976 portant réforme de la réglementation des jours fériés légaux;**

**Proposition 4608 de loi modifiant la loi modifiée du 10 avril 1976 portant réforme de la réglementation des jours fériés légaux**

***Rapport de la Commission spéciale "Plan d'action national en faveur de l'emploi" et de la Commission du Travail et de l'Emploi concernant le projet de loi 4763***

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.-** Här President, Kolleginnen a Kollegen, mir hunn de Mëtten zwee verschidden – grondverschidde Projeten zur Diskussioun an och déi entspriechend Ofstëmmung virleien. Et sinn zwee verschidde Projeten, déi och an zwou verschidde Kommissiounen debattéiert an diskutéiert gi sinn. Dofir sinn och zwee Rapporteurs genannt ginn, ee vun der Spezialkommissioun PAN an ee vun der Kommissioun Travail et Emploi.

Et muss een oppassen, fir am Débat net duercheneen ze kommen, well jo deem een oder deem anere mandatéierte Spriecher zu deem engen an net zu deem anere Projet diskutéiere wäert. Ech fannen d'Prozedur e bësse komplizéiert. Et hätt ee vläicht besser gehat, et hätt een deem ee Projet lo presentéiert, diskutéiert, zur Ofstëmmung bruecht an et hätt een dann den zweete Projet geholl, vum nächste Rapporteur presentéiert, diskutéiert an och deem dann zur Ofstëmmung bruecht. Dat

schéngt awer elo net esou ze goen. Mir mussen da kucken, datt mer ëmmer am richtegen Intervalle bleiwen an déi mandatéiert Spriecher wëssen, zu welchem Projet se am Numm vun hirer Fraktioun eppes soe sollen, well mir jo déi zwee net matenee vermësche kënnen.

Dat gesot, Kolleeginnen, a Kolleegen, de Projet, deen elo zur Diskussioun virläit, huet net den Objektiv, eng generell a fundamental Revisioun an Erweiderung vum PAN-Gesetz vum 12. Februar 1999 ze beschléissen. Dofir ass och am Kader vun den Diskussiounen an der zoustänneger Spezialkommissioun keng fundamental Diskussioun iwwert d'PAN-Gesetz gefouert ginn, vun deem eng ganz Rei wichteg Bestëmmungen den 31. Juli 2003 oflafen. Mir waren also der Meenung, datt mer eis un d'Gesetz halen a keen Débat féiere sollten iwwert d'Opportunitéit vun der Weiderféierung, respektiv Erweiderung vu bestëmmte Bestëmmungen aus deem Gesetz, zum Beispill iwwert d'Aarbechtszäit an d'Aarbechtsorganisatioun, iwwert de Congé parental an de Congé familial. Mir wollten och net diskutéieren iwwer all déi spezifesch beschäftegungspolitesch Moossnamen am Intérêt vun de jugendlechen an eeleren Aarbechtslosen an zugonschte vun de Fraen, well et net ubruecht ass, déi Diskussioun elo ze féieren. Déi Diskussioun sinn ze féieren am Kader vum Gesetz an och vun de Motiounen, déi mer d'lescht Joer hei geholl hunn, dat heescht, wann dat bestehend PAN-Gesetz zum 31. Juli 2003 ofleeft.

Ech well dofir direkt dat heie virschécken: Mir hunn an der Kommissioun eng kontrovers Diskussioun gefouert, well eng Rei Kolleegen an dës Diskussioun an an dës Revisioun eng ganz Rei vun anere Punkte matabezéie wollten. Ech kommen herno nach dorop zrëck. Mir hunn dat awer also net gemaach.

Mir hunn awer als Kommissioun unanime de Virschlag gemaach, andeem mer un d'Regierung en Appel maachen, rechtzäiteg ee Bilan iwwert d'Applikatioun vum PAN-Gesetz vun 1997 ze zéien a virzeleeën, fir feststellen, wat et bruecht huet, am Liicht vun der heiteger Zäit a vun der neister Entwécklung. Doriwwer eraus hu mer och gefrot, dass se e Bilan mécht iwwert d'Opportunitéit an den Inhalt vum Congé parental a familial, a sech freet, wéi wäit een eng Diskussioun iwwer en neien an erweiterte Modell vun der Aarbechtszäitorganisatioun féiere soll. All déi Diskussiounen müssen, no engem Avis vun der Tripartite, rechtzäiteg ulafen.

Dat géif also bedeuten, datt um Enn vun dësem Joer d'Regierung de Comité de Coordination vun der Tripartite zesummerufe misst, fir eventuell iwwer eng Weiderféierung, eng Ofännerung oder enger Erweiderung vum PAN-Gesetz vun 1999 ze diskutéieren a méiglecherweis de Versuch ze maachen, fir zu engem Konsens ze kommen. D'Spezialkommissioun misst uganks vum nächste Joer, am éischten Trimester 2003, iwwert deen Avis vun der Tripartite diskutéiere kënnen, an och doriwwer, a welcher Hinsicht an a welche Formen dat PAN-Gesetz vum Februar 1999 verbessert, erweidert oder

weidergefouert soll ginn. Dat ass also eng Aarbecht, déi mer net elo maache wollten, an déi och net Géigestand vun der Diskussioun war, mä déi mer – wéi gesot – fréistens am éischten Trimester vum nächste Joer ufänke wäerten.

Ëm wat geet et an dësem Projet? Nodeem d'PAN-Gesetz den 12. Februar 1999, no enger längerer Diskussioun hei an der Chamber, applikabel ginn ass, huet sech erausgestallt, datt eng Rei vu Bestëmmungen Ulass zu Interpretatiounsproblemer tëschent Arbeitgeber a Gewerkschafte ginn hunn. Déi Interpretatiounsproblemer si relativ wäit gaangen a si hunn d'Gefor mat sech bruecht, datt d'Relatiounen tëschent Aarbechtgeber a Gewerkschafte sech a sou engem Mooss verschlechtere kéinten, dass de Sozialklima hei zu Lëtzebuerg beeinträchtigt kéint ginn. Jiddferee war der Meenung, datt et noutwendeg wier, fir Kloerheet ze suergen an déi Interpretatiounsproblemer aus der Welt ze schafen, an zwar iwwert de Wee vun enger Revisioun an Adaptatioun vun der bestehender Gesetzgebung.

Déijeneg, déi awer hei um Zustandekomme vun dem PAN-Gesetz bedeelegt waren, waren der Meenung, datt et net ubruecht war, déi Bestëmmungen ze interpretéieren. Wann een nämlech déi Problemer kuckt, déi zu Interpretatiounsschwierigkeete gefouert hunn, an et verfollegt een dat, wat an der Chamber gesot ginn ass, den Débat parlementaire also an de Wëlle vum Gesetzgeber an der Regierung, dann hätt et net onbedéngt zu deenen Interpretatiounsproblemer komme misse, déi ee Moment ganz heftig gefouert si ginn. Ech nennen der nëmmen e puer. Dat eent war effektiv de Cumul vun den Zouschléi vun engem Feiertag, deen op e Sonndeg fält a wou ee schaffen muss. Do hu mer e spezielle Projet, wou den Här Lux Rapporteur ass, soudass ech op dee Punkt lo net agoe wäert. Ech kommen awer nach eng Kéier dorop zrëck. Da waren eng ganz Rei vu Problemer, déi sech gestallt hunn an der Applikatioun vum Congé parental a familial.

Et sinn och Problemer ginn an der Diskussioun, wéi wäit ee Kollektivvertrag den Droit commun ofänneren, ergänzen oder verbessere kann. Do sinn et eng ganz Rei vun Interpretatiounsproblemer ginn, um Terrain selwer, innerhalb vun de Kollektivvertragsverhandlungen an innerhalb der Diskussiounen, déi iwwert d'Applikatioun vum PAN-Gesetz gaange sinn.

Mä et war awer och virun allem relativ schwierig an den Diskussiounen um Terrain, déi sech erginn hunn op Grond vun der Aarbechtszäit, de Referenzperioden, der Regelung vun den Lwwerstonnen, der Terminologie, wéini d'Lwwerstonnen net bezuelt brauchen ze ginn, mat den Zouschléi bei deenen Evénements imprévisibles. Dat steet zwar am Gesetz, mä et war anscheinend net kloer genuch definéiert ginn, fir datt och jiddferee wéisst, wat dat bedeite géif, soudatt et ëmmer erëm zu Problemer komm ass: Ginn déi Lwwerstonne bezuelt mat Zouschléi oder ginn d'Lwwerstonnen net bezuelt?

Da war och den Inhalt vum Plan d'organisation de travail an d'Flexibilitéit dovun ze definéieren. Doriwwer eraus huet sech an zunehmend ville Betriber eng nei Form vun Aarbechtszäitorganisatioun breetgemaach, déi och op d'Akzeptanz vun de Leit gestouss ass, an zwar den Horaire mobile. Wéi wäit ka sech den Horaire mobile der Referenzperiod substituieren, wat geschitt mat den Iwwerstonnen, déi eventuell entstinn, oder mat der Méiaarbecht, déi iwwer déi festgesaten Zäit vum Horaire mobile erausgeet? Sinn dann d'Iwwerstonne mat den Zouschléi ze bezuelen oder net? Oder kann ee se an eng nächst Referenzperiod, an deen nächsten Horaire mobile transféieren? All dat ware Froen, déi sech erginn hunn, nodeem dat Gesetz ugelaft ass.

Doriwwer eraus sinn et och nach eng Rei vun aneren Diskussiounen ginn: Wat geschitt a Betriber, wou kee Kollektivvertrag ass, an déi iwwer den Droit commun Referenzzäiten aféieren, déi méi wäit ginn? Wéi verhält et sech do mat der Prozedur vun der Genehmigung, déi den zoustännegen Minister erdeele muss, fir datt déi Betriber och eng noutwendeg Flexibilitéit am Kader vun de Referenzperioden aféiere kënnen?

Et huet sech och nach en anere Problem erweisen, nämlech mat der Paus während enger deeglecher Aarbechtszäit, déi iwwer sechs Stonne geet, wou am Gesetz stung – a bis elo nach ëmmer wierksam ass –, datt een eng Paus vun 30 Minutten zegutt hätt, déi net bezuelt ass. Doriwwer eraus hu mer e Gesetz, dat seet, dass eng Aarbechtszäit nëmmen eng Kéier mat enger onbezuelter Paus ënnerbrach ka ginn, an datt all aner Pausen, déi gefrot a gewährt ginn, bezuelt musse ginn. Alles dat ware Problemer, déi sech no dem Akraafttriede vum PAN-Gesetz vum 12. Februar 1999 gestallt hunn.

Et war also ee Bedarf do, fir verschidde Froen kloerze-stellen, fir datt dat Gesetz interpretatiounsfrei ugewandt ka ginn an och all Sträitpunkt aus der Welt geschaf ass.

Wat ass geschitt vum Februar 1999 u bis haut, bis et zu deene Revisiounsbestëmmungen komm ass? De Comité permanent de l'emploi huet 1999, well ëmmer déi Problemer bekannt gi sinn, zwou Aarbechtsgruppen agesat, fir zu Eenegungen ze kommen. Et ass zu enger Eenegung komm mat der Applikatioun vun enger dagdeeglecher Paus vun 30 Minutten, op déi ech elo net agoe wëll. Mä a wesentleche Punkten ass et an deene Réuniounen vum Comité permanent de l'emploi zu kenger Eenegung komm.

D'Tripartite huet sech de 4. Mee 2000 mat där Problematik ënnert dem Impuls vum Aarbechtsminister befaasst an et ass eng Aarbechtsgrupp agesat ginn, fir déi Interpretatiounsproblemer aus der Welt ze schafen a fir Kloerheet ze suergen. Op all déi Punkten, wou et keng Eeneegung géif ginn, sollt de Gesetzgeber reagieren. Dat ass geschitt bei de Cumule vun de Feierdeeg. Déi aner Froen solle bei der genereller Revisioun virum Juli 2003 diskutéiert ginn.

D'Tripartite ass den 9. November 2000 zu engem Accord komm an de Projet, deen den Aarbechtsminister de 7. Februar 2001 déposéiert huet, ass d'getrei Spigelbild vun deem Accord vun der Tripartite, deen zoustane komm ass. D'Regierung war der Meenung, datt et zu dësem Zäitpunkt net glécklech an net opportun wier, fir iwwer deen Accord eraus un deem PAN-Gesetz aner Verännerungen duerchzeféieren, wou jo eng generell Revisioun vun deem Gesetz nach aussteet. Wann dat geschitt wier, wann d'Gesetz u sech geännert gi wier, wier et bei enger Erneuerung vum PAN-Gesetz vill méi schwierig ginn, fir ouni d'Tripartite zu engem Accord ze kommen. Dat war och d'Diskussioun, déi mer an der Kommissioun gefouert hunn, wou mer och als Kommissioun déiselwecht Meenung vertrueden hunn. Ech kommen – wéi gesot – nach ganz kuerz dorop zrëck.

Den Dépôt war also de 7. Februar. D'Avis vum de Beruffschambere si komm: Vun de Privatbeamten den 20. Mäerz; e gemeinsamen Avis vum der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, den 20. Abrëll; vun der Arbeiterkammer de 15. Mee. De Statsrot huet och, virun dräi Méint, den 8. November, säin Accord ginn. All déi Avisen ware méi oder weineger positiv, well de Projet jo dat erëm ginn huet, wat an deem Pobeier steet, zu deem déiselwecht Organisatiounen e puer Méint virun an der Tripartite schon hiren Accord ginn haten. Ech wëll awer och nach ee Punkt – ier ech kuerz op wesentlech Bestëmmungen vum Gesetz aginn – erwähnen, dat ass ënnert welcher Form d'Chamber sech mat agebonnen huet an déi ganz Diskussioun ëm d'Aarbechtszäitorganisatioun an och ëm d'Zustanekomme vun deem PAN-Gesetz, an och Afloss geholl huet op d'Applikatioun vun den Accorden an der Tripartite, ouni déi Accorde wëllen ze zerstéieren an ouni wëllen d'Aufgab vun de Sozialpartner ofzeschwächen, au contraire. Et ass un hinnen, fir ze kucken, fir strittig Punkten am Konsens ze léisen an et ass dann um Parlament, net nëmme fir ze ratifizéieren, mä fir d'Responsabilitéit dervun ze iwwerhuelen.

Dat ass 1999 an engem Mooss geschitt, wéi et virun nach net de Fall war, an zwar ass et esou wäit geschitt, dass verschidden Organisatiounen eis als Parlament de Reproche gemaach hunn, mir sollten eis ëm eis Saachen këmmen an aner Leit hir Aarbecht maache loosse. Mir waren der Meenung, dass et och an d'Kompetenze vum Parlament fält, wann et drëm geet, fir d'Aarbechtskonditiounen, d'Lounkonditiounen wéi och d'Aarbechtszäitorganisatioun vun Dausende vu Leit ze regléieren, well mir hu schlussendlech jo awer déi lescht Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

Mir haten den 13. November 1997, am Virfeld vun deem ganze PAN-Gesetz, e groussen Débat d'orientation. Mir haten eng Rei Hearingen organiséiert a ganz konkret Propositionen de Sozialpartner an der Regierung ënner-

breit, wéi een op déi Problemer, déi sech an deem Moment gestallt hunn, kënnst agoen, fir déi zu enger Léisung ze bréngen, och wat Aarbechtszäitverkürzung, d'Aarbechtszäitorganisatioun an déi beschäftegungspolitesch Moossname betrëfft, wéi och de Congé parental.

D'Tripartite ass zesummekomm. Si huet eng ganz Rei vun deene Propositionen, déi mir gemaach haten, an hir Iwwerleeungen abezunn a si sinn den 18. Abrëll 1998 zu engem Accord komm. Den deemolegen Aarbechtsminister huet den 10. August 1998 de PAN-Projet déposiert an der Chamber presentéiert.

D'Parlament huet de 7. Juli 1998 d'Décisioun geholl, eng Spezialkommissioun anzusetzen, déi am Numm vun der Chamber sollt déi ganz Entwécklung um Aarbechtsmaart suivéieren an zu Konklusiounen kommen.

Déi éischt Sëtzung vun der Spezialkommissioun war de 15. Juli 1998. Den 2. an 3. Februar 1999 hate mer dee groussen Débat an der Chamber, wou déi zwee Rapporteurs de Projet presentéiert hunn, woubäi awer nëmmen ee Rapporteur do war, den Här Lucien Lux, deen a mengem Numm mäin Deel virbruecht huet, well et mir net méiglech war, déi zwee Deeg an der Chamber ze sinn.

De Gesetzesprojet ass dann och gestëmmt ginn, an ass vum 12. Februar un a Kraaft, mat all deene Problemer, déi mer kennen, woubäi ech awer soe wëll, dass bei engem Gesetz vun där Envergnung ee weess, dass dat ëmmer revisiounsbedürftig ass, well et kann een net esou prezis fir all Eventualitéit e Gesetz konzipéieren, virun allem well mer um Aarbechtsmaart an enger permanenter Evolutioun sinn. Et war eis bewosst, dass et spéider zu enger Adaptatioun an enger Revisioun misst kommen.

Deemzurfolleg hate mir een Débat d'actualité de 16. Mäerz 2000, wou mer scho virdrun d'Sozialpartner an d'Spezialkommissioun geruff haten, fir mat hinnen ze kucken, wou méi spezifesch Problemer géifen an der Applikatioun vum PAN-Gesetz leien.

Dir erënnert lech bestëmmt un dee ganz interessanten Débat am Mäerz 2000, wou all Fraktioun hir Meenung zum Ausdrock bruecht huet. Eng ganz Rei Motiounen si gestëmmt an och net gestëmmt ginn, fir deenen Objektiv, déi mir eis gesat haten, kënnen nozekommen.

Virum Accord, den 9. November an der Tripartite, ass den Aarbechtsminister an d'Spezialkommissioun koom, huet se informéiert iwwert de Werdegang vun den Diskussiounen an huet sech mat hir konzertéiert, ier déi lescht Accorden an der Tripartite getraff goufen.

Mir haten de 16. Mäerz an dem Débat d'actualité 14 Motiounen, déi zur Debatt stongen. Et waren aacht Motiounen vun der Majoritéit, déi alleguer ugeholl gi sinn. Eng Motioun vun der grénger Fraktioun war ofgelehnt ginn, déi déi 35-Stonne-Woch wollt legal aféieren. Fënnf

Motiounen vun der sozialistescher Fraktioun, déi sech virun allem mat Interpretatiounsproblemer befaasst hunn, sinn an d'Spezialkommissioun verwise ginn. Déi Motiounen sinn do debattéiert ginn. D'Regierung huet se och zu engem groussen Deel no Berodung mat den Sozialpartner realiséiert.

Dat zum ganz objektiven Historik iwwert d'Entwécklung vun deem Gesetz an ouni Parteipolemik. Esou ass et gelaf vu Februar 1999 un.

Erlaabt mer kuerz op dat anzegoen, wat elo ergänzt gëtt.

Dat eent betrëfft d'Referenzperiod an de POT, wat eng ganz wichteg Bestëmmung ass. An dem jetzege Gesetz steet, dass déi Referenzperiod véier Wochen ass, mä opgrond vun enger ganzer Rei prakteschen Iwwerleeungen, virun allem op Wonsch vun de Betriber, kann déi Referenzperiod elo e ganze Kalennermount bedroen. Dat erlichtert ville Betriber hiren Organisationsplang ze gestalten.

Wat an dem jetzege Gesetz net detailléiert opgefëhrt war, war dat, wat genee an dee POT misst dra stoe kommen. Et goufen ze vill ënnerschiddlech POTen, déi zu groussen Onstëmmegkeete gefouert hunn.

An deem Projet ass genee definéiert, wat den Inhalt vun dem POT muss sinn: den Ufank an d'Enn vun der individueller Aarbechtszäit, den Datum, déi genau Aarbechtszäit pro Dag a pro Woch, wéi och den Ufank an d'Enn vun der festgeluegter Aarbecht.

Et muss och am POT stoen, wéi eng Deeg de Betrib zou ass, den Urlaub fir Feierdeeg, de Congé, a wann an deem Betrib e kollektiven Urlaub virgesinn ass, muss dat och néiergeschriwwen ginn.

Och déi wöchentlech Roudeeg am Kontext vun der kontinuierlecher 44-Stonne-Woch mussen dran definéiert sinn.

D'Zil dervun ass, dass jidder Einzelnen, deen an deem Betrib schafft an deen ënnert de System vun der Referenzperiod fält, genau weess, wéini a wéi laang e während deene véier Woche schaffen muss, fir dass e säi Privatliwen deementspreechend kann organiséieren.

Eng Aarbechtszäitform setzt sech ëmmer méi duerch an de Betriber, an dat ass den Horaire mobile, dee vun de Leit gären acceptéiert gëtt. Et kann awer virkommen, dass während enger bestëmmter Zäit ee méi Stonne geschafft huet, wéi dat festgeluegt ass. Do huet d'Fro sech gestallt: Ginn déi Stonnen a siwe Stonnen opgedeelt a mat engem Zouschlag beluegt oder net? En Accord ass fonnt ginn, dee festhält, dass wann innerhalb vum Horaire mobile an enger festgesater Referenzperiod e Méi un Aarbecht erfollegt ass, déi Stonne kënnen transferéiert ginn an déi nächst Referenzperiod, ouni dass en Zouschlag op der Aarbechtszäit muss bezuelt ginn.



Et ass dat eng Diskussioun, déi och an eiser Kommissioun gefouert ginn ass, wou eng Rei Kolleegen – ech huelen un, dass se dat nach zum Ausdrock bréngen – net konnten do dermat d'accord sinn. Mir waren als Kommissioun awer der Meenung, nodeem mer héieren hunn, dass et a verschiddene Betriber am Intérêt vun den Arbeitnehmer wär, wann dat esou gehandhaabt géif ginn, well am anere Fall dat vläicht zu Problemer kënnt féieren, a mer dat sollte suivéieren, wat d'Sozialpartner virgeschloen hunn. D'Gewerkschaften hate mat de Patronatsverbänn op deem Punkt an der Tripartite een Accord fonnt. Mir waren der Meenung, dass een dat dann och sollt respektéieren.

Och ass am neie Gesetz méi detailléiert festgehalen ginn, a wellechem Mooss deen eenzelne betroffenen Arbeitnehmer misst informéiert ginn iwwer säi perséinlechen Aarbechtsplang. Dat ass wichteg, well et muss ee wëssen, wéi een ze schaffen huet, fir och säi Privatliewe kënne ze organiséieren.

Et ass och diskutéiert ginn iwwer d'Situatioun vun de Gewerkschaften, déi e Vertrag ofschléisse mat der Delegatioun vun engem Betrib, wa keng Eenegung erziilt gëtt am Zesammenhang mat der Opstellung vum POT innerhalb der Referenzperiod. Do seet d'Gesetz, dass nodeem d'Gewerkschaften véiermol zu engem POT nee gesot hätten, eréischt kënnt eng Schlichtungsprozedur ulafen.

Et huet geschéngt, wéi wann dat enorm laang wier an ënner Emstänn e POT géint de Wëlle vun de Leit ee Joer laang fonctionnaire kënnt, ouni dass een d'Méiglechkeet hätt, fir anzegräifen. Do war d'Regierung mat de Sozialpartner bereet, fir vu véiermol op zweemol ze reduzéieren. Wann d'Gewerkschaften bei der Opstellung vun engem POT zweemol net d'accord sinn, da leeft déi ganz Schlichtungsprozedur un. Och ass d'Schlichtungsprozedur méi klor definéiert ginn.

Eng wichteg Klorstellung ass déi ganz Interpretatioun ëm d'Bezuelen oder d'Net-Bezuele vun Iwwerstonnen innerhalb vun der Referenzperiod. Et ass drëm gaangen, fir den Term "événement imprévisible" méi klor ze definéieren.

Et ass jo esou, dass, wann e POT an enger Referenzperiod opgestallt gëtt, wou d'Aarbechtszäit ganz klor definéiert ass, an et muss an engem Dag méi geschafft ginn, dat Iwwerstonne sinn, an déi musse mat engem Zouschlag bezuelt ginn.

Elo kann et awer virkommen, dass Evénementer antrieden, déi net vorhersehbar waren, déi awer derzou féieren, dass mussen Iwwerstonne geleescht ginn. An deene Fäll ginn d'Iwwerstonnen net mat engem Zouschlag bezuelt. Si gi wéi normal Stonne bezuelt. Dat war e grouse Sträitpunkt tëschent de Gewerkschaften an de Betriber, wéini Zouschlag bezuelt géife ginn a wat en "événement imprévisible" wär. Do si scho ganz vill gescheit Diskussiounen gefouert ginn, wéi mer dat éischt Gesetz gemaach

hunn. Mir hu stonnelaang driwwer diskutéiert. Mir waren der Meenung, dass mer all wësst, wat "imprévisible" wär. Mir hatten et dofir net an d'Gesetz ageschriwwen. Mä et goufe Leit, déi eng aner Meenung hate wéi mir, esou dass et zu Diskussiounen komm ass.

Den "événement imprévisible" ass elo ganz klor definéiert. D'Regierung huet sech un d'Formulatioun vun der Privatbeamtenkummer ugelehnt. "Des événements imprévisibles sont des critères d'anomalie, de soudaineté et de rareté." Esou dass, wann dës Projet gestëmmt ass, et ganz klor ass, wat en "événement imprévisible" ass.

Et ass nach festgehalen ginn, dass de Kollektivvertrag kann den Droit commun iwwerbidden oder ënnerbidden. Dat heescht, d'Referenzperiod an och den Inhalt vum POT kënne ofwäiche vum Droit commun. Wann iwwer Kollektivvertrag geregelt gëtt, kann eng Referenzperiod vu véier Wochen op ee Joer ausgedehnt ginn, wat laang ass.

Si dierf awer net manner wéi op eng Woch erofgesenkt ginn. Da sinn och nach Bestëmmungen am Gesetz, wat geschitt an enger Entreprise, wou kee Kollektivvertrag ass a wann dee Betrib muss iergendwéi iwwer den Droit commun, wat d'Referenzperiode betrëfft, Ausdehnungen maachen, da muss de Minister säin Accord ginn. Och do si genau Bestëmmungen definéiert, wéi dat sech ze verhalten huet.

E leschte Punkt ass déi dagdeeglech Rouepaus no sechs Stonnen Aarbecht, déi am jetzege Gesetz mat 30 Minutten festgeluegt ass. Op Grond vun enger ganzer Rei vun Iwwerleeungen, déi gefouert gi sinn – ech hu se virdru schonn erwähnt –, steet an deem jetzege Projet net méi d'Dauer vun 30 Minutten, mä et steet dran, datt eng oder méi Pausen obligatoresch sinn an d'Dauer vun deene Pausen, bezuelt oder net bezuelt, gëtt de Sozialpartner fräi gelooss, fir dat se definéieren op Grond vu kollektivvertraglechen Ofmaachungen.

Voilà, Kolleeginnen a Kolleegen, dat sinn déi wesentlechste Bestëmmungen, déi dëst Gesetz ofänneren. Et si keng fundamental nei Saachen, mä si droen dozou bäi, datt dat Gesetz méi Klorheet kritt.

Nach eng Fro, an ech wier net objektiv als Rapporteur, wann ech dat hei net géing erwähnen. Mir hate schonn d'Demande vun der grénger Fraktioun beim Débat d'actualité, fir eng Aarbechtszäitverkürzung legal anzeféieren, nämlech d'35-Stonne-Woch. En plus läit eng Proposition de loi Krecké/Lux vir, fir d'Aarbechtszäit op 35 Stonnen ze reduzéieren. Déi lescht Proposition konnte mer net diskutéieren, well keen Avis vum Statsrot do war, mä fundamental, no enger laanger Diskussioun, huet d'Kommissioun majoritär festgehalen, datt mer an dësem Moment net de Problem diskutéiere vun enger weiderer Verkürzung vun der wöchentlecher Aarbechtszäit, mä datt dat e Géigestand ka si vun deem Débat vun haut, well haut den Débat nëmme gefouert gëtt op Grond vun

engem Accord an der Tripartite iwwer Interpretatiounsproblemer, fir datt déi doten an aner Froe selbstverständlech undiskutéiert ginn, bei enger genereller Revisioun vum PAN-Gesetz, spéitstens zum 31. Juli 2003, an dat awer natierlech eréischt op Grond vun enger Diskussioun a Berodung, déi an der Tripartite solle stattfannen.

Mat där Interpretatioun waren eng Rei Kolleegen net esou glécklech, mä majoritär hu mer déi Haltung awer ageholl a mir wäerten och als Majoritéitsparteien net vun där Haltung ofweichen, well mer der Meenung sinn, datt et ganz geféierlech wier, wa mer elo géife fundamental Ännerungen an dat Ganzt erabréngen. Da géife mer en Accord zerstéieren a mir géifen eis et schwierig maachen, fir an Zukunft iwwerhaupt nach zu Accorden an der Tripartite ze kommen, wat mat Sécherheet dem soziale Fridden am Lëtzebuerger Land net dénglech wier. An do muss een da seng Responsabilitéit huelen, a mir hu se an der Kommissioun geholl.

Voilà, Kolleginnen a Kolleegen, dee virleiende Rapport ass mat zwou Enthaltungen ugeholl ginn. Ech huelen un, datt d'Fraktiounen eng Rei Objektiounen hunn zu deem wat ech elo gesot hunn, virun allem wat d'Aarbechtszäitorganisatioun betrëfft, respektiv d'Iwwerstonnen am Horaire mobile, mä schlussendlech ginn ech awer dovun aus, datt mer eng äusserst breet Zoustëmmung hei am Parlament wäerte kréien zu deem virleiende Projet, deem noutwendeg a wichteg ass, fir d'Relatiounen tëschent Arbeitgeber an Arbeitnehmer net ze verschlechteren, mä au contraire, fir se an eng Situatioun ze bréngen, datt de soziale Klima net a Fro gestallt ass.

Ech wëll ofschléissend alle Kolleegen aus der Kommissioun nach eng Kéier merci soen, fir hir Kollaboratioun. Et war flott ze schaffen. Ech wëll och der Regierung merci soe fir hir Kollaboratioun, a selbstverständlech och menge Mataarbechter.

Domat géif ech dann am Numm vun der Spezialkommissioun PAN d'Parlament opfuerderen, deem Projet hei eng breet Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi 4828 a vun der Proposition de loi 4608, den honorablen Här Lucien Lux.

***Rapport de la Commission spéciale "Plan d'action national en faveur de l'emploi" et de la Commission du Travail et de l'Emploi concernant le projet de loi 4828 et la proposition de loi 4608***

**M. Lucien Lux (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen. De Gesetzesprojet an d'Gesetzespropositioun 4608 an 4828 hätten et u sech net brauchen ze ginn. Wann d'Regele vum Bon sens an och den Esprit vum Respekt virun Accorden, déi een ënnerzeechent huet, gespillt hätten, hätte mer vill Tënt, vill Energie an och vill Zäit kënne gewannen an eis erspuert ginn.

Dëse Gesetzesprojet ass u sech d'Geschicht vun enger Erreur matérielle, déi bei der Ëmsetzung vum Tripartite-Accord vun 1998 an d'PAN-Gesetz vun 1999 geschitt ass, an ass duerno d'Geschicht gi vun enger onlogescher, also falscher Interpretatioun, déi vu Patronatssäit héichstiliséiert ginn ass an déi dann zu dësem Projet an zu dëser Proposition de loi gefouert huet.

Wat war d'Thema, iwwert dat mer haut an deem heiten Zesummenhank a Wierklechkeet diskutéieren? De PAN-Accord huet 1998, op Virschlag vun de Beruufsorganisatiounen aus dem Commerce, den automatesche Report vun engem Feiertag, deem op e Sonndeg fält, op deem direkte Méindeg duerno, proposéiert ofzeschaffen. Dës Propositioun ass gemaach ginn aus Konkurrenzgrënn, aus Grënn vu Kompetitivitéit, well an deem Secteur gefaart a gesi ginn ass, datt ëmmer méi Konsumenten dee laange Weekend profitéiert hunn, fir an d'Groussstied vun der Groussregioun akafen ze goen an domadder als Konsumenten dem Lëtzebuerger Commerce verluer gaange sinn.

Den Accord tripartite vum Mee 1998 schwätzt dann och vun engem "jour de congé compensatoire à prendre individuellement par chaque salarié endéans les trois mois", dat heescht, datt de Prinzip vum automatesche Report op méindes soll ersat ginn doduerch, datt een dee Feiertag, deem een da sonndes geschafft huet, an Zäit vun dräi Méint individuell no senger Wënsch oder no kollektiven Ofmaachungen am Betrib sollt huelen.

D'Grënn fir déi Dispositions légales am PAN-Gesetz waren also kloer an d'Formulatiounen waren och kloer. Bei der Ëmsetzung ass dann awer net méi vun engem "jour de congé compensatoire" geschwat ginn, mä et ass iertëmlecherweis am Gesetz vun engem "jour férié de rechange" geschwat ginn, wat dat industriellt Patronat an duerno de gesamte Comité de Liaison patronal zum Afrostelle vun der Regel vun de Suppléments beweegt huet an zu enger Polemik gefouert huet, déi u sech keng Raison d'être hat.

D'Regelung vun de Suppléments beim Schaffe vu Feierdeeg ass op Grond vum Gesetz vum 10. Abrëll 1976 kloer. Fält e Jour férié légal op e Schaffdag, dann ass d'Rémunéiratioun vun engem, deem da schafft, 300%. Fält dëse Jour férié op e Sonndeg an ass do geschafft ginn, da sinn et 270%: Fir d'éischt déi geschaffte Stonnen, d'Majoratioun vun 100% an déi 70% Sonndes-zouschlag, plus eben e Jour de congé compensatoire, deem dann deem zegutt huet, deem op esou engem Sonndeg geschafft huet. Esou war et an esou sollt et och bleiwen.

De Virschlag vun der Tripartite sollt a kengem Mooss um Regim vun de Supplémenten eppes änneren. A wann een all Dokumenter noliest, souwuel vun der Tripartite wéi och den Exposé des motifs an de Commentaire des articles vum PAN-Gesetz, do geet net Rieds dovun, datt déi Dispositioun, déi mer geholl hunn, eppes mat de

Supplémenten ze dinn hat, mä eenzeg an eleng mat deenen ekonomesche Grënn, déi ech virdu genannt hunn.

D'Afrostelle vun den 100% fir d'Feierdagsaarbecht, vun esou engem Sonndeg, wéi vun de Patrone gefuerdert, hätt och zu där aberranter Situatioun gefouert, datt e Feierdag, deen op e Schaffdag gefall wär, mat 100% fir deen Dag fir de Feierdag ausbezuelt gi wär als Supplément, an deejeinegen, deen op e Sonndeg gefall wär, nëmmen op 70%, nämlech just den Zouschlag, deen op Grond vun der Sonndesaarbecht geschëlt war.

De Sträitpunkt ass ugaange mat deenen zwee Feierdeeg vum Joer 1999, 15. August a 26. Dezember, an aus engem Sträit, dee keen hätt solle sinn, ass dann e laangt, onnéidegt Tachtelmechtel ginn, en Hin an Hier, an haut maache mer dann den Deckel op d'Dëppen, fir datt Clarificatioun och um legale Plang besteet.

An eise Rapport gi mer op déi verschidde naarteg Interventiounen am Rahme vun deem Dossier an. Ech muss soen, datt den Aarbechtsminister Biltgen, en neien a ganz frësch Aarbechtsminister, an deenen Deeg a Woche vun August/September 1999, sans équivoque an ouni ze wackelen déi Thees verteidegt huet, déi och unanime hei am Parlament vun de Fraktiounen ugeholl ginn ass, an och a senge sukzessive Reaktiounen an Initiative keen Deut vun där Linn do ewechgaangen ass, déi déi war ze soen, et geet hei net ëm de Régime des suppléments, mä et geet hei just ëm e Report aus ekonomesche Grënn. Dofir ass sukzessiv versicht ginn iwwer öffentlech Communiqué vum Aarbechtsminister, e bësse méi Drock ze maachen duerch den Dépôt vun engem Projet de loi: Dann ass awer erëm dem Statsrot gesot ginn, leet en emol op d'Säit, mir versichen nach eng Kéier mat de Sozialpartner eens ze ginn.

Déi Versich si gescheitert an duerno ass den Dépôt definitiv gemaach sinn. Et sinn nach Amendementer nokomm, déi awer éischter technescher Natur waren, bis mer dann haut kënnen dee Projet stëmmen.

Um Niveau vum Parlament hunn ech selwer eng Proposition de loi de 16. Dezember 1999 gemaach, déi u sech engersäits sollt eng Clarificatioun an der Interpretatioun vum Gesetz mat sech bréngen, mä anerersäits awer och eng Loi interprétative war, fir datt déi zwee Deeg, déi schonn eriwuer waren, bei méigleche juristesche Prozeduren dann och kënnge clarifiéiert ginn.

De Contenu vum Projet ass also haut kloer ze maachen, datt engersäits de Report vun automatesch op méindes nach ëmmer ofgeschaaft bleift, mä datt d'Supplémenten esou ze bezuele sinn, wéi se säit 1976 virgesi sinn.

Um Niveau vun deenen eenzelnen Avisa vun de Beruffskammere ass just ze soen, datt all Beruffskammere vum Salariat, ouni Ausnahm, sech favorabel zu dësem Projet de loi geäussert hunn.

Wann een den Avis vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers liest, da gëtt do op engem juristesche Plang gesot: Okay, et kann een et och gesinn, wéi de Projet de loi et elo virgesäit an et gëtt dann u sech dat gemaach, wat 1996 net gesot ginn ass, et gëtt versicht eng Argumentatioun nozeschieben, nämlech elo kloer ze maachen, datt am Prinzip d'Patronen och gären um Regim vun de Suppléments geréckelt hätten aus Käschtegrënn. Et gëtt souguer dovun geschwat, datt déi Dispositiounen vun 1976, déi mer haut hunn, d'Tendenz hätten, d'Rentabilitéit vun der Lëtzebuerger Economie ze laminéieren. Hei gëtt also eppes nogeschoben, wat u sech ni an der Diskussioun an och ni um Niveau vun der Tripartite war.

Um Niveau vun eiser Kommissioun hu mer zweemol iwwer de Projet diskutéiert. Den Avis vum Statsrot huet sech virun allem gestouss um Caractère rétroactif vun der Proposition de loi, déi meng Weinegkeet deponéiert hat. Mä ech mengen, dat ass och haut "du passé, faisant table rase". Mir kënnen elo no vir kucken an deen nächsten Dag, dee jo dann den Nationalfeierdag dëst Joer ass, wou et noutwendeg ass, datt mer bis dohinner dat hei am Mémorial publizéiert hunn, fir datt da bei deem Dag keng Diskussioun, kee Litige a keen Equivoque méi besteet, wéi et da geduecht ass. Gläichzäiteg ass och déi Regel, déi nach am Gesetz vun 1976 stong, wou e Maximum vun nëmmen dräi Feierdeeg konnt automatesch reportéiert ginn, aus dem Gesetz erausgeholl, well duerch deen neie System, dee jo jidderengem d'Méiglechkeet gëtt, fir selwer dat ze maachen, ass déi Moossnam, déi mer nach am Gesetz haten, superfétatoire ginn an déi gëtt duerch dëst Gesetz dann erausgeholl.

Ech géif mengen, datt wann ech d'Diskussiounen an der Kommissioun novollzéien, eis haut kaum eng Stëmm wäert feelen, fir dëse Projet de loi unzehuelen. Ech bréngen och gläichzäiteg den Aval vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

**M. le Président.**- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

### *Discussion générale*

**M. Lucien Clement (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dann, wéi dat esou üblech ass, mengem Kolleeg Marcel Glesener merci soe fir seng Aarbecht...

**Une voix.**- Dat do kënnt net vum Häerz!

**M. Lucien Clement (CSV).**- Dach, et kënnt ganz vum Häerz, well den Här Glesener war ganz explizit, souwuel a sengem schrëftleche wéi a sengem mëndleche Rapport.

D'Recht op eng Aarbecht ass bei eis an der Constitutioun verankert. Eng abstrakt Garantie geet awer hei sécherlech net duer. Den Esprit vum europäesche Sommet war et, iwwert dës deklaréiert Recht erauszegoen. Memberstate vun der EU sinn opgefuerdert ginn, iwwert de Wee vun nationale Beschäftigungspläng, konkret Moosnamen ze huelen, fir dës Recht praktesch ze verwierklechen, fir esou ze soen et "en musique" ze setzen.

D'EU-Länner goufen dunn incitéiert, fir sech fir méi eng aktiv Beschäftigungspolitik anzesetzen. Hei goufen haaptsächlech zwee Objektivier viséiert.

1. Fir d'Entreprisë méi konkurrenzfähig ze maachen, se besser op nei Evolutiounen kënne virzebereeden.

2. Virun allem awer fir nei Aarbechtsplazen ze schafen. D'Rechter an d'Bestriewunge vum Salarié, vum Arbeitnehmer, sollen an deem Fall awer respektéiert a mat Sécherheet och net beschnidde ginn.

Dës Objektivier sollten un éischter Stell duerch eng méi modern Aarbechtsorganisatioun realiséiert ginn. Eng Aarbechtsorganisatioun, déi esouwuel de Betriber ewéi och de Salarié entgéintkomme sollt. Et ass haut sécherlech eng Tatsaach, datt d'Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit ee séier wichtegt Instrument ginn ass vun eiser Beschäftigungspolitik.

Nom Akraafttriede vum PAN-Gesetz den 12. Februar 1999, ee Gesetz, wat jo u sech e Mammutgesetz war, konnt ee ganz séier feststellen, datt verschidden Dispositiounen vun deem Gesetz zu Interpretatiouns- an zu Applikatiounsschwierigkeete gefouert hunn oder Ulass ginn hunn, besonnesch déi, déi sech op d'Aarbechtsorganisatioun bezunn hunn. Ech denken do un d'Iwwerstonnen, un d'Definitioun vun der Notioun "imprévue" oder "imprévisible", un de Contenu vum POT an esou weider.

Et ass relativ séier kloer ginn, datt d'PAN-Gesetz sech misst op verschiddene Punkten enger Revisioun ënnerzéien, well d'Ëmsetzung sech net grad esou vollzunn huet, wéi een dat hoffe konnt.

An deem Kontext ass dës Projet de loi och ze gesinn, deen als Zil huet, dës Onkloerheeten oder zumindest en Deel vun hinnen aus der Welt ze schafen an ze eliminéieren.

Wou den zoustännige Minister, den Här Biltgen, de Projet an der Kommissioun virgestallt huet, huet den honorablen Här Lux – en ass elo just net heibannen, mä ech muss et awer soen – e bësselche lakonesch sech geäussert. "Der Berg gebahr eine Maus." Entweder – ech weess et net – wollt en domat soen, datt déi eenzel Proposen him net wäit genuch géife goen, oder war et vläicht, datt de Volume vu Proposen net grouss genuch war. Dat, Här President, denken ech, wäert en eis herno och sécherlech selwer nach kennen hei op der Tribün explizéieren. Et kann een dat awer gesinn ewéi ee wëll. Ech sinn éischter där Meenung, et soll een hei an esou engem sensiblen

Domän, wéi dat hei eben ass, éischter nom Motto "step by step" fueren oder légiféréieren, esou wéi dat och hei gemaach ginn ass.

Esou ass et méiglech, datt mir, mä virun allem d'Sozialpartner, déi de Gros vum Accord jo ausgehandelt hunn an en och droen, schonns Léieren aus deene prakteschen Erfarunge vu virun d'Zäit konnten. An et si just dës Konklusiounen a Léieren, déi mir hei ëmsetze wëllen. Besser nëmmen e puer Moosnamen, mä där, déi herno kennen och d'Strooss halen, ëmsetzen, ewéi een allze grouss Pak vu Moosnamen, dee sech herno an der Praxis als net machbar erweist.

Ech sinn iwwrigens där Meenung, Här President, datt de Rôle vun der Chamber sech just an deem Dossier drop beschränke soll, fir en Encadrement vun den Décisiounen vun de Sozialpartner hirzestellen. D'Politik soll a muss hei och de gesetzleche Kader schafen, dat ass normal, ouni awer domadder déi néideg Fräiheeten esou anzeengen, déi nun eemol eis Sozialpartner bei hire Verhandlungen brauchen. Ass de Spillraum do grouss genuch, kënnt et dacks och zu ganz innovante Modeller wat d'Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäitgestaltung ugeet. Modeller, déi op där enger Säit sécherlech an haaptsächlech dem Betrib zegutt kommen, ouni awer op där anerer Säit, wéi schonns gesot, déi fundamental Rechter vum Salarié ze beeinträchtigen.

Ganz dacks sinn et esouguer kleng Betriber, déi hei mam gudden Beispill virginn. Patron ass nun eemol net gläich Patron. Ech géif mer wënschen, Här President, wann een hei iwwer Betriber oder Patrone schwätzt, heibannen an och soss wou, datt dem Ënnerschied och Rechnung gedroe géif. Et kann an där een net, wann een iwwer Sozialpartner diskutéiert, de Patron, dee mat dräi, véier Leit schafft, mam Patron ARBED gläichstellen oder an dat selwecht Dëppe geheien. Ongläich Betriber mussen – sinn ech där Meenung – hei och ongläich behandelt ginn.

### **(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

An deene meeschte klengen Handwerksbetriber ass et ganz dacks esou, datt de Patron wuel de Patron ass, mä op där anerer Säit awer och de Kolleg vum Salarié ass. Si schaffen de ganzen Dag mateneen an hirem Handwerk, diskutéieren och zesummen iwwert hir Problemer, a si ganz dacks méi flexibel wat d'Aarbechtszäitregelung ugeet, wéi mir eis dat haut iwwerhaapt heibanne kënne virstellen. An esou kleng Betriber gëtt et och dofir séier weineg geriichtlech Auseinandersetzungen. Hei gëtt am Prinzip ganz dacks schonn dat praktizéiert, an ouni groussen Opwand, wour iwwer mir hei amgang sinn ze légiféréieren.

Well awer ewéi schonns gesot e grouss Betrib anescht funktionéiert ewéi eng kleng Entreprise, muss – ech sinn och där Meenung – d'Gesetz hei ganz kloer de Kader fixéieren, an deem déi eenzel Acteuren sech dann och beweegen kënnen.



D'PAN-Gesetz huet et fäerdeg bruecht, de Spagat tëschent der Flexibilitéit vun der Aarbechtszäit, wat eng Fuerderung op där enger Säit vun den Entreprises ass, a besseren Aarbechtskonditiounen vun de Salariéen, wat eng Fuerderung – eng berechtigt Fuerderung och – vun de Gewerkschaften ass, ze maachen. Et ass wichteg, datt Verhandlungsfreiheeten, déi, déi déi eng esougutt ewéi déi aner brauchen, erhale bleiwen, an net duerch rigid Gesetzter op e Minimum reduzéiert ginn. Hei, mengen ech, bleift mat deem Gesetz Sputt fir béid Partner.

D'Modificatioun, déi de virleiende Projet mat sech bréngt, wäert d'Balance sécherlech tëschent der Flexibilitéit, déi de Betrib brauch, an der Sécherheet, déi dem Salarié zousteet, optimiséieren.

D'Méiglechkeet, fir eng Entreprise tëschent der Referenzperiod vu véier Wochen a vun engem Mount ze wäelen, stellt sécherlech keng substanzuell Modifikatioun vum PAN-Gesetz duer, mä ass, a mengen Aen, ganz positiv ze bewäerten. Dës Optioun mécht de Fonctionnement vun de Betriber wesentlech méi einfach, besonnesch bei deenen, wou den informatésche System de Mount an net d'Woch als Referenz vun der Aarbechtszäit an och vun der Rémunératioun hält. Dës Betriber brauchen an Zukunft keng ministeriell Autorisatioun méi unzefroen, wéi dat bis haut de Fall war. Eng Prozedur, déi schwéierfäleg an onsënneg war, gëtt also mat deem Projet eliminéiert.

De Gesetzesprojet preziséiert ganz däitlech den Inhalt vum POT, wat och als séier positiv ze bewäerten ass, virun allem aus der Siicht vum Aarbechter oder vum Salarié. Dës Prezisiounen stelle fir hien eng gréisser Garantie duer, wéi dat bis elo de Fall war. Mat der Ausnahm vun engem Imprévu muss d'Aarbechtsorganisatioun fir all eenzelnen Aarbechter am Kader vun enger Referenzperiod, normalerweis véier Wochen oder ee Mount, am POT festgehale ginn.

De Projet de loi gesäit elo d'Méiglechkeet vir, de POT duerch een Horaire mobile ze ersetzen. Och dës Moossnam dréit der Praxis Rechnung a spigelt Organisationsmodeller erëm, déi haut scho fir vill Betriber an hir Salariéen eng Realitéit sinn. Ech denken do virun allem u gréisser Entreprises, Banken- an Assurance-Secteur, déi den Horaire mobile scho säit längerer Zäit agefouert hunn.

Dem Salarié seng Grondrechter ginn och hei respektéiert a bleiwen och erhalen. De Règlement intérieur muss hei ganz genau preziséieren, wéi den Iwwerschoss respektiv den Defizit vu Stonnen zum Schluss vun der Referenzperiod gehandhabt gëtt.

Dës Modell vun Aarbechtsorganisatioun huet och de Virdeel, dem Salarié d'Méiglechkeet ze ginn, seng Aarbechtszäit ze organiséieren en fonction och e bësselche vu sengem Privatliwen a vu sengen Bestriewungen.

Dat neit Gesetz verbessert och d'Kommunikatioun vum POT. Hei kënnt et zu enger Reduzéierung – an ech

mengen de Marcel Glesener ass scho ganz genee doranner gaangen – vun der Zuel vun den negativen Avisen vu véier op zwéin. Avisen, déi néideg sinn, fir d'Conciliationsprozedur an d'Weeër ze leeden, an dat am Fall vun enger Meinungsverschiedenheet, wat de POT ugeet, tëschent dem Patron an der Personaldelegatioun.

De Projet de loi gesäit ausserdeem vir, datt d'Demande fir eng Ausdehnung vun der Referenzperiod iwwer véier Wochen oder ee Mount eraus motivéiert muss ginn. Eng Moossnam, déi esouwuel dem Betrib wéi och dem Employé vu Virdeel si kann. Den Employeur muss iwwrigens esouwuel d'Servicer wéi d'Personal preziséieren, déi vun dëser konventionéierter Referenzperiod betraff sinn. Festzehale bleift hei, datt esou eng Referenzperiod awer op kee Fall iwwer zwielef Méint erausgoen kann.

Ee vun de gréisseren Applikationsproblemer, deen et am PAN-Gesetz gouf, war um Niveau vun der Flexibilitéit vum POT.

D'Flexibilitéit vun der Aarbechtsorganisatioun ass ee vun deene wichtegsten Aspekter vum PAN-Gesetz. De Fuerderunge vun den Entreprises, sech méi rationell an effikass kënnen ze organiséieren, fir besser op Fluctuatiounen vum Marché ze reagéieren, ass iwwert de Wee vu méi Flexibilitéit bei der Aarbechtsorganisatioun Rechnung gedroe ginn. Et ass säit dem Akraafttriede vum PAN-Gesetz enger Entreprise méiglech, während enger gewëssener Period Personal esouwuel am Dag wéi och an der Woch méi wéi aacht Stonnen oder respektiv 48 Stonnen schaffen ze loossen, ouni datt dës Stonnen als Iwwerstonnen bezeechent kënnen ginn. Dat natierlech ënnert der Konditioun, datt d'Stonnen am Kader vun där legaler oder konventionéierter Referenzperiod prestéiert ginn. All Stonn, déi iwwert dës Kader erausgeet, gëllt selbstverständlech als Iwwerstonn, oder et sief si ass am Kader vun engem Imprévu prestéiert ginn.

D'Gesetz vun '99 huet och d'Notioun vum Imprévu, respektiv vum Imprévisible agefouert, mä dat war ee Problem, well dës Begrëff net an deem Mooss genee definéiert ginn ass a wat dann och postwendend zu Interpretatiounsschwierigkeete gefouert huet.

Et war net einfach fir sech op eng Definitioun ze eenege, déi esouwuel de Fuerderunge vun de Salariéen ewéi deene vum Patronat Rechnung gedroen huet. D'Gewerkschaften hu gefaart, den Imprévu géif esou vague a generell definéiert ginn, datt d'Definitioun sech op all méigleche Cas de figure applizéiere géif kënnen. Fir d'Patronsvertrieder sollt d'Definitioun vum Imprévu de Betriber d'Méiglechkeet ginn, op Facteuren, déi net virauszegesi waren, besser reagéieren ze kënnen, an deementspreechend sollt dann och d'Definitioun net ze restriktiv interpretéiert ginn.

D'Definitioun, déi hei am Projet festgehale gouf, an déi weder ze laxistes nach ze restriktiv ass, kënnt der Definitioun vun der ziviler Jurisprudenz no. Si stellt en

neit a gutt Beispill vu Kompromëss duer tëschent den Exigenze vun de Betriber, déi Flexibilitéit fuerderen, an der Sécherheet vum Aarbechter.

Eng aner Modifikatioun, déi derwäert ass ervirgehuewen ze ginn, ass déi, déi sech op d'Pause bezitt. D'Gesetz gesäit vir a senger aktueller Versioun, datt all Salarié, dee méi wéi sechs Stonnen den Dag schafft, eng Paus vun 30 Minutten zegutt huet.

Et gëtt awer eng Rei Betriber, déi sech net un des Exigenz telle quelle hale kënnen, well dat zu engem fundamentale Wiessel an hirer Aarbechtsorganisatioun féiere wäert. Dat ass virun allem de Fall an deene Betriber, wou fortwährend geschafft muss ginn.

D'strikt Applikatioun vun den Dispositiounen vum aktuelle Gesetz huet als Konsequenz, datt verschidde Betriber, ech denken hei speziell och u kleng Commercen, mat engem oder nëmmen e puer Salariéen, müssen iergendwann während enger gewësser Zäit zoumaachen. Ganz dacks ass awer esou eng Schliessung net machbar.

De virleiende Projet gesäit just vir, datt Salariéen, déi iwwer sechs Stonne pro Dag schaffen, Recht op eng oder op e puer Pausen hunn. D'Auteurs vum Projet de loi hunn nach eng Kéier am Commentaire des articles dorop higewisen, datt all Paus, déi no där éischter ufält, also vun där zweeter un, rémunéiert muss ginn. Dat geet ganz kloer, souwiesou, och aus dem Artikel 5 § 3 vum Gesetz vum 9. Dezember 1970 iwwert d'Aarbechtsdurée vun den Aarbechter, esouwuel am privaten ewéi och am öffentleche Secteur, ervir.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Ech hoffen, datt déi punktuell Verbesserung vum PAN-Gesetz d'Objektiver nach besser erfëlle wäerten an zu enger nach besserer Verständneng tëschent de Betriber an dem Saliariat féiere wäerten.

Ech waarden awer gespaant op deen éischte Bilan iwwert d'Moosnamen, déi 1999 an och iwwer eis, déi am Kader vum PAN-Gesetz agefouert gi sinn. Wann des Zuelen um Dësch leien, kann ee sech bestëmmt besser ee Gesamtbild maachen. Ech sinn haut awer schonn iwwerzeugt, datt de Wee, dee mer deemools ageschloen hunn, dee richtige Wee war, an datt de Bilan och deement-sprechend positiv ausfale wäert.

Ech wëll fir ofzeschléissen, Här President, dann nach den Accord vun der CSV-Fraktioun bréngen, déi selbstverständlech hannert dësem Projet steet. Ech soen lech merci.

**Une voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Merci Här Clement. Als nächste Riedner ass den Här Lucien Lux agedroen. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

**M. Lucien Lux (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no där, fir een Oppositiousdeputéierten, éischter onüblecher Aufgab vu virdrun als Rapporteur vun

engem Regierungsprojet, déi ech iwwregens där grousser Kolleegialitéit a Kooperatioun an eiser Kommissioun verdanken, kréien ech dann elo meng Fräiheet erëm fir zum Häerstéck vun de Mëtteg, an zwar der Revisioun vum PAN-Gesetz, am Numm vun eiser Fraktioun kënnen Stellung ze huelen.

Dëse Gesetzesprojet ass an eisen An d'Geschicht vun enger verpasster Chance vun enger Regierung, déi eng Problematik vun héijer sozialer, gesellschaftlecher a politescher Brisanz op eng juristesche Fro reduzéiert, fir net ze soen degradéiert huet. Wat nach schlimmer ass, d'Regierung huet sech vun Ufank un an der Kärfro ëm déi et hei gaangen ass op d'Säit vun de Patronatsorganisatiounen gestallt a géint d'Aspiratiounen vun de Gewerkschaftsorganisatiounen, dat heescht vum Saliariat dobaussen an de Betriber.

Dës Gesetzespropositioun, déi haut virläit, an déi Dispositiounen, déi se enthält, di kengem wéi, si erfëllen eng Rei vun Exigenzen, vun Interpretatiounen, Clarificatiounen a sou weider. Eis fënnf Motiounen, déi mer am Débat hei an der Chamber déposéiert haten, sinn zu engem groussen Deel duerch dëse Projet de loi erfëllt ginn, och wa bei der Fro vum Horaire mobile, an der Fro "Wat geschitt mat den iwwerschëssege Stonnen, déi iwwert den Horaire mobile erausginn? Gi se einfach reportéiert oder gi se als Iwwerstonne mat Zouschlei betruecht?", mir net onbedéngt mat de Propositionen hei d'accord sinn, mä si entsprechen effektiv deem, wat an der Tripartite ofgemaach ginn ass, och wann een elo d'Tatsaach ewechhëlt, dass d'Sozialpartner mat der Regierung keen Accord fonnt hunn iwwert déi dach awer schwierig Diskussiounen am Rahmen vum Temps partiel, déi mer jo da sécher féiere wäerte bei där grousser Revisioun, déi mer bis de Juli 2003 wäerten hunn,...

### **(Interruption)**

...déi da wäert héchstwahrscheinlech zu Propositionen um legale Plang féiere kënnen am Rahme vun der grousser Revisioun. Bis 2003 kann een also domat zefridde sinn. Mir waarden of wat bei de Sozialpartner an den Diskussiounen erauskënnt, fir eis dann dozou artikuléieren ze kënnen. Wa mer haut de Mëtteg dann zu dësem Projet de loi jo soen, wann och schwéieren Häerzens, dann ass et well mer honoréiere wëllen, dass den Aarbechtsminister sech an all deene Méint mat vill Energie beméit huet fir d'Sozialpartner och an deene ganz detailléierten a klengen Froen zu engem Accord ze bréngen. Mir sinn u sech net der Meenung, dass dëse Projet de loi an eng falsch Richtung geet, och wann et ee ganz kleng Schrëtt ass. Well mer der Meenung sinn, dass mer den Esprit vun den Accorde, wéi se aus der Tripartite am Laf vun deene leschte Jore kommen, duerch een anere Vote net wëllen a Fro stellen, "mais quelle gaie guerre pour pas grande chose" kënnt ee soen, an dofir wëlle mer de Mëtteg dach awer Klortext schwätzen zu deem wat de Mëtteg hei virläit.

De PAN-Accord an d'PAN-Gesetz vun 1998 waren ee Pari op eng Parole donnée vun de Sozialpartner am Rahme vun de Verhandlungen an der Tripartite. Et war en Défi op eng Relance vum Sozialdialog hei zu Lëtzebuerg. Et war och vum Parlament d'Bekanntnis, dass dëst keng Einbahnstrooss si soll, mä dass dës Verhandlungen an dës Négociatiounen an de Betriber nom Prinzip vum "donnant, donnant" oflaffe sollen.

Dass mer eis domat och hei an der Chamber schwéier gedoen hunn, hu mer schonn am November 1997 bewisen, an de Marcel Glesener huet et nach eng Kéier rappéléiert, am deemolegen Débat d'orientation am Virfeld vum Sommet Emploi, am Rahme vun der Lëtzebuerger EU-Présidence, an dem Equilibre, dee mer versicht hunn hirzestellen tëschent op där enger Säit, der Flexibilitéit, an op där anerer Säit dem Präis, deem dat soll fir d'Patrone bedeite vis-à-vis vun hire Salaréien. Dass mer eis mam Prinzip vum "donnant, donnant" schwéier doen, huet sech och gewise bei den Aarbechten am Rahme vun der Ëmsetzung vum PAN-Accord an ee Gesetz am Hierscht 1998 an an deem Débat d'actualité, dee mer am Fréijor 2000 haten, nodeem mer d'Sozialpartner an eiser Kommissioun och ugehéiert haten.

Firwat hu mer eis schwéier gedoen? Mä well d'Chamber vun Ufank un, an ech mengen doriwwer kann et heibanne keng Diskussioun ginn, fir eng positiv Flexibiliséierung agetratt ass. Ech zitieren d'Motioun vum November 1997 an där d'Chamber sech deemools zu enger "Flexibilisation positive du temps de travail, qui doit aller de pair avec une réduction du temps de travail" bekannt huet. Domadder verbonnen ass och d'Schafung vun zousätzlechen Aarbechtsplazen.

Dat, an näischt anescht, war d'Volontéit vum Législateur. Den Equilibre ass an deene leschte Méint torpedéiert ginn, doriwwer besteet keen Zweifel. Den Esprit vun den Accorden a vum Gesetz ass net respektéiert ginn. D'Flexibiliséierung an de Betriber geet weider, mä de Präis dofir, nämlech Aarbechtszäitverkürzung, ass bis haut "lettre morte" bliwwen. Dat ass keng Erfindung vun der LSAP-Fraktioun, dat sinn d'Fakten esou wéi se dobaussen Dag fir Dag a Woch fir Woch an de Betriber kënnen analyséiert a gekuckt ginn.

Eist Vertrauen an d'Tripartite-Accorden an an d'Wuert vun de Partneren ass domadder ébranléiert ginn. De Mond ass eis opstoe bliwwen, wéi mer am Hearing vum Januar 2000 d'Gewerkschaften héiere soen hunn, dass an den Tripartite-Verhandlungen d'Aarbechtszäitverkürzung an hiren An de Präis war vun der Flexibiliséierung an e puer Stonnen dono hu mer d'Patronatsorganisatiounen an där selwechter Kommissioun emfaangen an déi hunn eis gesot, de Präis fir d'Flexibiliséierung war net d'Aarbechtszäitverkürzung, mä war de Congé parental. Dat heescht, dass ee sech d'Fro gestallt huet "A quel saint se vouer?", wann een esou Widderspréch begéint eleng an der

grousser Fro: Ween huet da wat gi fir dass et zu engem Accord komm ass?

D'Gewerkschaften hunn dono op déi kontraktuell Verhandlung gesat, an dat war am Prinzip och gutt esou, an der Hoffnung, dass Dynamik an d'Tarifverhandlung komme soll fir schnell virunzecommen an deementsprechend Accorde vu positiver Flexibiliséierung och eraus ze schloen. Mir stellen haut fest, dass d'Patronen d'Flexibilitéit agestach hunn an zur Aarbechtszäitverkürzung jo scho bal ee brutalt "niet" dekretéiert hunn. Net emol d'Obligation de négocier, dat heescht, ouni dass da schonn ee Resultat domat verbonne wär, mä reng d'Obligatioun ze verhandelen ass an deene leschte Méint net respektéiert ginn.

Dem fréieren Aarbechtsminister an dem heitege Statsminister Jean-Claude Juncker sai Credo vun der Flex-Security, déi iwwerens keng Erfindung vun him war, mä hien huet se awer an der Lëtzebuerger politescher Szen ronderëmgedroen, dat heescht op där enger Säit d'Flexibilitéit an op där anerer Säit d'Sécherheet an de Präis dofir bezuelen an esou virun, ass also een doudege Buschtaf bliwwen, an dofir kann ech mengem Virriedner, dem Kolleg Clement, nëmme soen, dee Spagat vun deem hee geschwat huet, deem ass et vläicht ginn, mä en huet bei de Salaréien zu enger kräfteger Muskelzerrung gefouert.

Dat muss eis an eisen An interpelléieren, an zwar net nëmme d'Majoritéit hei am Haus, mä d'gesamt Chamber. Et stellt sech eng essentiell Fro ob d'Tripartite-Ronn vum Joer 2000, déi ënnert deenen do Virzeechen ugefaangen huet, a Wierklechkeet dach bal ausgeart ass zu engem juristesche Geplänkel, zu enger Ausernanersetzung iwwert d'Réckele vu Kommaen an déi domadder degradéiert ginn ass, wat se net verdéngt hat.

Ech hu gesot, am Januar 2000 huet d'Spezialkommissioun de Bilan mat de Sozialpartnere gemaach a versicht op de Punkt ze bréngen, an ech zitieren de Procès-verbal vun der Sëtzung, déi mer deemools haten, an dat, wat eis d'Gewerkschaften gesot hunn, an zwar war dat dat heiten: "Par ailleurs dans toutes les négociations collectives, les syndicats sont confrontés de façon systématique à des demandes de flexibilisation sans volonté d'offrir une contrepartie. Le patronat s'appuie sur une nouvelle loi" – an zwar d'PAN-Gesetz – "pour imposer une flexibilisation négative", also eng eesäiteg Flexibiliséierung. Dat ass also dat wat eis d'Gewerkschaften am Hearing vum Januar 2000 an der Spezialkommissioun gesot hunn.

Et kënnt een nach eng ganz Rei vun aneren Zitater noliwweren iwwert dat wat d'Gewerkschaften an der Praxis an hiren Deklaratiounen a Kommunikéiert gesot hunn, mä ech erspueren lech dat. Ech wëll nëmme eng Ausso vun dem OGB-L eraushiewen. Ech zitieren: "Der Sozialdialog steckt in der Krise. Mit symbolischen Zugeständnissen und Gesprächen allein kann die Krise

nicht beigelegt werden. Von wirklicher Verhandlungsbereitschaft ist nichts zu spüren, im Gegenteil, das PAN-Gesetz wird als Kriegsmaschine gegen das Salariat eingesetzt."

Dëst Zitat also vum OGB-L, a gläichzäiteg och nach een Zitat vum LCGB hannendru gesot, dee Folgendes am Ufank vum Joer 2000 deklaréiert huet: "In der Thematik der Arbeitszeitverkürzung hat die vorherige und auch die neue Regierung den leichten Weg gewählt und den Sozialpartnern den Ball zugespielt, anstatt wie zum Beispiel in Frankreich, seriöse Rahmenbedingungen vorzugeben um die Arbeitgeber in die Verantwortung und die Verhandlungspflicht über eine Arbeitszeitverkürzung einzubinden."

Dat ass also dat wat d'Sozialpartner eis am Januar 2000 gesot hunn.

Mir hunn als LSAP, déi mer jo d'Verantwortung matgedroen hu fir de PAN-Accord vu 1998, eis dat doen natierlech zu Häerz geholl an och doriwwer diskutéiert an eng Rei vu konkreten Alternativen, am Débat d'actualité vum 16. März 2000, virgeluegt. De Rapporteur Marcel Glesener huet déi fënnef Motiounen, déi an d'Kommissioun weidergereecht gi sinn, scho genannt, an ech muss och soen, dass se op eng ganz seriö Aart a Weis vum Minister behandelt gi sinn an de Versuch gemaach ginn ass, eng Äntwert drop ze ginn, wat och zum gréissten Deel, mat deenen Ausnahmen, déi ech am Ufank gesot hunn, gelongen ass.

Mir hu gläichzäiteg, de Jeannot Krecké a meng Wéinegkeet, eng Proposition de loi deponéiert, déi net zum Zweck hat, wéi et de Virriedner hei gesot hat, fir eng Verallgemengerung vun der 35-Stonne-Woch anzeféieren, mä déi u sech dräi Saache gesot huet, engersäits d'Verallgemengerung fir d'éischt emol vun der 40-Stonne-Woch, wat a verschiddene Secteuren déck néideg ass, zweetens eng 35-Stonne-Woch-Moyenne an deenen Entreprises a bei deene Salariéen ze huelen, déi vu Flexibiliséierungsmoosname betraff sinn, an drëttens eng sechst Urlaubswoch anzeféiere fir Salariéen, déi op Schichten an ënner schwéierste Konditiounen schaffen müssen.

Mir sinn domadder net esou wäit gaange wéi dat, wat eis d'Gewerkschaften als hir Äntwert am Januar 2000 op den éischte Bilan vum PAN-Gesetz, an der Kommissioun proposéiert haten. Hir Äntwert huet nämlech geheescht, éischstens, d'etappeweis legal Aféierung vun enger verallgemengerter 35-Stonne-Woch fir all Salariéen an zweetens eng Verallgemengerung vun der sechster Urlaubswoch fir all d'Salariéen, wat deem entsprach huet, wat de Kolleg François Bausch an enger Proposition de loi e puer Woche virdrun hei och deponéiert hat. Mir hunn also d'Konklusioun gezunn, well deen aktuell unhalenden eesäitegen Dialog an eisen An am Gaangen ass, dem Sozialdialog an den Tarifverhandlungen hei zu Lëtzebuerg schwéiere Schued zouzefügen an och d'Aarbechtsbedingunge vun de Salariéen dorënner leiden.

Et geet net méi, an dat ass fir d'wéi villte Mol, wou ënner anerem ech an anerem heibannen am Parlament versiche klorzemaachen, dass et an der Fro vun der Aarbechtszäitverkürzung definitiv net méi drëms geet, se eleng als een Instrument fir Aarbechtsplazen ze schaffen ze gesinn; elo kënn ee jo bal soen, där hätte mer bal genuch zu Lëtzebuerg.

Mä et geet an der Fro vun der Aarbechtszäitverkürzung ëm eng Fro vu gesellschaftlech, vu sozialem Charakter; et geet ëm d'Fro, wéi mer dem Bien-être vun de Salariéen an den Entreprises, déi ënnert Produktivitéit, Compétitivitéit, schnellen, ëmmer méi schnellen Aarbechtsrhythmen a –kadenze musse schaffen an heiansdo och leiden, bäidroen kënnen. Et geet also ëm net méi an net manner wéi ëm d'Fro, wat fir eng Culture d'entreprise mer dann an deem Joerhonnert an an deenen Zäite vu Globalisation zu Lëtzebuerg wëllen hunn.

Déi lescht Etüd vum Statec a vum CEPS hu gewisen, dass d'Aarbechtszäit bei eis éischer iwwert der 40-Stonne-Woch läit an 41 bis 42 Stonnen an der Moyenne bedréit. Si hunn déiselwecht Iwwerschreidung awer och beim Temps partiel gewisen. An deene leschten zéng Joer ass hei am Land eng Zounam vun der Compétitivitéit festgestelt vun iwwer 10% an am Duerchschnëtt vun deene leschten zéng Joer eng Augmentatioun vun der Produktivitéit vun ëm déi 2,5% pro Joer. Wann ee gesäit, wéi heich de Mobilitéitstaux vun de Lëtzebuerger Salariéen ass, nämlech vill méi héich, wéi vill aner Länner dat opweise kënnen, da gesäit een, dass dem Wonsch vun de Patrone no Flexibilitéit vun de Salariéer meeschtens scho Genüge gedoe gëtt, mä de Präis dofir hunn d'Salariéen zu Lëtzebuerg zum gréissten Deel net gesinn.

Och d'Aarbechtslosegkeet steigt net nëmmen an den anere Länner vun der Europäescher Unioun duerch déi konjunkturell Flaute, déi mer am Moment erliewen an Evénementen, déi och sécherlech mat dem 11. September ze dinn hunn. Si steigt och, iwwer e Joer gesinn, zu Lëtzebuerg. Déi Dimensioun bleift also aktuell. Mä et ass trotzdem vill méi déi human Dimensioun an der Fro vun der Aarbechtszäitverkürzung, déi eis hei méi um Häerz läit.

Ech wëllt weder hei, nach an der Kommissioun, wou mer och zesumme mam Kolleg Niki Bettendorf diskutéiert hunn iwwert dat, wat dann d'Verallgemengerung vun der 35-Stonne-Woch a Frankräich lo bruecht oder net bruecht huet, keng steril Polemik maachen. Ech mengen, dass et och nach ze fréi ass, fir definitiv en Urteel ze ginn. All Etüden, déi a Frankräich gemaach ginn, warnen och virun ofschléissenden Urteiler zu der Fro, ob déi Mesure positiv, negativ, mitigéiert oder wéi och ëmmer ze bewäerten ass. Déi Aféierung ass jo deemools vu ville Leit um politesche Bord an och an de Patronatsorganisatiounen kritiséiert ginn an et ass gesot ginn, dass Frankräich domadder definitiv dem ekonomesche Ruin entgéint-



geet. Dat alles ass net agetrueden, a Frankräich huet sech a puncto Schafe vun zousätzlechen neien Aarbechtsplazen éischter besser geschloen, an deene leschten zwee Joer, wéi vill aner Länner vun der Europäescher Unioun. Dat an och, dass d'35-Stonne-Woch a Frankräich fir d'Salariéen am Prinzip en Don ass, weisen all seriö Recherchen, zum Beispill déi lescht vun engem Chercheur vum CNRS vu virun zwou Wochen. Et ass fir vill bal e Geschenk, e Jo zu engem bessere Liewen a Liewenskonditiounen, e Jo zu méi Zäit a méi Investitioun fir d'Familljen a fir d'Schoul. Dat alles awer ouni datt dat – wéi gesot – d'Compétitivitéit vu Frankräich um ekonomesche Plang ébranléiert hätt.

Mir verschlofen hei zu Lëtzebuerg op dësem Gebitt eng grouss Erausfuerderung duerch déi Attitude, déi d'Regierung an d'Majoritéit vun Ufank un, säit Ufank vum Joer 2000, an där Fro hei geholl hunn. Mir verschlofe se. Wa mer den Débat dann endlech féiere géifen, kéinte mer Léieren zéien aus deem, wat d'Aféierung a Frankräich och mat sech bruecht huet. Léieren zum Beispill zu der Fro, wéi ee verhënnert, dass d'Aarbechtszäitverkierzung unilateral zu enger méi héijer Aarbechtsintensivéierung an de Betriber féiert, oder och zu der Fro, wéi een et fäerdeg bréngt, e globalt Zil och doduerch ze erreechen, dass individuell Ofweichungen an de Secteuren, an den Entreprise kontraktuell négociéiert kënne ginn, sou wéi et d'Gewerkschaften hei zu Lëtzebuerg u sech och proposéiert haten, an deem Hearing, dee mer an der Spezialkommissioun mat hinne gefouert hunn.

Ech si frou an dësen Deeg och ze liesen, dass fir d'Europäesch Unioun, déi jo an engem aneren Aarbechtsdokument éischter eng Strategie ubitt, déi an eisen Aen zu net vill féiere wäert, an héchstens eenzel Aarbechtskonditiounen nach verschlechtere wäert, eng Aarbechtszäitverkierzung och a Fro kënnt. Et sinn am Opdrag vun derselwechter EU zu Köln Wëssenschaftler amgaange Pisten opzezeechnen an ze analyséieren, an eng dovunner ass an hiren Aen och déi vun der Aarbechtszäitverkierzung am Zesammenhang mat der Flexibiliséierung.

Déi Prise de position, Här Aarbechtsminister, vun der Regierung zu der Proposition de loi Krecké-Lux am Zesammenhang mat der Aarbechtszäitverkierzung zeechent sech effektiv duerch eng Logik vu gëschter, wann net virgëschter aus. Et kéint ee bal soen: näischt verstanen. A villen anere Riede kënnt dach awer déi Dimensioun erëm, wa mer zum Beispill vun anere Problemer um Niveau vun der Aarbechtswelt schwätzen, wéi Aarbechtsschutz a -bedingungen, oder vum Bien-être au travail. Awer hei an dëser Fro ass den Nee vun der Regierung a vun der Majoritéit kategoresch, fir déi Fro iwwerhaapt emol ze diskutéieren an net emol an enger Verallgemengerung legal ze diskutéieren. Et gëtt nee gesot, anstatt einfach ze versichen, de Gewerkschaften zur Sait ze stoen, fir dass den Equilibre, dee mer am PAN-Gesetz wollten, dann och wierklech Realitéit gëtt. Et wär

schéin, wéinstens dat fäerdeg ze bréngen, mä et gëtt sech eesäiteg an der Tripartite vu vir eran a sech an der Thees op d'Sait vum Patronat gestallt. Dat ass an eisen Aen eng falsch Richtung a wäert – wéi gesot – den Aarbechtskonditiounen vun den Entreprises an de Salariéen net zegutt kommen.

Konklusioun ass, dass d'Patronat bloquéiert an d'Haltung vun der Regierung bestärkt se a sech nach an deem Blocage. Dat schuet de Relatiounen an der Aarbechtswelt. Et ass ausserdem ze fäerten, dass déi nei Tripartiteronn, déi lo am Mäerz ugoe soll, nach eng Kéier während Wochen a Méint eng Ronn wäert gi vu Kommarcékelen, amplaz dass se an d'Essenz, an d'Fundament vun der Fro erageet.

2003 wär dann déi grouss ugesote grouss Revisioun vum PAN-Gesetz virun der Dier. Mir wäerten, Här Aarbechtsminister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, genuch Drock an där Diskussioun maachen, fir der Majoritéit Been ze maachen, fir dass d'Fro vun der Aarbechtszäitverkierzung da méi a méi intensiv diskutéiert gëtt, geneesou wéi dat soll sinn.

Här Clement, ech muss éierlech soen, wann Der an Ärer Interventioun, déi an eisen Ae ganz an der Rei war, gesot hutt, mir mussen dee Spagat fäerdeg bréngen...

### **(Interruptions)**

...vun der Flexicurity a vun deem, wat d'Chamber och mat Ärer Stëmm, a mat de Stëmmen vun der CSV-Fraktioun am November 1997 gewënscht huet, nämlech eng positiv Flexibiliséierung, déi sech duerch Flexibiliséierung an Aarbechtszäitverkierzung auszeechent. Dat hutt Dir, wéi Är Kolleegen, am November 1997 hei gestëmmt.

Här Clement, haalt nach eng Minutt den Otem un!

### **(Interruptions)**

Wann dee Spagat net méiglech ass, doduerch dass d'Patrone souwuel mëndlech wéi schrëftlech, wéi an der Tripartite, gesot hunn, dass si der Meenung sinn, dass et esou e Spagat an hiren Aen an der Tripartite ni gouf, an dass si zur Fro vun der Aarbechtszäitverkierzung näischt aneshtes ze soen hu wéi neen, da muss och d'Politik, vun där Dir verlaangt, dass se den Encadrement fir dat, wat an den Entreprises geschitt, stelle soll, sech iergendeng Kéier iwwerleeën, wéi se dann den Encadrement sou schaaft, fir dass dee Spagat méiglech gëtt. Ech maachen eng Wett mat lech, wann Der och haut nach net bereet sidd, fir op dee Wee ze goen, dass mer spéitstens bei der grousser Revisioun 2003 da gesi wäerten, dass mer zu där Diskussioun komme wäerten. Eppes gëtt bis haut net an der ITM deponéiert, nämlech en Accord, deen dat do virgesäit an am PAN-Gesetz jo méiglech ass. Mä bis haut gëtt et, wéinst dem Blocage, deen d'Entreprises op deem Niveau maachen, null Accorden. Ech wär frou, wann, wéi et jo och de Wunsch vun eiser Kommissioun war a wat mer net fäerdeg bruecht hunn, well den Avis vum Statsrot

iwwert d'Proposition de loi Krecké-Lux en Dönschdeg geholl ginn ass – e bëssen ze spéit fir nach hei matdiskutéiert ze ginn –, mer haut d'PAN-Revisioun an déi Proposition de loi mateneen diskutéiert hätten, well se a sech e Ganzt sinn. Dat war net méiglech. Ech hoffen awer, dass mer, wa mer iwwert d'Proposition de loi hei diskutéieren, eis dann nach eng Kéier déif driwwer ënnerhale kënnen, ob mer net dee Wee do goe mussen, fir der Tarifpolitik an der positiver Flexibiliséierung an den Entreprisë Been ze maachen.

Merci!

**Une voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Als nächste Riedner ass den Här Niki Bettendorf agedroen. Den Här Glesener freet nach d'Wuert.

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.** - Här President, ech géif gär als Rapporteur nach eng Kéier Stellung huelen zu deenen Ausféierungen, déi elo am Zesammenhank mat mengem Projet gemaach ginn. Eier ech zum Här Lucien Lux...

**(Interruption)**

Jo, ech waarde bis meng Kollege geschwat hunn.

Eier ech zum Här Lucien Lux sengem Projet schwätzen, als mandatéierte Spriecher vu menger Fraktioun, géif ech gär als Rapporteur Stellung bezéien, zu deenen Äusserungen, déi gemaach gi sinn am Kader vum Projet de loi, deen ech presentéiert hunn.

**M. le Président.** - Dir kritt als Rapporteur zum Schluss d'Wuert fir Stellung ze huele fir eventuell nach opgeworfe Froen.

Den Här Clement freet och nach d'Wuert.

**M. Lucien Clement (CSV).** - Här President, den Här Lux huet gesot, ech soll den Otem nach zwou Minutten unhalen, en huet mir d'Geleeënheet net méi ginn, fir en erauszeloossen.

**(Hilarité)**

Ech wollt just soen, dee Vote, deen en ugeschwat huet, wou och d'CSV dofir war, hat näischt mat enger genereller Reduzéierung vun der Aarbechtszäit ze dinn.

**(Interruption)**

Neen, neen. Et kann ee sech eng Verkierzung virstellen innerhalb enger Verhandlung, mä et huet näischt domat ze dinn, dass mir op e Wee vun enger genereller Aarbechtszäitverkierzung goe wëllen.

**(Interruptions)**

Dach, ech hunn nogelauschtert.

**M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Här Niki Bettendorf.

**M. Niki Bettendorf (DP).** - Merci, Här President! Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt fir d'éischt deenen zwee Rapporteurs merci soe fir hir ausféierlech mëndlech a schrëftlech Rapporten, dem Här Glesener, wat d'PAN-Gesetz, an dem Här Lucien Lux, wat déi nei Regelung vun der Bezuelung vun de Feierdeeg ubelaangt. Hien hat heizou eng Proposition de loi gemaach, a schonn an der Chamberkommissioun huet een him d'Freed ugesinn, heizou de Rapporteur ze stellen. En huet sech hei zwee Joer méi jonk gefillt.

**M. Lucien Lux (LSAP).** - Zweenenhalleft!

**M. Niki Bettendorf (DP).** - Et war beim initiale Gesetz 1999 och schonn esou, datt den Här Marcel Glesener Rapporteur war an den Här Lucien Lux Co-rapporteur, an awer den Här Lucien Lux de ganze Rapport iwwert d'PAN-Gesetz hei an der Chamber maache konnt, well deemools den Här Marcel Glesener indisposéiert war.

Ech well net méi am Detail op d'Entstehung vum PAN-Gesetz an dorobber, wat d'Zil vun deem Gesetz war, agoen. Eng 25 Gesetzzer goufen deemools ëmgeännert. Et war virauszegesinn, datt et eng Rei vu Schwaachstellen huet misse ginn.

An der Tripartite haten d'Sozialpartner eng gemeinsam Front gebilt fir Aarbechtsplazen ze schafen an d'Aarbechtskonditiounen ze verbessern. D'Regierung wollt deemools eng gesetzlech Basis schafen, fir dës Plang sou efficace wéi méiglech ëmzesetzen. D'Regierung huet net imposéiert, mä huet au contraire op déi verschidde Sozialpartner gelauschtert. Et ass an der zoustänneger Chamberkommissioun net ëmmer einfach gewiescht, fir ze wëssen, wat am Kader vun deene Verhandlungen ofgemaach gouf. D'Salariatsvertrieeder hunn eis gesot: "Dat hei ass esou ze verstoen." D'Patronen hu gesot, wat si verstanen hunn, vun deem wat uitgemaach gouf, an eise Premier, den deemolegen Aarbechtsminister, huet eis da seng Versioun ginn.

D'PAN-Gesetz ass d'Resultat vun engem Accord, deen tëschent der Regierung an der Tripartite geschloss ginn ass. De Projet gouf zwar vun der Chamber iwwerschaft, mä dat am Respekt vun de getraffenen Ofmaachungen. D'PAN-Gesetz ass den 12. Februar 1999 gestëmmt ginn an ass den 1. Mäerz vum selwechte Joer a Kraaft getrueden.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Initiativ vun der Regierung war a mengen Äen wichteg, well si hiren Deel zu hirem Aarbechtsklima an der Situatioun um Aarbechtsmaart, wéi mer se kennen, bäigedroen huet. Trotzdeem hat dat Gesetz och Schwächen, déi sech eréischt aus der Praxis erausschiele konnten. Ech gestinn der viregter Regierung zou, datt et bei der Uwendung vun deem Gesetz zu enger Rei vu Problemer huet komme mussen, an déi versiche mer haut deelweis ze berengegen.

D'Reaktioun vum Gesetzgeber war pragmatesch an effikass. D'Problemer sinn an engem Groupe de travail

ënnert d'Lupp geholl ginn. D'Konklusiounen an d'Recommandatiounen vum dësem Groupe de travail sinn dunno de Sozialpartner presentéiert ginn a finalement vum der Tripartite den 9. November 2000 ugeholl ginn.

Den Objectif vum dem Projet de loi 4763 ass et deemno, fir déi Léisungen, déi vum der Tripartite am Kader vum PAN-Gesetz ugeholl gi sinn, ëmzesetzen.

Dofir verstinn ech d'Attitud vum de sozialistesche Kollegen net ganz – si wëssen nach net genee, wéi se zu dëse Verbesserung vum PAN-Gesetz stinn –, well et wor an der leschter Kommissiounssitzung vum der Chamber nach net sécher, wou de Pendel géif hischloen, ob si d'Gesetz géife matstëmmen, sech enthalten oder souguer dergéint géife stëmmen. Mir hunn awer elo de Mëtteg vum Här Lucien Lux héieren, dass en zwar schwéieren Häerzens mä awer dach géif fir dëse Projet de loi stëmmen.

De Gesetzesprojet dréit och de Motioun Rechnung, déi am Kader vum der Aktualitéitsdebatt iwwert d'Aarbecht de 16. Mäerz 2000 déposéiert gi sinn.

Déi éischt wichteg Innovatioun, déi de Gesetzesprojet vum haut bréngt, dat ass bei der Période de référence. Hei sinn Ännerunge vum der Prozedur virgesinn, déi den Arbeitgeber muss anhalen, wann hien eng Autorisation ministérielle fir eng Verlängerung vum der Période de référence iwwer véier Wochen eraus freet. Esou eng Demande muss elo esou motivéiert sinn, dass jiddferee genau iwwert d'Organisatioun vum der Aarbecht an dem Betrib informéiert gëtt an ass an all Décisioun kann en connaissance de cause geholl ginn.

Des Weidere gëtt am neie Gesetz och virgesinn, dass d'Schlichtungsprozedur no dem zweete konsekutiven negativen Avis vum der Personaldelegatioun oder dem concernéierte Personal kann ulafen.

Hei hat ech schonns 1999 e puermol drop higewisen, dass d'Regelung wéi se wor, wou et geheescht huet no véier negativen Avisen, vill ze spéit kéim, besonnesch bei Referenzperioden, déi méi laang woren. Bei Referenzperiode vu sechs Méint zum Beispill, wier et mat véier negativen Avisen ni zu engem richtegen Dialog tëschent Patron a Salarié komm.

De Gesetzesprojet gesäit och vir, dass neierdings de POT gewëssen Detailer vum Droit commun muss mentionéieren, wéi zum Beispill den Ufank an de Schluss vum der Période de référence. Den Här Rapporteur huet dorop higewisen. Ech wëll net säi Rapport hei widderhuelen, mä wichteg ass, dass d'Période de référence elo kann e Mount bedroen, wat virun allem eng wichteg administrativ Vereinfachung fir d'Betriber ass. D'Paie gi meeschtens all Mount bezuelt. Et ass virun allem ze verstoe bei dem Horaire mobile, dass et sech besser schaffe léisst mat Referenzperiode vum engem Mount amplaz vu véier Wochen.

Justement ass och elo virgesinn, dass den Horaire mobile sech dem POT ka substituieren. Esou kann de Salarié

sech seng Aarbechtszäiten, natierlech am Respekt vum de legalen Dispositiounen wéi och no de Besoine vu sengem Employeur, besser andeelen.

Et geet drëms, esou vill Flexibilitéit wéi méiglech ze schafen, ouni de Fonctionnement vum Betrib ze stéieren, an dat am Intérêt vum Salarié genau esou wéi am Intérêt vum Patron.

Wat ons Diskussiounsstoff ginn huet, wor de Fait, dass am Kader vum dem Horaire mobile Stonne vum enger Referenzperiode op déi aner kënnen iwwerdroe ginn. Dat gëtt net vu jidderengem acceptéiert, well gefaart gëtt, hei géifen Iwwerstonnenzouschléi agespuert ginn. Ech verstinn dat, et ass awer och am Intérêt vum Salarié, deen zum Beispill léiwer Fräizäit huet. Dëse Projet de loi gëtt dat erëm, wat an der Tripartite uitgemaach gouf, an ech respektéieren dësen Accord.

Da gesäit de Gesetzesprojet nach vir, a wat fir enge Fäll den Arbeitgeber kann de POT ausser Kraaft setzen, andeems hien en onviresinnent Ereignis invoquéiert.

Hei war et wichteg emol ze definéieren, wat en "événement imprévisible" genau ass, fir ze verhënnern, dass vum där Notioun abuséiert gëtt an domat de POT kann de facto ëmgaange ginn an esou senger Substanz beraubt ginn.

Ech sinn trotz dësem neien Text iwwerzeegt, dass den Événement imprévisible nach fir vill Gespréichsstoff wäert suergen. Dofir ass virgesinn, dass déi Concernéiert kënnen d'Inspection du Travail et des Mines ëm hiren Avis froen, falls et net klor ass, ob et sech wierklech ëm een "événement imprévisible" handelt. Innerhalb vum zwou Woche muss d'ITM sech dann zu dëser Nofro äusseren. Am Fall wou d'ITM mengt, dass den Événement prévisibel war, da muss déi geleeschten Aarbecht als Iwwerstonnen unerkannt ginn.

De Gesetzesprojet, dee mir haut stëmmen, gesäit awer och nach en anere Punkt vir, deen d'Kritik esouwuel vum der Chambre de Travail wéi och vum der Chambre des Employés privés ausgeléist huet. Ier ech op dëse Punkt aginn, wollt ech awer ënnersträichen, dass déi zwou Chamberen am Prinzip mam Projet de loi averstane sinn.

Den Ustousspunkt sinn d'Iwwerstonnen. De Gesetzesprojet gesäit nämlech vir, dass déi Iwwerstonnen, déi an enger Période de référence prestéiert ginn, kënnen op déi nächst Periode iwwerdroe ginn.

Hei hätten et déi zwou Chambre léiwer gesinn, wann dës Iwwerstonne géifen zum Iwwerstonnentarif ausbezuelet ginn. Si mengen, dass all Aarbecht, déi iwwert déi legal oder déi konventionéiert Dauer erausgeet, soll als Iwwerstonn ugesinn an och esou bezuelt ginn.

Ech kommen hei net derlaanscht, fir mech iwwert esou Remarken e bëssen zumindest ze wonneren, well den heitege Gesetzesprojet jo awer d'Konklusioun, déi tëschent de Sozialpartner am Kader vum der Tripartite geholl gouf, soll ëmsetzen.

Deemno berücksichtegt hien also de Wëlle vun alle Sozialpartner an dierft dofir als Kompromiss och valabel sinn. Ech ka verstoen, firwat et zu dësem Kompromiss kouw. Et gëtt nämlech och vill Salaréen, déi léiwer fräi Zäit hu wéi bezuelten Iwwerstonnen.

Alles am allem sinn ech iwwerzeegt, dass d'Ännerungen, déi duerch dëse Projet virgesi sinn, méi betriebsbezu sinn an dass si et esou de Betriber erméiglechen, besser d'Dispositioun vum PAN-Gesetz ëmzesetzen.

Här President, wéi ech gelies hunn, dass fir dëse Projet als Riedezäit de Modell 3 virgesi wär, dat heescht stonnelaang Riedezäit, konnt ech mir virstellen, dass haut en allgemengen Débat iwwert d'Aarbechtszäitverkiezung ginn. Den Här Lucien Lux huet a sengen Ausféierunge jo och iwwert d'Aarbechtszäitverkiezung geschwat, an ech wëll dofir vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir meng Vuen zu dem rezenten Débat iwwert d'35-Stonne-Woch zum Ausdrock ze bréngen.

Dat initiaalt PAN-Gesetz gouf mat sozialistescher Regierungsbedeelegung den 12. Februar 1999 gestëmmt, fir d'Mise en oeuvre vum Plan d'action en faveur de l'emploi ze erméiglechen.

De 16. Mäerz 2000 hate mer en Débat d'actualité sur la politique de l'emploi an zur gläicher Zäit gouf d'Proposition de loi Krecké-Lux deponéiert, déi op d'35-Stonne-Woch plus fënnef Deeg Congé méi am Joer hinziilt.

**M. Lucien Lux (LSAP), rapporteur.**- Just fir déi Leit, déi vu Flexibiliséierung betraff sinn.

D'sechst Urlaubswoch ass just fir Schichtaarbechter a Leit, déi ënner schwéiere Konditiounen schaffen, wann ech glift.

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Egal, et ass de Schrëtt a Richtung 35-Stonne-Woch plus fënnef Deeg Congé méi. Dozou wollt ech kuerz Folgendes soen:

Ech verstinn, dass wann ee vun der Majoritéit an d'Opposition wiesselt, dass d'Approche kann a ganz oft och muss eng aner sinn, mä ob dat esou séier muss goen, do hunn ech natierlech meng Bedenken.

Am PAN-Gesetz gouf festgehalen, dass bei Kollektivvertragsverhandlung misst iwwer Aarbechtszäitverkiezung verhandelt ginn, an dat fanne mir als Demokratesch Partei och ganz richtig.

Mä knapps e Joer méi spët, nodeems bis dohinner ganz wéineg Kollektivvertragsverhandlung stattfonnt haten, soen d'Kollege Sozialisten an hirer Proposition: "Force est de constater que les dispositions innovatrices de ladite loi n'ont que partiellement abouti aux résultats escomptés" an als Schëllege gëtt direkt d'Patronat duergestallt.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dir waart dach an därselwechter Sitzung wéi mir!

**M. Lucien Lux (LSAP), rapporteur.**- Dir wësst, dass d'Gewerkschaften present waren an där Sitzung vum Januar 2000.

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Dann hätt Der solle soen, dass dat d'Vue ass vun de Gewerkschaften. Dir sidd hei als Vertrieeder vum Vollek an net eleng als Vertrieeder vum OGB-L.

**M. Lucien Lux (LSAP), rapporteur.**- An Dir de Vertrieeder vun de Patronatsorganisatiounen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ech muss soen, Här Bettendorf, Dir waart e gudde Buergermeeschter.

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Nach ni a mengem Liewe war ech Patron, ausser Patron an der Gemeng, an do hunn ech haut mä leschte Schaffdag, an dofir géing ech lech bieten, mech hei weiderfueren ze loossen.

Wat kann een dervun halen, wann an engem Saz vun "dispositions innovatrices" geschwat gëtt, fir dann awer direkt no engem Joer schonn d'Gesetz a Fro ze stellen?

Ech hunn et hei an der Chamber schonns gesot, dass et automatesch zu Aarbechtszäitverkiezung kënn. Kee vun eis dréit d'Rad vun der Zäit zrëck. D'Zäiten, wou mer dem Papp d'Gamelle op d'Schmelz gedroen hunn, wann en de laangen Tour hat, déi si Gott sei Dank eriwuer.

Mir däerfen op där anerer Säit awer op kee Fall virun de Won sprangen a mir mussen och hei déi spezifesch Lëtzebuerger Situatioun respektéieren.

Mir haten emol en Educatiounsminister, deen huet virun de Walen allen Enseignanten am Primaire eng Reduktioun vun dräi Stonnen d'Woch accordéiert mat dem Resultat, dass mir haut vill Chargés de cours brauchen an e grouse Problem hunn.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Solle mer et zrëckhuelen?

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Wann ech mech net ieren, stongen d'Chargés de cour haut virun der Dier.

Deemools wor gehofft ginn, d'Enseignante géifen hir dräi Stonnen als Iwwerstonne selwer halen an domat hir Pai verbessern. Deem war awer net esou.

Ech wëll mat dësen Aussoen näischt aneshtes soen, wéi ze warnen, allze séier op de Wee vun esou enger rabiater Aarbechtszäitverkiezung ze goen, ouni déi Aarbechtskräften ze hunn, déi mir brauchen. Dat ass och keen Développement durable. Wa mir all Joer d'Zuel vun de Frontalieren drastesch erhéijen, da brauche mer eis och net ze wonneren iwwer verstoppten Autobunnen. Theoretisch, wann een dat einfach héichrechent, wieren dat 30.000 zousätzlech Plazen, déi mer besetze missten.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dat do sinn Argumenter fir op d'48-Stonne-Woch zrëckzekommen.

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Ech hu mech gefrot, ob eng Verkiezung vun der Aarbechtszäit wierklech e Fortschrëtt



fir eist Land géif duerstellen. Rationell gesinn, gesinn ech net de Sënn vun esou enger Initiativ.

Mir hunn hei keng Situatioun wéi zum Beispill a Frankräich. Dir Dammen an Dir Hären, d'35-Stonne-Woch ass bei eisen Noperen agefouert ginn, fir Aarbechtsplazen ze schafen.

**M. Lucien Lux (LSAP), rapporteur.**- Net nëmmen.

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Haut de Muere gouf d'Resultat am Radio an op der Televisioun bekannt ginn. Frankräich huet 2% Chômeure méi trotz 35-Stonne-Woch. Dat ass d'Realitéit.

#### *(Interruptions diverses)*

**M. le Président.**- Loosst dach de Riedner schwätzen! Dir sidd alleguer agedroen!

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech entschëllege mech fir mäin Zwëscheruff, mä heiandsdo doen déi Saachen engem am Kapp einfach wéi.

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Dat soll lech och wéi dinn, well just Dir als Grénge sollt iwwerleeën, wat et fir den Développement durable bréngt, wa mir zousätzlech esou vill Frontalieren an d'Land bréngen. Dir sidd déi Éischt, déi jäizen, d'Autobunne wiere verstoppt, a wa mer eppes solle maachen, fir dass mer hei besser fueren, da musst Der lech e bësse konsequent sinn.

#### *(Interruptions diverses)*

**M. le Président.**- Här Bausch, Dir sidd jo agedroen. Dir hutt herno nach Geleeënheet, Stellung ze huelen.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Ech hoffen, datt den Här Bettendorf herno nach hei ass, wann ech äntwerten, well da kann en d'Ouere spëtzen, fir meng Meenung ze héiere wat ech hale vu sengen Aussoen.

**M. le Président.**- Dir sollt den Här Bettendorf net dauernd ënnerbriechen a steieren. Hien huet d'Recht hei seng Meenung ze soen, an Dir hutt d'Recht herno Stellung ze huelen, a wann et fäerdeg ass, da gëtt ofgestëmmt an d'Majoritéit entscheet. Dat ass d'Spill vun der Demokratie an doru solle mer eis halen.

**M. Lucien Lux (LSAP), rapporteur.**- Dat do ass e ganz schwaacht Argument fir e President!

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Dat Schéinst ass, Här President, dass wa mer herno ofstëmmen, mer zimlech alleguer wäerten de Projet de loi stëmmen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ech mengen awer net!

#### *(Interruptions diverses)*

**M. le Président.**- Et huet soss keen d'Wuert wéi den Här Bettendorf an déi aner géing ech bieden opmierksam nozelauschteren, fir dass se herno en connaissance de cause sinn, wa se hir Décisioun huelen.

**M. Niki Bettendorf (DP).**- De Modell aus Frankräich mécht vläicht Sënn bei eisen Noper, obschonns en och

do staark kontestéiert ass, mä et ass awer méi wéi sécher, dass dee Modell net der Lëtzebuerger Realitéit entsprécht.

Eis Economie ass no beim Plein emploi, mat engem Chômagetaux, dee bei 2,7% läit.

Och wann ech fannen, dass dat nëmmen eng Statistik ass an alles muss gemaach gi fir d'Tragedie vun der Aarbechtslosegkeet ze verhënneren, mä kuckt emol ronderëm. 2,7% Chômage an engem Moment, wou d'Weltkonjunktur net esou roseg ass.

Zu Lëtzebuerg siche mer nach ëmmer qualifizéiert an onqualifizéiert Aarbechtskräften. Mir hu Problemer se ze fannen, souguer am noe Grenzraum fanne mer se net méi.

Dozou kënnt, dass d'35-Stonne-Woch bestëmmt net géif dozou bäidroen fir Lëtzebuerg méi attraktiv ze maachen als Standuert fir auslännesch Betriber, déi drun denke sech bei eis ze implantéieren.

Ech denken do am léifsten u Betriber ouni Gestank, ouni Stëbs, déi Plus-valuë schafen. Mir mussen haut esouguer drun denken, dass, wa mer Betriber heihinner kréien, et der sinn, déi hoffentlech net ze vill Aarbechtsplaze schafen, well mer keng Leit hunn, fir déi Plazen ze besetzen.

Et géif mir also méi logesch schéngen, esou Betriber op Lëtzebuerg ze kréien, wéi ech dat elo grad gesot hunn.

Fir nach eng Kéier op de Kuch zrëckzekommen, deen ee muss baken, fir ze deelen: Ass et net besser, mir probéiere méi e grouse Kuch ze baken, anstatt de Leit méi kleng Stécker ze zerwéieren.

Dat, Här President, zur 35-Stonne-Woch.

Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 4763 soll dozou déngen, fir d'Applikatioun vum PAN-Gesetz a verschiddene Punkte méi einfach a méi kloer ze maachen. Et geet hei drëm, fir e puer Modifikatiounen um bestehende Gesetz ze maachen, ouni awer elo d'PAN-Gesetz u sech ganz ze änneren.

Mir wäerten d'nächst Joer nämlech de Bilan vum PAN-Gesetz maachen a mir wäerten dann op Basis vun deene Konklusiounen eng méi fundamental Analys vum Gesetz musse maachen a wahrscheinlech och nach méi fundamental Ännerunge virhuelen.

Trotzdem sinn déi Modifikatiounen vum heitege Projet wichteg an ech bréngen dofir och den Accord vun eiser Fraktioun.

Erlaabt mer awer och nach kuerz op de Projet de loi 4828 vun der Regierung an der Proposition de loi 4608 vum Lucien Lux anzegoen, dëse Projet an d'Proposition mat deemselwechten Numm: d'Reform vun der Regelung vun de Feierdeeg.

Wou d'PAN-Gesetz an der Chamber diskutéiert a gestëmmt gouf, hate mir als Demokratesch Partei déi getrafte Regelung gutt fonnt.

Et wor esou, datt wann e Feierdag op e Sonndeg gefall ass, da gouf bei eis méindes net geschafft.

Mir ware vläicht déi Eenzeg an Europa, déi esou eng Regelung haten, an et koum oft vir, datt Leit aus den Nopeschlänner méindes op Lëtzebuerg komm sinn an da wor bei ons alles zou, obschonns esou e Feierdag a kengem Kalenner ze fanne war.

Wou dat ofgeschaaft gouf a jiddereen, deen op engem Sonndesfeierdag huet misse schaffen, e fräien Dag bannen den dräi éischte Méint zegutt hat, do hat kee vun ons geduecht, datt d'Bezuele vun der Sonndesfeierdagsaarbecht kënn falsch interpretéiert ginn.

Dofir ass dat Gesetz vun haut vu Wichtegkeet, well hei mat de falschen Interpretatioune Schluss gemaach gëtt. Den Aarbechtsminister, den Här François Biltgen, huet vun Ufank u kloer gemaach, wéi misst bezuelt ginn.

D'Problematik ass erkannt ginn an huet sech gestallt de 15. August 1999, esou wéi de 26. Dezember vum selwechte Joer. De Rapporteur huet den Detail explizéiert an ech ginn net méi dorop an.

Just nach fir d'Geschicht vum Regierungsprojet an der Proposition Lux. Si si praktesch identesch. Just huet d'Proposition Lux eng Retroaktivitéit vum 1. Mäerz 1999 u virgesinn, fir déi awer de Conseil d'Etat eng Opposition formelle gemaach huet a Jurisprudenzen zitéiert huet.

Dat war et, Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mat dësem neien Text dierft et elo keng Schwierigkeet méi ginn an dofir wëll ech och fir dëse Projet den Accord vun der Demokratescher Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**M. Aly Jaerling (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och am Numm vum ADR dem Här Rapporteur félicitéiere fir säin ausféierleche Rapport, deen dat erëm gëtt, wat eng Majoritéit vun der zoustänneger Kommissioun decidéiert huet.

Och wann eng generell Revisioun vum PAN-Gesetz eréischt am Joer 2003 virgesinn ass, esou erlaabt mer awer, ier ech op den eigentleche Sujet vun dëser Debatt aginn, mech e bësse mat der Philosophie vum PAN-Gesetz ausenaner ze setzen, esou wéi ech se gesinn a wou ech d'Geleeënheet net wëll verpassen, fir och eng Kéier driwwer ze schwätzen.

D'PAN-Gesetz krut am Fong säin Urspronk ënnert der Lëtzeburger Europa-Présidence um Beschäftigungssommet vum 20. an 21. November 1997, an dat op Drock vun 30.000 europäesche Salarieën, déi an der Stad manifestéiert hunn a mat Nodrock Mesurë gefuerdert hunn, fir de Chômage an Europa ze reduzéieren an endlech a Richtung Vollbeschäftegung ze schaffen an och méi sozial Ofsécherunge fir d'Salariat anzeféieren.

Et ass op deem europäesche Sommet ënner anerem déi kuriéis Konklusioun erauskomm, de Chômage wier keen europäesche Problem, mä e spezifesch nationalen, deen déi eenzel State misste mat nationale Mesurë versichen an de Grëff ze kréien.

Dat ass datselwecht, wéi wann ee géif soen, d'Mondialisierung oder déi weltwäit dereguléiert Liberalisierung wier e reng nationale Problem a misst och national an de Grëff ze kréie sinn.

Wann de Chômage, dee jo haaptsächlech vun de Multië provoziert gëtt an och nëmmen deenen hiren Interessen notzt, esou einfach an de Grëff ze kréie wier, da wiere mer hei séier fäerdeg an da bräichte mer keng laang Diskussiounen ze féieren.

Mä esou laang wéi et déi international Economie arrangéiert, dass d'Salarieë musse biedele goe fir Aarbecht ze kréien an domadder hir Aarbecht och ganz oft ënner hirem Wäert mussen ubidden, brauche mer vun der Vollbeschäftegung emol net méi ze dreemen.

Et kënn nach dobäi, dass d'Ausweitung vun Europa an déi verschidden europäesch Traitéeen dozou gefouert hunn, dass de Chômage geklommen ass. De Chômage ass effektiv a verschiddenen europäesche Länner do-duerch geklommen, well fir zum Beispill d'Konvergenzkritäre fir an d'europäesch Währungsunioun ze erfëllen, nëmme wirtschaftlech Kritäre verlaangt gi sinn a keng sozial.

Europa huet sech nach ni richteg Méi ginn, fir sozial Mindestnormen anzeféieren. An déi sou genannte Sozialcharta ass a bleift eng Illusioun, wa mer déi neoliberal Lobbyen an den Europainstanzen nach laang gewäerde loosse.

Verschidde Konditiounen aus den EU-Traitéeen hunn dozou gefouert, dass a verschiddene Länner déi wirtschaftlech Kritären op d'Käschte vun der sozialer Ofsécherung opgebauscht gi sinn an d'Betribler sech duerch Personalofbau sanéiert hunn, fir de Bruttosozialprodukt ze steigern.

Här President, d'PAN-Gesetz gouf den 12. Februar 1999 agefouert, nodeem et an der Tripartite hanner verschlossenen Dier laanscht d'Parlament gemauschelt ginn ass. Dëst Gesetz sollt am Fong dat erëmspigel, wat op europäeschem Niveau vun den EU-Staten op nationalem Niveau gefuerdert gouf. Et sollt en Instrument ginn, wat de Chômage an de Grëff sollt kréien an dofir eng Rei Beschäftigungsmesuren aféieren, déi et erlabe sollten hei am Land a Richtung Vollbeschäftegung ze wierken, wat jo eigentlech eis allerhéchste Prioritéit hätt sollte sinn, ouni dass mer vun Europa dozou opgefuerdert hätt misste ginn.

Doniewent huet d'PAN-Gesetz awer eng ganz Rei vun anere gesetzleche Bestëmmungen ëmgewandelt, sief et am Aarbechts- oder souguer am familjepolitesche Beräich.

E Beispill dovunner ass d'Gesetzgebung iwwert d'Feierdeeg, wou mer jo haut och nach mussen driwwer légiférieren, well eng Rei Kontradiktiounen do festzestellen waren.

Ech wëll hei elo net d'ganz PAN-Gesetzgebung nach eng Kéier Revue passéiere loossen, mä awer e puer Wuert iwwert d'Beschäftigungsmesurë verléieren, besonnesch am Zesammenhank mat där ongesonder paralleler Solidarwirtschaft, déi amgaang ass sech ëmmer méi auszeweiden, an déi, wann ee se objektiv analyséiert, menger Usicht no kontraproduktiv ass fir d'Privatwirtschaft. Et kënnt een esouguer esou wäit goen a se als Concurrence déloyale géintwärt der Privatwirtschaft ugesinn.

Et misst eigentlech d'Roll vun der Aarbechtsmaartverwaltung sinn, deene Leit, déi eng Aarbecht sichen, och eng Aarbecht an engem vernünftegen Zäitraum ze verschafen, an och innovativ ze wirken, fir nei Méiglechkeeten zur Aarbechtsplazverschafung ze entwéckelen.

Elo ass et awer esou, dass d'Aarbechtsmaartverwaltung, aus wat fir engen Ursachen och ëmmer, dës Roll net gerecht ka ginn.

Esou hu sech an de leschte Joren ëmmer méi Privatinitiativen entwéckelt, déi awer schlussendlech mat staatlecher oder kommunaler Ënnerstëtzung wëllen d'Roll vun der Aarbechtsmaartverwaltung iwwerhuelen a versichen de Chômeuren Aarbecht ze verschafen, an dat, andeem se Projeten entwéckelen an och ausféieren, meeschtens mat de Gemengen oder mam Stat, déi wuel Chômeure beschäftegen, mä wou ee sech awer d'Fro muss stellen, ob esou Mesuren de richtege Wee sinn, fir laangfristeg ofgesécher Aarbechtsplazen ze schafen.

Et sinn zäitlech determinéiert Projeten, déi awer net vill dozou bäidroen, dass d'Leit an de Betriber fest placéiert kënne ginn.

Et gëtt eng Rei vun deene Beschäftigungsinstitutionen, déi souguer iwwer honnert Leit ouni Aarbecht a Betreierung hunn, mat deene se Projeten ausféieren. Et muss ee sech d'Fro stellen, ob déi Projeten am Endeffekt d'Gemengen oder de Stat net méi deier ginn, wéi wa se vun enger Privatentreprise ausgefouert géifen.

Et stellt sech zudeem och d'Fro, ob een all déi Beschäftigungsinstrumenter oder Mesuren net emol misst op hire gesamte Käschtepunkt analyséieren an och emol enger staatlecher Kontrollinstanz ënnerwerfen, fir erauszefannen, ob et net besser gewiescht wier, fir all déi Suen, wat jo Steiergelder sinn, der Privatwirtschaft zur Verfügung ze stellen, mat der Oplag fir Aarbechtsplazen ze schafen oder se zumindest an d'Aarbechtsmaartverwaltung ze investéieren, fir déi esou auszubauen, dass se hirer Roll als Aarbechtsmaartvermittler endlech emol effektiv ka gerecht ginn.

Wann een zudeem nach analyséiert, vu wem all déi Beschäftigungsinstitutionen agefouert goufen an en-

ner dem Protektorat vu wat fir enger Regierungs-kolitioun, da kënnt engem schonn de Verdacht kommen, dass et sech hei ëm verstoppte Subventionen un déi Gewerkschaften handelt, deenen net nëmmen do de Monopol zougeschouert ginn ass, mä och nach aner Monopole weider sollen an Zukunft zougeschouert ginn.

Här President, eng aner Beschäftigungsmesur, déi am Kader vum PAN-Gesetz fonctionnéiert, ass de Contrat auxiliaire de travail, de sou genannte CAT.

Do gëtt Méiglechkeet geschafen, fir e Salaré iwwer eng bestëmmten Zäit laang ze beschäftegen, mam Mindestlohn, versteet sech, ouni datt awer kloer Oplage virleien, fir een definitiv anzustellen.

Dat féiert derzou, datt d'Patronat, an do schléissen ech d'Gemengen an de Stat och mol net aus, ganz oft op esou CAT zrëckgräift, fir domadder fest Astellungen ze vermeiden.

Et wier emol interessant gewuer ze ginn, wéi vill CAT schlussendlech effektiv an definitiv an deem Betrib agestellt gi sinn, wou se während hirer CAT-Zäit geschafft hunn, meeschtens niewent Leit, déi dat Duebelt oder souguer dat Dräifacht verdéngt hu wéi si, wat jo och net grad motivéierend ze si schéngt.

Här President, wat déi grouss Linne vum Gesetzesprojet, dee mer haut hei virleien hunn, ubelaangt, sou kann een domadder averstane sinn. Net d'accord kann een awer als Gewerkschafter sinn, an ech mengen dat ass kloer, wann een iwwert d'Netbezuele vun den Iwwerstonne bei den Imprévuen nodenkt: Ech mengen, do gëtt et Interpretatiounen iwwert déi Imprévuen, mat deene mer an Zukunft ganz vill Problemer wäerte kréien a wou mer och wäerten alt erëm eng Kéier op Gerichte-uerteeler a Jurisprudence musse waarden, bis dann definitiv kloer ass, wat een Imprévu ass.

Wann ech een einfacht Beispill huelen: Op engem grouse Betrib wéi der ARBED, wann do all zweeten Dag e Motor oder eng Maschinn futti fiert an dat gëtt als Imprévu aklasséiert, a wa mer elo wëssen, dass déi Leit, déi do déi Saachen ëmmer gefléckt hunn, da 25 an no véier Stonne 50% Iwwerstonne kritt hunn, an dat gëtt elo als Imprévu erkläert, da schaffen déi Leit praktesch fir näischt. An da stellen ech mer d'Fro: Wat geschitt dann, wann déi Leit da refuséieren, Iwwerstonnen ze maachen, well se déi net méi bezuelt kréien? Da stellen ech mer effektiv d'Fro: Wat geschitt dann? A wat fir eng Situatioun gerode mer dann?

Ech schwätzen hei vun der...

### **(Interruptions)**

...Interpretatioun vun deenen Imprévuen, well mer jo ganz genau verschidde Patrone kennen. Ech mengen, Här Glesener, Dir kennt se jo och an dofir brauche mer eis näischt virzemaachen, mir wësse jo wéi dat an Zukunft wäert ausgesinn.

Et gëtt awer ee spezielle Punkt, wou ech hei muss meng formell Oppositoun ervirbréngen, an dat ass deen am Zesummenhang mat der Referenzperiod vum Plan d'organisation de travail, dem POT. Och iwwert déi Aart a Weis, wéi versicht gëtt ze verhënnere, dass d'Supplémenter fir d'Iwwerstonnen ausbezueelt solle ginn. Prinzipiell wëll ech hei emol kloerstellen, datt all Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit, laangfristeg gesinn, géint d'Interesse vum Salarié ass. Och géint d'Philosophie vun enger seriöser Regulariséierung vun der Wochenarbeitszäit an der Aarbechtszäit iwwerhaupt, esou wéi dat ursprüngelech an eise Gesetzestexter virgesi war.

Am Artikel 4 vum PAN-Gesetz vum 12. Februar 1999 ass festgehalen, datt déi normal Wochenarbeitszäit 40 Stonnen ass, oder drënner, wann dat kollektivvertraglech ofgemaach ass.

Wann e Salarié iwwert déi Wochenarbeitszäit eraus beschäftegt gëtt, sou muss en innerhalv vun enger Referenzperiod vu véier Wochen op déi gesetzlech oder kollektivvertraglech festgeluegt Wochenarbeitszäit kommen, oder et si Supplémenter fir Iwwerstonne geschëllt.

D'Referenzperiod kann doriwwer eraus no Consultatioun mat de Salariatsvertrieder ausgedehnt gi jee no Besoin vum Service, mä et ass awer kloer, an dat ass och am Gesetz festgehalen, dass all prestéiert Aarbecht, déi iwwert d'Referenzperioden erausgeet, als Iwwerstonne muss vergüt ginn.

Obwuel ech als Gewerkschafter ni waarm ka si fir Referenzperioden, déi iwwer e Mount erausginn, sou war et awer am ursprüngelechen Text vum PAN-Gesetz ganz kloer, datt de Salarié mist all Stonn, déi iwwert d'Referenzperiod erausgeet, als Iwwerstonn vergüt misst kréien.

Wann ee weess, datt d'Referenzperioden a verschiddene Secteure bis zu engem Joer kënnen autoriséiert ginn, da kann ee sech jo virstellen, dass dat automatesch och mat Lounverloschter fir de Salarié ka verbonne sinn.

Wann een de Gesetzestext liest, deen elo hei virläit, da kritt een awer als Gewerkschaftler wierklech fuerchtbar de Kapp wéi. De Gesetzestext gesäit vir, datt am Kader vum Horaire mobile déi geschaffte Stonnen, déi iwwert d'Referenzperiod erausginn, net mat deene gesetzlech virgesinnene Supplémenter bezueelt ginn, mä ouni Supplément op déi nächst Referenzperiod kënnen iwwerdroe ginn. Wann een dat elo extrem duerstellt, da kann dat esou wäit goen, datt déi betraffe Salariéer ni op hir gesetzlech oder kollektivvertraglech festgeluegten Aarbechtszäit kommen.

Ech hunn an der zoustänneger Kommissioun e Beispill vun engem Betrib zitéiert, wou et mat deem System do kann derzou féieren, dass dat fir déi betraffe Salariéer kann e Lounverloscht vun iwwer 30% mat sech bréngen. Et ass eng Firma, déi mat Zoustëmmung vun

de Vertragsgewerkschaften d'Iwwerstonnen eréicht vun der 195ter geschaffter Stonn u brauch ze bezuelen, well dat wéinst hirem speziellen Turnus iergendwéi net anescht konnt goen. Dat war eng Regelung, déi dem Betrib zegutt komm ass. Dat war e Kompromiss, dee wéih gedoen huet, mä deen awer, laangfristeg gesinn, zum soziale Fridden am Betrib bäigedroen huet.

Déi Leit, déi do schaffen, déi schaffen awer an der Moyenne 230 Stonnen de Mount, eben duerch déi Turnussen, déi se do ze fueren hunn. Wann et also elo esou ka sinn, datt déi Iwwerstonnen net méi mat Supplémenten no der Referenzperiod rémunéréiert musse ginn, mä einfach...

### **(Interruptions)**

...kënnen an eng nächst Referenzperiod iwwerdroe ginn, dann ass de Loun, deen déi Leit sech jorelaang duerch haart a laang Stonnen erschafft hunn, futsch a se hunn e Lounverloscht vun ëm déi 30%.

Et muss ee sech iwwerhaupt d'Fro stellen, wéisou eng Gewerkschaft kann autoriséieren, datt Iwwerstonnen eréischt no 195 Stonne geschëllt sinn, an net no 173 Stonnen de Mount, esou wéi d'Gesetz et am Kader vun der 40-Stonne-Woch virgesäit.

Här President, esouwuel d'Chambre de Travail wéi och d'Chambre des Employés Privés hunn op dëse Mësstand an dësem Gesetz higewisen,...

### **(Interruptions)**

...hir Awänn sinn awer leider net zréckbehalde ginn, mat deenen Argumenter, wou den Här Rapporteur a verschidden anerer och hei virgedroen hunn.

Ech kommen awer bei dëser Diskussioun net derlaanscht, op eng Kuriositéit hinzewisen, déi am Zesummenhang mat deenen Avisen do, awer och mam Avis vum Statsrot, läit.

An der Tripartite, wou deen onsozialen Text iwwert den Horaire mobile jo gemauscht ginn ass, sëtze Vertrieder vun deenen national representative Gewerkschaften, déi dat jo dann och do musse guttgeheescht hunn. Et sinn dat normalerweis d'Presidente vun deenen zwou Gewerkschaften.

Am Plenum vun deenen zwou Beruffschambere sëtzen dann och führend Vertrieder vun deenen zwou Gewerkschaften, meeschtens och d'Presidenten, a bestëmmen do wou et higeet. Dat heescht, déiselwecht Leit handeln an der Tripartite en Text aus, fir dee se dann an de Beruffschamberen, wann se eng aner Kap un hunn, en negativen Avis verabschiede loosse. Oder vläicht, well se do vun de gewielte Salariatsvertrieder op d'Fangere geklappt kréien, wa se an déi falsch Richtung lafen.

### **(Interruption)**

Dat ass Zwitterismus par excellence.



Am Statsrot sëtzt dann och nach de Vertrieder vun der gréisster Gewerkschaft, an do huet hien erëm e positiven Avis zu deem onsozialen Text an dësem Gesetz ënnerstëtzt. Dat ass schonn Triterismus par excellence.

### **(Interruptions)**

Här President, et ass einfach bedauerlech, wéi een ëmmer méi muss feststellen, wat fir eng Konsequenzen datt eist sou genannte Matbestëmmungsgesetz kann hunn, wann déi Leit, déi ech als Sozialpartner tituléieren, zwou an esouguer dräi Kapen unhunn.

Ech stelle mer einfach d'Fro, ob dat Instrument Tripartite, wat jo eigentlech als Kriseninstrument geduecht war, nach seng Existenzberechtigung huet. Et ass nämlech oft esou, datt d'Parlament – dat war an der Vergaangenheet op jidde Fall esou, och wann dat beim PAN-Gesetz net méi grad esou de Fall war – hei einfach integral dat iwwerholl huet, wat an der Tripartite vun de Sozialpartner ausgewirtschaft ginn ass.

### **(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

Wann ech elo hei déi kontradiktoresch Stellunge gesinn, déi vun de Gewerkschaftsführungen ausginn, da froen ech mech eeschthaft, ob et net besser wier, wa jiddferen erëm déi Roll géif spillen, déi en eigentlech ze spillen huet. D'Gewerkschafte wat d'Salariat ubetrëfft, d'Patronen dat wat si ubetrëfft, an d'Parlament kënnt erëm an aller Impartialitéit seng politesch Aarbecht als Regulateur vu Wirtschafts-, Aarbechts- a Sozialrecht maachen.

Dat wëll hei net heeschen, datt ech géint d'Matbestëmmung sinn, mä ech gesinn d'Matbestëmmung einfach an engem anere Kontext. Ech gesinn d'Matbestëmmung an deem Kontext, dass ee kënnt d'Berufschamberen opwäerten, wou d'Gewerkschafte jo och dra vertrauede sinn an och federführend sinn, andeem dass een hinnen datselwecht Instrument gëtt wéi dem Stat, wéi zum Beispill ze soen, se kënnten och en Avis ofginn a se kënnten och formell Oppositione maachen, wann hinnen eppes net an de Krom passt. Ech mengen, dat wär éischter e Wee, wou da jiddferen seng Roll géif spillen a wou da jiddferen op senger Säit an op senger Plaz, do wou en higeheiert, kënnt och seng Meenung soen. Och dat wär nach demokratesch genuch, fir kënnen e Matsproochrecht ze hunn.

Dat gesot, Här President, ass et kloer, dass ech dat Gesetz hei, esou wéi et hei virläit, net ka stëmmen. Well Passagen dra sinn, déi géint d'Interesse vum Salariat verstoussen, an déi zudeem och nach kontraproduktiv sinn an Hinsicht op eng effektiv respektéiert 40-Stonne-Woch.

### **(Interruptions)**

Well, wa mer elo schonn déi 40-Stonne-Woch net fäeg sinn an de Grëff ze kréien an dem Patronat ëmmer erëm nei Méiglechkeete bidden, fir se ze ëmgoen, da brauche

mer vun enger 35-Stonne-Woch guer net ufänken ze schwätzen, mer kënnen héchstens dervunner dreemen.

### **(Interruptions)**

Et ginn eben där, déi dreemen d'Welt ze verännern, mä et sinn nëmmen déi, déi waakreg bleiwen, déi och effektiv eppes kënnen realiséieren.

Ech soen lech merci.

Ech géif dann, wann ech schonn hei sinn, d'Geleeënheet benotzen, fir och direkt zu deem zweete Projet Stellung ze huelen, da brauch ech net nach eng kéier opzestoen, well et ass jo awer wäit bis dohannen hin.

### **(Interruptions)**

Also dat Eenzezt, wat ech séier maachen, ech gi séier midd.

### **(Hilarité et interruptions)**

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer dann och hei am Numm vum ADR dem Här Rapporteur félicitéiere fir säin explizite Rapport, awer och fir seng Proposition de loi, déi en hei virbruecht huet.

Wéi schonn hei ugeklongen ass, hat de Problem, mat deem mer eis befaasst hunn, säin Ursprung, wéi de Feiertag vum 15. August 1999 op ee Sonndeg gefall ass. D'Patronat huet déi Dispositiounen, déi am Kader vun den Diskussiounen iwwert d'PAN-Gesetz am Zesammenhank mat de Feierdeeg ausgehandelt goufen, wéi schonn esou oft, op hir ureegen Aart a Weis interpretéiert a versicht Kapital draus ze schloen.

Et war, wéi schonn sou oft, am Interesse vun där ominöser Kompetitivitéit, wou déi urspringlech Feiertagsregelung, déi de Feiertag, deen op e Sonndeg gefall ass, einfach op e Méindeg reportéiert huet, geännert ginn ass an eng Referenzperiod vun dräi Méint agefouert gouf, fir de Feiertag ze récupéieren.

Wat awer menger Usicht no ëmmer kloer war, dat war d'Bezuele vun de Supplémenten, wou souwuel déi 70% Supplément vum Sonndeg wéi och déi 100% Supplément vum Feiertag musse kumuléiert ginn.

Et huet sech erausgestallt, dass dat, wat an der Tripartite iwwert d'PAN-Gesetz am Zesammenhank mat der Feiertagsregelung ausgehandelt gi wor, anscheinend falsch am Gesetzestext erëmgi war.

D'Patronat wollt sech also net un dat halen, wat et selwer an der Tripartite ausgehandelt huet, an huet de Salariéen e Supplément net esou ausbezuelt, wéi dat...

### **(Interruptions)**

...misst sinn. Jiddferen huet an enger Gesellschaft seng Existenzberechtigung, mä ee muss deem anere seng Rechter awer respektéieren!

**(Interruptions)**

Dat ass meng Philosophie.

Et huet enger Interventioun vum Aarbechtsminister beduerf, fir kloer ze maachen, datt déi gesetzlech Bestëmmungen iwwert d'Regelung vun de Supplémenter ganz kloer waren. Trotzdeem huet den Aarbechtsminister missen ee Gesetzprojet virleeën, fir déi Dispositiounen, déi am Gesetz vum 10. Abrëll 1976 iwwert d'Feierdagsregelung stungen, déi ganz kloer waren, nach eemol kloer ze definéieren. Fir dass se och vum Patronat endlech verstanen, an net méi no sengem ureegene Gutdünken konnten ausgeluegt ginn.

Här President, et ass einfach schlëmm, datt mer all Kéiers, wann et ëm d'Rechter vun de Salariéer geet, musse Megaprozeduren duerchlafen. Wann et awer ëm d'Interesse vun der Ekonomik geet, da geet et all Kéiers hei am Hauruckverfahren.

**(Interruptions)**

Ech kommen awer hei net derlaanscht, nach een anere Punkt unzeschneiden, dee mer an deem Projet de loi net gefält, an dat ass dee vun der Récupératiounsperiod vun de Feierdeeg.

Déi normal Referenzperiod, déi am PAN-Gesetz am Zesummenhang mam Plan d'organisation de travail festgehalten ass, si véier Wochen. Bei der Récupératioun vun de Feierdeeg setze mer awer eng Referenzperiod vun dräi Méint an. Ursprüngelech war et ersou, datt de Feierdag, deen op e Sonndeg gefall ass, op e Méindeg reportéiert gouf. Dat war kloer an et huet och geklappt, ouni datt ee Betrib doduerch Faillite gemaach huet oder net méi kompetitiv war.

Dofir stellen ech mer elo einfach d'Fro: Wisou datt eng Referenzperiod vu véier Wochen elo net soll duergoen, fir deen Dag do ze récupéieren?

Hei gëtt mat zwou Moosse gemiess an et ass net am Interesse vum Salarié. Och wann déi méi länger Referenzperiod vläicht een oder deen anere Salarié och arrangéiert, esou ass et awer an deem Sënn negativ ze gesinn, well et net an der Philosophie läit, fir dem Salarié seng 40-Stonne-Woch respektiv déi kollektivvertraglech ausgehandelt Wochenaarbechtszäit an deem vernünftigen Zäitraum vu véier Wochen ze garantéieren.

Et kann och zu Kontradiktiounen féiere mat der Referenzperiod, oder mat dem Plan d'organisation de travail. Wann deen iwwert déi dräi Méint erausgeet, da kann et och zu Kontradiktiounen féieren, wou mer dann och nach wäerte Problemer kréien, ob dann déi dräi Méint do musse respektéiert ginn oder ob dann och dee Feierdag ka mat an eng nächst Referenzperiod iwwerdroe ginn. Och dat wäerte Komplikatiounen ginn, op déi mer hätte gutt kënne verzichten.

Här President, de But vum Här Aarbechtsminister senger Interpretatioun a vum Här Lux senger Proposition de loi

ass fir Klorheet am Domän vun der Feierdagsregelung ze schafen. Ech mengen, dee But, dee ka vum ADR och nëmme voll ënnerstëtzt ginn.

Meng Bemierkungen, déi ech zu deene verschiddene Punkten hei virbruecht hunn, sollen haaptsächlech derzou bäidroen, fir op déi Kontradiktiounen hinweisen déi bestinn am Zesummenhang mat der Referenzperiod a se an Zukunft ze verhënneren.

Des Weidere wollt ech einfach nach eemol hei ervirsträichen, datt net nëmme d'Ekonomik Rechter huet a muss gefördert ginn, mä och da Salarié. De Salarié, dee jo awer zum groussen Deel duerch seng Affer, déi en an deene leschte Joren am Kader vun enger moderater Lounpolitik huet misse bréngen, derzou bäigedroen huet, dass dës Ekonomik haut iwwerhaapt op feste Féiss steet an dass d'Kompetitivitéit, déi mat där neier Steiergesetzgebung nach méi gefestegt gouf, och mat deene Steiergelder matfinanziert gëtt, déi aus dem Salarié senger Täsch kommen, eng Steiergesetzgebung, wou awer déi Klengverdinger, déi keng Steiere bezuelen, eidel ausginn, während d'Betribler sech zum Deel domat gesondstousse kënnen.

Dofir ass et einfach skandaléis, wann den Här Statsminister schonn erëm tëschent den Zeilen uklänge léisst, dass déi Steierreform jo Lounopbesserunge gläichkéim. En huet just vergiess derbäi ze soen, dass dat awer nëmme d'Groussverdinger betrëfft an d'Mindestlounbezéier eidel ausginn. Och gouf en ze verstoen, dass eng moderat Lounpolitik um Ordre du jour vun de Lounverhandlungen stoe soll.

Här President, ech si vläicht elo e bësse vum eigentlechen Thema ofgewach, mä et mécht mech einfach krank, dass ëmmer nëmme d'Ekonomik hei am Virdergrond steet an de Salarié d'Käschten do droe soll, och wann et sech bei der neier Gesetzgebung, déi mer hei stëmme sollen, nëmme ëm eng Detailfro handelt, mä vill esou kleng Detailler kumuléieren sech zu enger onsozialer an onvertriibbarer Aschränkung vun dem Salarié senger Rechter.

Mir hunn als ADR drop verzicht en Amendement anzeerechen iwwert déi Kontradiktioun am Zesummenhang mat der Referenzperiod vun de Feierdeeg, well mer genau wëssen, wat domat geschitt wier, mä ech hoffen, dass meng Interventioun bei deene Sozialpartner, déi op der Salariatssäit sollte stoen, op en offenset Ouer fällt, an dass an der Zukunft net vergiess gëtt, dass och d'Salariéer gebraucht ginn, fir dat grousst Rad vun der Ekonomik weider dréinen ze loosse, an dass finanziell a sozial Ofsecherungen nach ëmmer déi beschte Motivationsfaktoren sinn, fir sech voll anzesetzen.

Dat gesot, Här President, wäerte mer als ADR dat Interpretatiounsgesetz, wat virläit, stëmmen, well den Haaptakzent war jo fir Klorheet ze schafe fir eppes, wat am Fong scho laang klor war.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här François Bausch.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi mer aacht Méint no deene leschte Chamberswahlen an där zoustänneger Kommissioun sämtlech Gewerkschaften ëmfaangen hunn an do deenen hiren alarmante Fuerderungskatalog studéiert hunn, hat een d'Impressioun, dass duerch dat, wat eng Rei Méint virdrun an dësem Parlament gestëmmt gi war, nämlech dat ominöst PAN-Gesetz, wouriwwer d'Gewerkschaften selwer no relativ kuerzer Zäit e Bilan gezunn hunn, d'Situatioun an de Betriber sech dramatesch verschlechtert hätt, net nëmmen de Klima tëschent de Sozialpartner, mä insgesamt d'Situatioun fir d'Salariéen an de Betriber, wat hir Aarbechtskonditiounen ubelaangt.

Ech muss soen, wann een dee Fuerderungskatalog gelies huet, all déi Fuerderungen, wou d'Gewerkschaften der Meenung waren, déi misste relativ séier – hirer Meenung no souguer direkt – ëmgesat ginn, fir där schlechter Situatioun an deem schlechte Klima an de Betriber entgéintzewierken, da kann een nëmme staunen, wann ee kuckt mat wat mir haut befaasst sinn.

Den Här Lucien Lux huet zu Recht gesot, dass een iwwert dat, wat reell am Gesetzesprojet zur Diskussioun steet, eigentlech net bräicht vill Wieder ze verléieren. Et si Précisiounen zu verschiddene Saachen, déi am PAN-Gesetz festgehalen sinn, wou et Interpretatiounsschwieregkeete gëtt.

Wann ee bei der Ofstëmmung säi Verhale misst just derno orientéieren, wat ganz prezis an dësem Gesetzesprojet steet, dann hätt ee wuel keng Schwierigkeet, fir de Projet ze stëmmen, allerdéngs ass et esou, dass mir als gréng Fraktioun dat net wäerte maachen, well dëst Gesetz eigentlech d'Fortsetzung vun deem ass, wat mer mam PAN-Gesetz ofgeseent hunn.

Dir erënnert lech, déi Gréng hunn deemools géint dat Gesetz gestëmmt, net géint dat Gesamtgesetz, well dat war en Omnibusgesetz, wou nach ganz vill aner Saachen dra waren, ënner anerem de Congé parental. Mir haten e Vote par article verlaangt, fir géint déi Paragraphe kënnen ze stëmmen, déi elo hei nogebessert ginn.

Eigentlech kënnt ech higoen a meng Ried vun deemools nach eng Kéier hei virdoen. Ech muss awer soen, dass ech deemools bal 45 Minutte geschwat hat. Dat wëll ech haut net maachen a mech begrenzen a mengen Ausféierungen op déi puer wesentlech Punkten, déi, menger Meenung no, wichteg sinn.

Ëm wat geet et? Et geet hei ëm een Element vun enger gesamter Strategie um Niveau vun de Betriber, eng Strategie, déi net nëmme Lëtzebuerg betrëfft an déi schonn an den 80er Joren ugaangen ass a sech wéi e roude Fuedem duerch d'90er Jore gezunn huet, wou vun de Salariéen verlaangt gëtt, dass Acquisen, déi iwwer 50, 60, 70 Joer erstridde gi sinn, ënner anerem fir e

gewëssent geregelt Aarbechtsverhältnis ze hunn, e gewëssent geregelt Privatliewen och ze hunn als Salarié, fir kënnen um kulturelle Liewen sech ze bedeelegen, en uerdentlech Familljeliewe kënnen ze féieren, wou och esou Saache wéi d'40-Stonne-Woch agefouert gi sinn, oder dass sonndes net geschafft méi gëtt, fir dat dann elo erëm no hannen opzerullen an ze verlaangen, dass d'Salariéen an eiser sou genannter moderner Industriegesellschaft sech der Vitesse vun den neien Technologien, de performante Maschinnen upassen, a ronderëm d'Auer an all Dag, ënner egal wat fir enge Konditiounen, fir d'Ekonomie disponibel sinn.

Mir haten als Virleeder zum PAN-Gesetz eng laang Orientéierungsdebatt, wou mer vill iwwert deem Aspekt geschwat hunn, wou och herno eng Motioun an dësem Parlament, wann ech mech gutt erënneren, unanime ugeholl ginn ass. Dat heescht, och mat de Stëmme vun der Demokratescher Partei, déi zwar deemools an der Oppositioun war. An där Motioun stong dee berühmte Saz, dass et zimlech klor wär, dass de Législateur nëmme kënnt d'accord si mat enger Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten, wann och d'Contre-partie, nämlech d'Humaniséierung vun den Aarbechtszäite garantéiert wär. Dat heescht, dass dat, wat vun de Leit verlaangt gëtt, nämlech dass se méi flexibel op hirer Aarbechtsplaz sinn, dann och kompenséiert gëtt duerch Aarbechtszäit-reduktioun.

Ech widderhuelen nach eng Kéier, dat ass deemools, Här Bettendorf, unanime hei ofgestëmmt ginn. Och Är Partei hat de facto matgestëmmt, fir d'Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten ze verbanne mat Aarbechtszäitverkierung. Dat huet eng gewësse Logik, well wa mer zu Lëtzebuerg driwwer diskutéieren, an dat hunn ech och deemools beim PAN-Gesetz gesot, iwwer Aarbechtszäit-reduktioun, da geet et hei net drëms, fir ze soen, mir féieren iwwer Gesetz eng Verallgemengerung vun der 35-Stonne-Woch an, dat hu weder mir, nach effektiv d'LSAP, nach iergendeen heibanne bis elo, menges Wëssens, verlaangt, mä et geet nëmmen drëms, fir ze soen, dass, wann an engem Betrib vun de Leit verlaangt gëtt, dass se méi flexibel schaffen, donc och méi Constraints hunn, se dat kompenséiert kréien, also eng Belounung dofir kréien, respektiv dass versicht gëtt, iwwer eng Aarbechtszäit-reduktioun hinnen e Familljeliewen ze erméiglechen, wat deem Numm verdéngt.

Wann een an déi Richtung geet, dass ee vun de Leit verlaangt, dass se solle flexibel sinn, da muss een och derfir suergen, dass déi Leit, déi musse flexibel sinn – well flexibel sinn heescht jo, sech kënnen bëien no de Bedürfnissen vun der Ekonomie –, och erëm musse fäeg sinn, fir sech herno erëm kënnen opzerichten.

A wann een natierlech an d'Richtung geet, wéi dat, wat mer zu Lëtzebuerg gemaach hunn, dass mer Referenzperiode vu véier Wochen aféieren, dass mer d'40-Stonne-Woch net méi berechnen op d'Woch, mä dass een

datselwecht iwwer e puer Wochen eraus berechent, fir d'40-Stonne-Woch anzehalen, da bedeit dat an der Praxis, dass d'Leit méi Contraintë kréien an hirem sozialen, kulturellen a familljepolitesche Liewen. Dat huet zolidd Auswierkungen dorop.

Mir wëssen dat och duerch x Studien, déi an Zwëschenzäit virleien, Studien, déi net nëmmen aus Europa kommen, Här Bettendorf. Ech kéint lech der munch hei zitieren, ënner anerem eng, déi vum MIT aus den USA kënnt, well an den USA hu se schonn déi Ultraflexibiliséierung, déi an Europa an deem Mooss nach net esou wäit fortgeschratt ass, well se déi schonn an den 80er Joren ugefaangen hunn. D'Konsequenzen dervu sinn enorm fatal, net nëmme fir déi eenzel Leit, déi betraff sinn, mä och fir d'Gesellschaft insgesamt, well wann een d'Leit, déi géint Loun a Gehalt schaffen, an en Zoustand vun Dauerstress versetzt – dat kann een haaptsächlech an angelsächsesche Länner gutt gesinn –, dann trëtt gären eng sozial Vereinsamung an, well d'Leit näischt méi mateneen ze dinn hunn. Et entsteet kee soziaalt Liewe méi an de Quartieren. Do ass et klor, dass dat net nëmmen direkt negativ Konsequenze fir deen Eenzelnen huet, mä fir d'Gesellschaft insgesamt, well déi Leit, déi da vereinsamt sinn, respektiv an hirem Liewe keng Erfëllung méi fannen, déi drécken dat op iergendeng Aart a Weis aus, déi meeschtens net onbedéngt an deem Sënn ass, wéi dat eng normal gutt funktionéierend Gesellschaft bräicht.

A wann ee vun engem Burning-out-Syndrom bei Manager ka schwätzen, da kann ee mat Sécherheet nach méi dervu schwätze bei Leit an eenzelne Secteuren, wou extrem flexibiliséiert gëtt, wat och nach meeschtens Leit sinn, déi souwéiso dann och net nëmme flexibel schaffen, mä och an hirer Lounstruktur bei wäitem net déi Revenuen hunn, wéi zum Beispill déi, déi an der ieweschter Etage vun engem Betrib setzen.

An ech mengen, wann een déi alarméierend Appeller vun de Gewerkschaften an der Kommissioun deemools héieren huet, dann huet dat eis als Gréng net erstaunt a mir waren och net iwwerrascht doriwwer. Mir sinn zimlech iwwerzeegt, dass d'Gewerkschaften natierlech do an hirem Rôle sinn, awer wuel d'Fuerderungen e bëssen iwwerspëtzt an d'Öffentlechkeet bréngen, wou d'Essenz dervun awer richteg ass, well firwat soll zu Lëtzebuerg d'Situatioun anescht si wéi an de Länner ronderëm eis.

Et ass och esou, wéi mir als Gréng déi éischt alarmant Appeller kritt hunn, hu mir d'Initiativ an der Kommissioun direkt geholl, fir ze soen, kommt mir maache wéinegstens emol direkt e Geste, an dofir hu mir eng Proposition de loi abruucht, déi gefrot huet, fir déi sechst Congéswoch ze verallgemengeren. Dat wär eng éischt Kompensatioun gewiescht fir déi Leit, déi an Zwëschenzäit méi flexibel schaffe müssen.

Och an deenen Amendementer, déi mir beim PAN-Gesetz eraginn haten an déi déi Artikelen betraff hunn, hu mer

gesot, dass mir prinzipiell net géint d'Flexibiliséierung wäeren, mä dass mer der Meenung wäeren, dass, wa mer eng Ouverture géinge maachen an eiser Aarbechts-gesetzgebung an déi do Richtung, dat da muss am selwechten Otemzuch gemaach gi mat engem Astieg an eng Aarbechtszäitreduktioun. Do ass dee Wee, deen d'Kolleeg vum der LSAP wollt goen, eigentlech een ähnleche Wee. Et ass net well d'LSAP elo an der Oppositioun ass, well et muss een hinnen zumindest zougestoen, dass se bei den Diskussiounen am Parlament eng ähnlech Haltung haten. Iwwregens net nëmmen d'Kolleeg vum der LSAP, och bei der CSV den Här Marcel Glesener. Deen huet déi Zäit ähnlech Theese vertratt, esou dass ee bal soe kann, dass déi do Meenung fraktiounsiwwergräifend tëschent Majoritéit an Oppositioun zënter Jore vertratt gëtt an et eigentlech näischt esou Neies ass. Et kann een zumindest net der LSAP heibannen ënnerstellen, dass se dat eigentlech eréischt erfionnt hätt, wéi se an d'Oppositioun komm ass.

Wa mer diskutieren iwwer Aarbechtszäitreduktioun an deem heite Kontext, do wëll ech dem Här Bettendorf soen, dann huet et kee Wäert, fir eng Berechnung ze maachen an ze soen, wa mer hei zu Lëtzebuerg géinge vun haut op muer d'35-Stonne-Woch aféieren, da géng dat bedeiten, dass mer 30.000 Leit missten an d'Land erakréien an astellen, well dat huet jo kee verlaangt. Dat hu weder déi Gréng, d'LSAP oder nach soss een heibanne verlaangt. Dat Eenzezt, wat verlaangt gëtt, dat ass, dass deem Facteur Rechnung gedroe gëtt, dass, wa Betriber méi Flexibilitéit vun hire Leit ofverlaangen, se eng Contre-partie musse bidden a Form vun Aarbechtszäitreduktioun.

Deemools hate mir souguer an eisen Amendementer gesot, dat misst net onbedingt sinn, andeem zum Beispill d'Wochenaarbechtszäit géng verkierzt ginn, mä do kënnt ee sech nach ganz aner Saache virstellen a wéi eng Richtung een do kéint goen, fir d'Aarbechtswelt ze humaniséieren.

Ech wëll dem Här Bettendorf och soen, dass eigentlech d'Aarbechtszäitreduktioun, wann een iwwer Lounpolitik schwätzt, déi ekologest Form vu Lounpolitik ass, déi een iwwerhaupt ka maachen, well et geet hei, wann een d'Aarbechtszäit reduzéiert, ëm Qualitätsverbesserung an net ëm Quantitéitsverbesserung.

Et ass esou, dass mir effektiv éischer derzou tendéieren, dat hunn ech och oft gesot, wa mer hei diskutiert hunn iwwer den Accord salarial an der Fonction publique, ze soen, zu Lëtzebuerg gëtt et eng ganz Rei Secteuren, wou um Niveau vun der Lounpolitik eigentlech eng Situatioun ass, déi esou favorabel ass, dass wann een do Verbesserunge mécht, een éischer soll manner am Loun bäiginn an éischer méi an d'Richtung goen, fir d'Aarbechtszäit ze humaniséieren.

Iwwregens wëll ech lech soen, dass do wou mir an der Responsabilitéit sinn, a sief et souguer nëmmen um klengsten Niveau, mir dat ganz eescht huelen. Mä



Kolleeg Camille Gira huet mat sengen Aarbechter a senger Gemeng e Kollektivvertrag ofgeschloss, wou en eng Aarbechtszäitverkierzung agefouert huet. Do war d'Situatioun déi, dass déi Aarbechter, amplaz esou vill Prozenter méi Loun ze kréien, soten, se wëllte méi eng kleng Lounerhéijung awer dofir eng Aarbechtszäit-reduzéierung. Dee Kollektivvertrag ass esou ofgeschloss ginn. Dat heescht mir huelen dat seriö, wou mer an der Responsabilitéit sinn.

**M. Niki Bettendorf (DP).**- Ech si mam Här Bausch d'accord, wann e schwätzt vun enger méi humaner Aarbechtswelt. Op dee Wee ze goen, dat ass eng aner Saach, wéi einfach nëmme manner ze schaffen. Flexibilitéit kann, menger Meenung no, och dem Arbeitgeber ganz vill, jo, ganz vill bréngen. Et ass net nëmme negativ.

Dir hutt elo just d'Beispill vum Frënd Gira a senger Gemeng ugeschnidden. Hien huet et einfach. Meng Fro: Hie schafft freides net méi, mä wie bezillt dat? D'Bierger aus der Gemeng? Dat sinn net dem Här Gira als Patron seng Suen, et sinn der Allgemengheet hir Suen, a mat deene Suen ass llicht Rimmer schneiden.

Mä wann een als Patron selwer muss bezuelen, da geet een net esou séier op de Wee, fir een nëmme véier an en hallef Deeg schaffen ze loossen.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, ech stelle mat Interesse fest, dass ech keng Fro gestallt kritt hunn. Ech wëllt dem Här Bettendorf just soen, dass den Här Gira de Choix gehat hätt, well Dir wësst jo, dass am Aarbechterkollektivvertrag op Gemengenniveau sech normalerweis ugeleent gëtt un dat, wat am öffentleche Secteur als Kollektivvertrag ofgeschloss gëtt. Här Bettendorf, Dir sidd do gutt gestallt als Demokratesch Partei, fir net ze vill dovun ze schwätzen, well Dir sidd jo awer déi, déi responsabel si fir d'Kollektivvertragsverhandlungen am öffentleche Secteur, an ech hoffen, dass Der dat, wat Der elo gesot hutt en vue vun de Bierger hire Suen, mat deenen déi Kollektivvertragsresultater géinge bezuelt ginn, haaptsächlech fir Är Partei gemengt hutt an net fir den Här Gira zu Biekerech.

Mä ech wëll lech just soen, et ass jo net esou, dass déi déi Aarbechtszäitreduktioun en supplément kritt hunn, mä just de Géigendeel ass geschitt. Ech weess elo net méi genau de Prozentsaz vun de Lounerhéijungen, deen an der Diskussioun war, mä huele mer un, et wieren 3% gewiescht. Amplaz 3% méi Loun, hu se nëmme 1,5% méi Loun kritt, a fir déi aner 1,5% hu se d'Aarbechtszäit reduzéiert kritt. Donc, ass et ënnert dem Käschtepunkt datselwecht.

**M. Niki Bettendorf (DP).**- A bei den nächste Verhandlung kommen déi 3% doutsécher erëm dobäi.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Wësst Der, Här Bettendorf, natierlech läit et op der Hand, dass all zwee Joer d'Lounsituatioun vun den öffentleche Bedéngschteten an och vun den Aarbechter an de Gemengen nei verhandelt gëtt, an et ass normal, dass an deem Secteur,

wéi och am Privatsecteur, ëmmer erëm nei Lounfuerderungen opgestallt ginn, déi och berechtegt sinn, mä dat huet jo elo awer nâischt ze di mat där Situatioun, datt do wou mir an der Responsabilitéit sinn, mer och zu deem sti wat mer öffentlech soen, nämlech dass mer dat versichen ëmzesetzen, wat een nach laang net ëmmer ka fir all Mënsch behaapten.

Dir hutt jo awer selwer missten zouginn, dass dat, wat ech elo just erkläert hunn, eigentlech eppes aneshtes ass wéi dat, wat Dir eis wollt virdrun ënnerstellen. An dat war och dat, woufir Dir hei de Mëtteg ënnerbrach gi sidd. Dir hutt der LSAP an deene Gréngen hei Saachen ënnerstallt, déi weder déi eng nach déi aner jeemools gesot hunn.

Déi Gréng hunn nach ni behaupt a mir behaupten dat och net, dass een einfach soll pauschal d'Aarbechtszäit op 35 Stonnen d'Woch per Gesetz erofsetzen. Mir hunn et ëmmer an deem Sënn gesinn, wéi ech et haut erkläert hunn, an ech fannen et relativ bedauerlech, dass dat net gemaach ginn ass.

Ech wëll lech awer nach eppes dobäi soen. Dir hutt virdrun hei geschwat iwwert d'Relatioun tëschent Aarbechtszäitverkierzung an Aarbechtsplaze schafen. Dir hutt gesot, et wier iwwerhaapt net esou, dass duerch d'Aarbechtszäitreduktioun och Aarbechtsplaze géinge geschafe ginn.

Ech kann lech just eent soen. Et gëtt sécherlech Secteuren, wou et, wann een iwwer Aarbechtszäitreduktioun schwätzt, guer net drëm geet, fir nei Aarbechtsplazen ze schafen, mä fir déi ze erhalen, déi een iwwerhaapt huet. Ech wëll lech ee Beispill ginn.

Am Bankesecteur ass et de Moment esou, dass duerch déi nei Technologïe massiv rationaliséiert gëtt. Dir hutt jo sécherlech matkritt, wat iwwerall an deenen eenzelne Mammenhaiser vun deene grouse Bankenhaiser an Europa zur Debatt steet, wéi vill Zéngtausenden Aarbechtsplazen ofgebaut solle ginn an deene Banken. Wann een an esou engem Secteur dann d'Aarbechtszäit reduzéiert, da versicht een zumindest d'Schied a Grenzen ze halen. Dat heescht, da gi jo net méi Aarbechtsplaze geschaaft, mä da versicht een zumindest en Deel vun deene Leit hirer Existenz gerett ze kréien, déi duerch déi Rationaliséierungen a Gefor sinn. Dat ass eng Saach, ëm déi et haaptsächlech geet, wann een iwwer Aarbechtszäitreduzéierung diskutéiert.

Et ass richtig, wéi den Här Fayot seet, et geet drëm déi Aarbecht, déi schlussendlech nach iwwreg bleift an der Gesellschaft, esou opzedeelen, dass och all Mënsch nach e Recht op eng Aarbecht huet. Iwwregens ass dat eppes, wat souguer an eiser Konstitutioun steet.

Dat heescht, et geet drëm d'Aarbechtszäiten esou ze gestalten, dass mer bridderlech a schwësterlech deelen. Dat wëllt soen, dass jidderee sech kann eng Existenz opbauen.

Alles dat si Saachen, Här Bettendorf, déi näischt domat ze dinn hunn, dass et eis géing drëm goen, fir einfach blannemännerches d'Aarbechtszäit erofzesetzen. Et geet hei ëm en Défi, dee wäit iwwert dee blanke Fait erausgeet, fir ze soen, Aarbechtszäitreduktioun fir Aarbechtsplazen ze schafen.

Mir sinn och der Meenung, dass d'Situatioun sech haut par rapport zu zwee, dräi Joer absolut net verbessert huet, au contraire, d'Situatioun huet sech éischter an där Hinsicht nach verschlechtert. Et läit och an der Logik vun der Saach, an dofir wier et nach méi berechtigt wéi deemools fir ze verlaangen, dass an dat Gesetz déi Regel géing agebaut ginn, déi mir och deemools verlaangt haten an dass et och dat war, wat an de Konklusioun vum Débat d'orientation am Parlament festgehalde ginn ass.

Ech muss och soen, wat ech deemools beim PAN-Gesetz gesot hunn, dass ech net der Meenung sinn, dass alles dat, wat an der Tripartite ënner Sozialpartner mat der Regierung ofgemaach ginn ass, vum Parlament à l'unanimité muss gedroe ginn.

Ech sinn der Meenung, dass an der Tripartite just nëmmen d'Majoritéitspartei sech engagéieren, well et ass d'Regierung, déi do négociéiert, an d'Regierung ass eng Regierung, well se hei am Parlament eng Majoritéit huet. Et ass och dofir nëmmen normal, dass d'Majoritéit an esou engem Dossier zur Regierung muss stoen, mä ech géing et awer fatal fannen, wa mer weider an déi Richtung géingen argumentéieren, wéi dat oft an deene leschte Joren hei am Parlament gemaach ginn ass, dass an esou Dossiere wéi deenen heiten et quasi e Verrot wier, oder e Broch mat eisem Sozialmodell, wann hei eng Partei vun der Oppositioun eng aner Meenung géing verrieden an déi och mat hirem Vote zum Ausdrock géif bréngen.

Ech sinn éischter am Géigendeel der Meenung, dass et immens wichteg ass am Intérêt vun enger lieweger Demokratie, dass grad d'Oppositioun de Rôle muss erfüllen, fir genau mam Fanger op déi Saachen ze weisen.

Eigentlech ass et jo awer esou, dass, wa mer d'Motioun géingen eescht huelen, déi deemools à l'unanimité hei gestëmmt ginn ass, wou all Partei éischter där Meenung war, déi mir haut verrieden, da bestätegt dat nach méi, dass et wichteg ass, dass d'Oppositioun hei am Parlament dee Rôle op alle Fall erfüllt.

Aus deene Grënn, Här President, ass et och fir eis evident, dass mir dësen Text net wäerte stëmmen. Mir stëmmen net dergéint, well jo kosmetesch, wann ee wëllt, Verbesserung kommen un deenen Texter, déi virdru bestanen hunn.

Mir enthalen eis bei dësem Vote aus deene Grënn, déi ech elo erkläert hunn. Zu deenen anere Gesetzesprojeten iwwert d'Regelung vun de Feierdeeg wëll ech net méi vill

soen. Dat huet de Rapporteur hei excellent gemaach. Mir wëllen eis just deene Wieder uschléissen a soen, dass mer déi Gesetzesprojet wäerte stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).**- Här President, dat éischt PAN-Gesetz hat eng Dereguléierung a Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit mat sech bruecht. D'Zil awer sollt sinn, d'Beschäftigungslag ze verbessern. Wichteg wier et dofir, fir d'éischt ze kucken a wiefen dat Zil erreicht ginn ass, oder och nëmmen deelweis erreicht ginn ass. Doriwwer gëtt een elo näischt gewuer. Dat soll eréischt am Joer 2003 geschéien. Et weess een also elo nach net, wat fir en Impact dass do agetrueden ass.

Ech mengen awer, et kënn een dovunner ausgoen, dass fir d'Salariat keng Verbesserung dra war, mä dass d'Patronat déi Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit voll a sengem Interesse ausgenutzt huet.

Eng weider Bemiekrung ass, dass d'Tripartite dëst Gesetz, wéi och dat éischt, geschriwwen huet, an dass dofir d'Chamber nëmme méi als Enregistrementsgremium dat nach soll stëmmen.

Mä et ass nach vill méi schlëmm wéi dat hei. Am Bericht vun der Spezialkommissioun heescht et am Kommentar zu den Artikelen folgendermoossen: "Ce faisant, les membres du Comité de Coordination tripartite et les auteurs du présent projet de loi reconnaissent le rôle prioritaire des partenaires sociaux et le caractère supplétif de la loi du 12 février 1999 en matière d'organisation du temps de travail par rapport aux accords collectifs. Par conséquent, ce n'est qu'en absence d'un accord collectif sur l'aménagement du temps de travail que le droit commun trouve son application."

Dat heescht, et gëtt hei d'Prioritéit vun engem ausser-parlamentaresche Gremium iwwert d'Parlament an déi gestëmmten Texter festgeschriwwen. Et ass dat a mengen Aen e Schrëtt zrëck a Richtung zum Ständestat. Dat gëtt nach doduerch ënnerstrach, dass am Gesetzestext selwer am Artikel 2 Folgendes festgehalde gëtt: "Toute convention collective peut déroger aux dispositions du présent article relatif à la périodicité, le contenu et les modalités du plan." Dat bedeit also eng vollkommen Ëmkrempelung vun eisem Aarbechtsrecht. Wa bis elo e Kollektivvertrag nëmme konnt besser Bedéngungen aushandelen, wéi se am Gesetzestext virgesi waren, esou kann dat och elo ëmgekieert geschéien.

Ee Kollektivvertrag, deen och nëmme vun den nationale representative Gewerkschaften ausgehandelt an ënnerzeechent gëtt, kann elo gesetzlech Bestëmmungen aushiewelen a méi niddreg Bestëmmungen aféieren, wéi se do drastinn.

*(Interruptions diverses)*

Dat liesen ech net esou. Wann Dir den Text vun deem Artikel 2 liest, dass "toute convention collective peut déroger aux dispositions du présent article relatif à la périodicité", da kann dat "déroger" no ënnen oder no uewe sinn. Et steet net do, dass et nëmmen no uewen dierf dérogéieren.

Dat steet allerdéngs am Gesetz vum 24. Mee 1989 iwwert d'Aarbechtsvertrëg, well do heescht, am Artikel 3: "Les parties au contrat de travail sont autorisées à déroger aux dispositions de la présente loi dans un sens plus favorable aux salariés est de nul effet toute clause contraire aux dispositions de la présente loi pour autant qu'elle vise à restreindre les droits du salarié ou à aggraver ses obligations." Dat liesen ech net am Artikel 2, deen ech elo grad zitéiert hunn.

Elo kann een dat, esou wéi ech et interpretéieren, wéinegstens um Gebitt vun der Aarbechtszäit maachen, an zwar am Sënn vun enger Verschlechterung. An dat ass e ganz geféierleche Präzedenzfall. Wann een d'Dier opmécht, dass Gesetzestexte duerch Kollektivvertrëg oder och aner Vertrëg kënnen ausser Kraaft gesat ginn, weess een net, wou dat ophält.

Wann duerch e puer ausgehandelt Fragen, déi d'Leit da bäikréien, se domat d'accord sinn, dass gesetzlech Bestëmmungen net méi applicabel sinn, dann ergëtt sech doraus eng Gefor, wat eis gesetzlech Sozialbestëmmungen ubelaangt.

Dat eleng géing schonn duergoen, fir dass ech dee Gesetzestext, deen elo verschidde Reglementéierungen an deem PAN-Gesetz sollt méi kloer schreiwen, déi awer, wéi ech elo gesinn, net an deem Sënn esou kloer ze interpretéieren sinn, net ka stëmmen.

Wat deen zweete Projet ubelaangt, deen d'Reglementéierung vun de gesetzleche Feierdeeg bestëmmt, esou sinn och d'Ëmstänn, déi dozou gefouert hunn, ganz instruktiv. Den ursprüngelechen Text ass agefouert ginn, well bei engem Fall, wou e gesetzleche Feiertag op sonndes gefall ass, dee Méindeg duerno e fräien Dag war. Et ass argumentéiert ginn, dat géing déi helleg Kompetitivitéit, besonnesch vum Handel, beanträchtegen, well dann dee Méindeg duerno am Ausland kee Feiertag wär an doduerch géing d'Kafkraaft an d'Ausland ofwanderen.

Et ass festgehalen ginn, dass de fräien Dag net op méindes misst falen, mä dass deen da kënnt individuell innerhalb vun dräi Méint an Usproch geholl ginn.

Am PAN-Gesetz war dat esou formuléiert, dass vun engem "jour férié de rechange", anstatt vun engem "jour de congé compensatoire" geschwat ginn ass. Dat huet d'Industriellefederatioun direkt dozou bruecht, fir d'Bezuele vum geschafften an op sonndes gefallene Feiertag op eng restriktiv Aart a Weis ze interpretéieren an net no dem gesetzlech festgeluegten Ausmooss ze bezuelen. Dat heescht, déi 70% plus déi 100% fir de Feiertag.

Hei ass e gutt Beispill, dat dorobber hiweist, wéi eng Konzessioun, déi eng Kéier un d'Patronat gemaach ginn ass, dann erëm sofort ausgenutzt gëtt, fir e weidere Virstouss ze maachen. An déi Léier, déi doraus ze zéien ass, ass déi, dass, wann een dem Patronat nogëtt, et direkt erëm drop drängt, fir weider Konzessiounen duerchzesetzen.

Trotzdeem, well dee Gesetzestext hei elo eng Kloeerheit schafft, an och dat ënnerbënnt, wat d'Industriellefederatioun do iwwer Gerichtsuertheeler wollt duerchsetzen, ginn ech natierlech mäin Accord zu deem zweete Gesetzesprojet.

**M. le Président.** - Elo kënnt als allerleschte Riedner den Här Marcel Glesener.

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.** - Jo, merci Här President, Kolleeginnen a Kolleegen. Ech wëll versichen elo ganz kuerz, als Rapporteur, nach eng Kéier op e puer Saachen anzugeen, wat meng Kolleeg Virriedner hei gesot hunn, fir eng Rei Saache kloer ze stellen, an da gläichzäiteg awer och, als mandatéierte Spriecher, d'Meenung vun der CSV ze soen, zu dem Rapport vum Här Lux; ech bleiwen dann hei stoen, an dann dinn ech déi zwou Kapen eng Kéier un.

Wat d'PAN-Gesetz betrëfft, do wëll ech e puer grondreegend Saachen awer soen. Et ass net richtig, datt d'Chamber – an dat si mer jo alleguerten hei – just dat ratifizéiert huet, wat – wéi den Här Jaerling gesot huet –: "hanner verschlossenen Dieren an der Tripartite gemauschelt ginn ass". Den Här Bisdorff huet dat nach vill méi krass gesot, an dat ass nach net esou laang hier, wou e gesot huet, datt d'Tripartite de Rôle vum Anesthésiste fir d'Salariat géif spillen; et war nun net esou.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).** - Dat war esou beim Ofbau vun der Strolindustrie...

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.** - Jo, mä just do net Här Bisdorff.

Ech – an de gros vun eisen Deputéierten – hunn e grousst Vertrauen an de Modell Lëtzebuerg an an d'Responsabilitéit vun de Sozialpartner, fir aus Krisensituatiounen Kompromisser ze fannen, déi am Intérêt vum ganze Land sinn, a virun allem och am Intérêt vum soziale Fridde sinn; an dat hu mer bis do an deene leschte 25 Joer fäerdeg bruecht, säit de Modell Lëtzebuerg besteet.

Datt munches hätt kéinte besser an anescht erschéien, dat ass net falsch. Mä mat Sécherheet kann ee sech net mat esou vill Misstrauen un d'Adress vun deene riichten, déi während deene leschte 25 Joer ee Beispill ginn hunn – wat unique a ganz Europa ass – fir e Konsens, Kompromisser ze fannen, déi machbar sinn, déi human sinn, déi sozial verträglech sinn, fir d'Auswierkunge vun de Krisen hei zu Lëtzebuerg ze meeschten. Dat ass emol dat Éischt.

An zweetens ass et och net richtig, wann ee seet, datt d'Chamber sech nëmme mat der Roll begnügt vun der Ratifikatiounsmaaschinn. A just bei der Opstellung a bei der Diskussioun am Beschlussfaasse vum leschte PAN-Gesetz huet d'Chamber – an ech si stolz drop dat kënnen ze soen – hei ee Musterbeispill ginn, datt dat falsch ass, an datt e se duerchaus bereet waren an et fäerdeg bruecht hunn, hir Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

An der Spezialkommissioun hu mer 62 Amendementë duerchgesat, par rapport zum urspréngleche Projet, deen d'Regierung déposiert huet. Wann dat net eng Opwärtung ass vun der Responsabilitéit a vu der parlamentarescher Aarbecht, da weess ech net wat een als bessert Beispill kéint presentéieren.

**M. Lucien Lux (LSAP), rapporteur.** - Da verstitt Der d'Welt net!

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.** - Exakt.

Dat wollt ech elo mol och eng Kéier grondsetzlech soen.

Zweetens wollt ech mech awer och dozou distanzéieren, wat den Här Lucien Lux, als mandatierte Spriecher vu senger Fraktioun, gesot huet, par rapport zu der verpasste Chance, déi anscheinend d'Majoritéit ageholl huet par rapport zu der Revisioun vum PAN-Gesetz.

#### **(Interruption)**

D'Regierung huet sech net op d'Säit vum Patronat gestallt, Här Lux, neen.

Neen.

#### **(Interruption)**

D'Regierung huet sech, an notamment d'Majoritéit vun deem Parlament, mat Sécherheet net op d'Säit vum Patronat gesat, mä si respektéiert den Accord vun der Tripartite. A wann d'Regierung sech géif an esou kruziale Froen op d'Säit vum Patronat setzen, da géif se mat Sécherheet och net d'Unanimitéit vun der CSV fannen. Mat Sécherheet net!

An dofir ass et – eiser Meenung no, et kann een och anerer Meenung sinn – net ubruecht, fir haut d'fundamental Diskussioun ze féieren déi dohinner geet, fir deen Accord, wat am PAN-Gesetz eng Lafzäit huet bis den 31. Juli 2003, elo ofzeänneren. Déi Diskussioun ass falsch op der Plaz. Wa mer dat elo géife maachen, da wier de Modell Lëtzebuerg futti, an d'Tripartite géif net méi stattfannen, an et wier net méi méiglech, datt an der Zukunft d'Sozialpartner géifen e Konsens fannen, fir aus soziale Schwierigkeeten hei zu Lëtzebuerg erausze kommen.

An et wier mat Sécherheet dat Verkéierst wat mer kéinte maachen, wa mer elo déi Diskussioun haut géife féieren, déi mer eréischt solle féieren, wann d'Tripartitesgesetz ausleeft. A wéi mer dat Tripartitesgesetz hei gestëmmt hunn, ware mer eis allegueren am Kloten, datt dat net

déi lescht Weisheit wier, a keen Definitivum wier, soss hätte mer jo net eng Lafzäit vu véier Joer an dat Gesetz ageschriwwen. A mir waren eis am Kloten, datt dat Tripartitesgesetz am PAN-Gesetz ee schwéier erkämpften an erziilte Kompromiss tëschent de Sozialpartner war – deem mer eng gesetzlech Basis ginn hunn –, deen net perfekt ass, dee sech an enger permanenter Evolutioun muss befanne kënnen, an no véier, fënnef Joer, op Grond vun engem Bilan, muss dat eent oder dat aner kënnen ofgeännert, respektiv ergänzt, respektiv verbessert ginn.

A sou gesinn, ass d'Majoritéit der Meenung, dass mer bei dëser Diskussioun eis leedeglech géifen un dat halen, wat den Objet war, wat den Accord duergestallt huet, nämlech fir déi Onklarheeten, déi am Tripartitesgesetz zu Interpretatiounen gefouert hunn, auszebiggelen, an duerch kloer Definitiounen auszeschléissen; an dat ass den Zweck. An dofir ass et gutt a richtig, datt kaum eng Fraktioun – mat Ausnahm vum Här Jaerling, ech weess net, wéi seng Fraktioun dozou steet – géint dëse Projet wäert stëmmen

Ech wëll dann awer och unerkennen, wat den Här Bausch seet. An den Här Bausch seet, datt si dëse Projet hei net kënnen stëmmen. Dann ass en an enger honnertprozenteger Logik mat sech selwer, well d'Philosophie vum PAN-Gesetz gëtt jo net changéiert a si ware virun zwee Joer géint d'PAN-Gesetz, hunn dogéint gestëmmt, folglech kënnen se och net fir Interpretatiounsklarifikatiounen stëmmen, déi u sech d'Philosophie vun deem Gesetz net änneren, wat virun dräi Joer den Ursprung war.

Et geet haut nëmme ëm eng Interpretatiounsberengung, an et geet net ëm fundamental Ännerunge vun dem Gesetz vun 1999. Ech mengen, dat hunn ech och ganz kloer gesot.

Ech wëll awer nach op eppes agoen – an zwar ass dat och haut ugeklungen – nämlech och e bëssen d'Haltung vun der CSV, déi, am Zesammenhank mat der Aarbechtszäitverkürzung, diskutéiert an interpretéiert ginn ass.

Wéi mer d'Motioun, am Débat d'orientation den November 1997, diskutéiert an ofgestëmmt hunn, war et ganz kloer a ganz eindeuteg d'Haltung vun der CSV, a vun der Majoritéit, datt an där schwieriger Diskussioun ëm Aféierung vu méi Flexibilitéit, dat nëmme parallel mat Aarbechtszäitverkürzung kéint geschéien; dat war d'Motioun.

Mir hunn hei kloer décideiert, datt d'Flexibilitéit parallel mat Aarbechtszäitverkürzung misst lafen, a wa keng Aarbechtszäitverkürzung géif erfolgen, da kéinten och keng Flexibilitätsmoossnamen erfolgen. Dat war d'Konsequenz vun där Motioun, déi mer eestëmmege hei gestëmmt hunn. Dat ass richtig an dat bleift och haut nach richtig.

Mä, mä, mä, an der Tripartite sinn d'Sozialpartner net op dat agaangen, wat de Wunsch vum Parlament war, an



den Accord vun der Tripartite ass ee ganz aneren. Den Accord vun der Tripartite ass e ganz aneren, deen net esou wäit geet, wéi mir als Parlament, als Ureegung, der Tripartite mat op de Wee ginn hunn.

A vu déi schwiereg Diskussiounen, déi an der Tripartite – just zu deem Punkt – zu esou engem Resultat konnte féieren, wier et onvernünfteg gewiescht, wa mir, als Parlament, deen Accord vun der Tripartite versicht hätten opzeweichen, och a Richtung vun deem Wonsch, dee mer als Parlament virun e puer Méint geäussert hunn.

Et kann een och haut – an et gött och gemaach – deenen, déi an der Tripartite um Dësch setzen, ee Reproch maachen, datt e se vläicht hir Fuerderunge vergiess hunn oder een Accord ënnerzeechent hunn, dee sech vun deenen ursprüngeleche Fuerderunge wäit entfernt; an dat ëmsou méi, wou d'Parlament eng aner Haltung ageholl huet.

Mä Fuerderunge stellen, an iwwerzeegt sinn, datt e Konsens an e Kompromiss, an esou kruziale Froen, noutwendeg a wichteg sinn, dat sinn zwou grondverschiede Saachen. An de Modell Lëtzebuerg, ënnert dem Dialogue social, fonctionnéiert nëmmen, wann een och als Gewerkschaftler bereet ass, e Kompromiss ze fannen, an en ze sichen, deen heiandsdo entfernt vun deem ass, wat seng ursprüngelech Fuerderunge sinn. Mä et weess ee jo, wann een e Kompromiss ofschléisst, an et kënnt een e Schrëtt méi no zu senger ursprüngelecher idealer Virstellung, dann ass dat jo net en Erfolleg, an d'Sozialpolitik hei zu Lëtzebuerg mécht sech net vun haut op mar, mä dat ass eng Evolutioun vu Jorzéngten. A wann dat net esou an der Vergaangenheet geschitt wier, dann hätte mer, sozialpolitesch, mat Sécherheet net dat erreecht, wat mer bis elo haut erreecht hunn.

An et sinn och Gewerkschaften, déi déi Problematik vun der Flexibiliséierung nëmme mat gréisste Reserven ugeholl hunn, an dat och zum Ausdrock bruecht hunn, wéi den Accord Tripartite ënnerzeechent ginn ass.

An dann nach ee lescht Wuert iwwer all déi philosophesch Diskussiounen, déi mer féieren a gefouert hunn, am Zesummenhank mat der Aarbechtszäitverkierzung.

Et gi Beispiller gesicht, wéi zum Beispill Frankräich. Mä, Gott sei Dank, ënnerscheede mir eis an der Entwécklung vun der Geschicht vun der Aarbechtszäitverkierzung a Frankräich; an ech war laang genuch Gewerkschaftler fir dat ze wëssen. D'Fransousen hate scho virun 1940 d'40-Stonne-Woch gesetzlech gereegelt, et war dat Land, wat effektiv mat deene längsten Aarbechtszäite gefuer ass.

An, an engem Moment wou mir zu Lëtzebuerg vu 44 Stonne geschwat hunn, se duerchgefouert an applizéiert hunn, ass trotz dem Gesetz vun der 40-Stonne-Woch a Frankräich nach vill méi geschafft ginn; an dat ouni Iwwerstonnen ze bezuelen. Dat ass och eng Realitéit.

A Frankräich hu se eng ganz aner Philosophie vum Sozialdialog, do hunn d'Gewerkschaften sech geweigert fir op tarifvertraglechem Gebitt, aus enger ganzer Rei vu Grënn, Aarbechtszäitverkierzung duerchzesetzen. Mä, si hu verlaangt, datt, iwwert de gesetzleche Wee, Aarbechtszäitverkierzungen generell sollen agefouert ginn; mat deem Resultat, datt d'Gesetz dat eent ass, an d'Realitéit an de Betriber eng ganz aner ass.

Sou war et a Frankräich, a sou ass et och nach haut mat der 35-Stonne-Woch a Frankräich, wou nach a ville Secteuren an a ville Betriber keen dorunner denkt, d'35-Stonne-Woch, trotz Gesetz, ze applizéieren.

An hei zu Lëtzebuerg si mer en anere Wee gaangen. Wann een e bëssen d'Geschicht vun der Aarbechtszäitverkierzung kuckt, da wier et emol interessant, wann d'Medien och esou Veranstaltungen géife maachen, wou een emol eng Kéier iwwert d'Geschicht vun der Aarbechtszäitverkierzung Iwwerleeungen géif ustellen.

Ech ka mech erënnere wéi hei, uganks de 50er Joren, d'Aarbechtszäitverkierzungsdebatte ugaang ass; an de President och.

### *(Coups de cloche de la Présidence)*

Déi Aarbechtszäitverkierzung ass duerch konkret Aktiounen am Numm vum Kollektivvertragswesen an de Betriber duerch Gewerkschaften déclenchéiert ginn. An de Gesetzgeber huet net dru geduecht fir an de 50er Joren d'Aarbechtszäit vun 52 Stonnen, wéi se deemools an den Industriebetriber war, erofzesetzen; an d'Gewerkschaften hu mat Grève- a mat Streikaktiounen, uganks der 50er Joren, ugefaangen Aarbechtszäitverkierzungen duerchzesetzen vun 52 op 48 Stonnen – an de President an ech, mir ware Streikposten, wéi déi Diskussioun gefouert ginn ass, mä dat soll een awer emol eng Kéier wëssen. Et war den eendeitege Wëlle vun den Arbeitnehmer a vun hire Gewerkschaften, fir däitlech Zeechen ze setzen fir d'Aarbechtszäit an Etappe ofzesetzen, an d'Gewerkschaften hunn et dank hirer Kraaft och fäerdeg bruecht. Sou dass mir eng Entwécklung gemaach hu vun 52 op 48 Stonnen, dunn op 44 Stonnen an, nodeem an deem gréissten Deel vun de Betriber d'40-Stonne-Woch schonn eng Realitéit war, a fir sozial Gerechtegkeet spillen ze loosseren, ass dat geschitt, wat muss geschéien, nämlech, dass de Gesetzgeber subsidiaresch soll awierken, an du si Gesetzger gemaach gi fir jiddferengem déiselwecht Chance ze ginn. Domat mengen ech déi Leit, déi kee Kollektivvertrag hei zu Lëtzebuerg hunn, a fir deene Betriber keng Konkurrenzschwierigkeeten ze maachen, déi d'Aarbechtszäitverkierzung hu géigeniwwer vun deenen aneren, déi se net hunn. Dee Moment huet den Droit commun gespillt a mir hunn d'Aarbechtszäit vu 44 Stonnen op 40 Stonnen ofgesat.

A wa mer elo eng Diskussioun féiere wëllen, Kolleegen, iwwer eng weider Verkierzung vun der Aarbechtszäit,

da sinn ech perséinlech dogéint, datt de Gesetzgeber elo géint de Subsidiaritéitsprinzip verstoussé soll. Ech hätt fir d'éischt gären een däitlech Signal vum Wëlle vun de Gewerkschaften, hire Leit an hire Betriber, duerch Kollektivvertrëg Aarbechtszäitverkierzung duerchzeféieren. Wann dat geschitt, awer réicht dann, ass et um Gesetzgeber, fir sozial Gerechtegkeet duerch den Droit commun geltend ze maachen a fir jiddferen hei zu Lëtzebuerg déiselwecht Aarbechtszäitkonditiounen obligatoresch anzeféieren.

**Une voix.-** Très bien.

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.-** An dat war och eis Logik am PAN-Gesetz, wou mer gesot hunn: Fir d'éischt musse mer iwwert d'Aarbechtszäitverkierzung négociéieren, se duechféieren an dann ass et um Gesetzgeber fir ze reagéieren. An ech soen lech elo nach eppes. Ech si fundamental dovunner iwwerzeegt, datt mer eng Aarbechtszäitverkierzung mussen duerchsetzen an duechféieren, well ech der Meenung sinn, datt déi technesch Evolutioun dohinner geet, datt mer fir dat, wat mer haut produzéieren, an deenen nächste Jorzéngte vill manner Zäit brauchen a mir dowéinst eng Aarbechtszäitverkierzung opgedrängt kréien, déi, wa mer se net virdru gesetzlech regelen, sech negativ fir d'Salariat auswierke wäert.

Zweetens, wa Lëtzebuerg wäit a jorelaang hannendra bleift, eis Betriber net méi konkurrenzfäeg sinn, da musse si op eemol deenen anere Betriber, déi d'Technologie sou wäit an hir Entreprises agebaut hu fir a manner Aarbechtszäit datselwecht produzéieren ze kënnen, nolafen. Ech hunn awer an deene Joren, wou ech nach gewerkschaftlech aktiv war, vill Diskussiounen mat eiser Basis iwwert d'Aarbechtszäitverkierzung gehat. Och haut hunn d'Gewerkschafter dat mat hirer Basis. Bei all Kongress wollte mir als éischte Punkt d'Afféierung vun de 35 Stonnen op d'Propositiounen setzen. Eis Leit an de Betriber hunn eis gefrot: Sidd dir verréckt? Mir géife gäre mat 40 Stonnen eng anstänneg Pai verdéngen.

Dat sinn och d'Realiteiten, a wann ech gesinn, datt d'Gewerkschaftler mat hire Leit däitlech Signaler an de Kollektivvertragsverhandlung setze fir eng sensibel Verkierzung vun der Aarbechtszäit ze réaliséieren, dann ass et um Gesetzgeber, fir op Grond vun der sozialer Gerechtegkeet subsidiaresch an och legislativ anzegräifen an eng allgemeng Aarbechtszäitverkierzung hei zu Lëtzebuerg duerchzeféieren.

Ech wollt dat eng Kéier prinzipiell soen, fir och ze erklären, wat d'Haltung vun der CSV ass. Dat ass d'Haltung vun der CSV an och vun der Regierung am Zesummenhank mat der Aarbechtszäitverkierzung.

Voilà, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll nach ee Wuert zum Aly Jaerling soen, an zwar zu enger vu sengen Ausféierunge wou e gesot huet, datt heen erstaunt war...

**(Coups de cloche de la Présidence)**

..., datt d'Gewerkschaften een Accord zum Horaire mobile ginn hunn, an dass an de Beruffschamberen déiselwecht Gewerkschaften de Contraire gesot hunn.

Et ass esou, datt d'Beruffschamberen eegen Institutione sinn, eng eegen Dynamik entfalten a mat Sécherheet Positiounen ergräifen, déi op d'ursprünglech Fuerderung vun de Gewerkschaften zréckgeet, déi awer heiansdo ganz anescht si kënnen, wéi Accorden a Kompromisser, déi een an Verhandlungen erziilt. Et ass also nëmme logesch a normal, datt och d'Beruffschamberen dozou vläicht eng aner Haltung hunn, wéi déi vun de Gewerkschaften, déi an der Tripartite verhandelt hunn ...

**Une voix.-** Här Rapporteur, dat sinn déiselwecht Leit, déi do d'Soen hunn.

**M. Marcel Glesener (CSV), rapporteur.-** Zum Projet de loi vum Här Lux iwwert de Cumul vun den Zouschléi, wëll ech elo net vill soen, wéi just dass eis Fraktioun d'Zoustëmmung dozou gëtt.

Ech wëll ee Wuert awer nach dozou soen an zwar Folgendes. Am PAN-Gesetz, elo an der Tripartite, si mer der Economie entgéintkomm a mir hunn en ee Wonsch erfüllt, an deem Sënn, dass wann ee Feiertag op sonndes fält de Feiertag net méindes scho geholl gi muss, well domadder effektiv eng Rei vu Betriber Problemer haten a Konkurrenzschwieregkeete par rapport zum Ausland. Wat ech awer, wéi mer dat du gemaach hunn, als ee ganz schlechte Stil vum Patronat emfonnt hunn, an dat war a mengen An net seriö, datt déi Faveur, déi mer de Betriber gemaach hunn, d'Patronat dozou benotzt huet – net alleguer – fir deene Leit, déi op engem Sonndeg, engem Feiertagssonndeg schaffen, déi geschëlten Zouschléi net méi ze ginn.

Dat war kee gudde Stil, an dat dierf an dat soll een net maachen an et ass gutt, datt den Aarbechtsminister direkt mat engem Communiqué reagiert huet, wou e gesot huet, datt dat doten net d'Philosophie vun de gesetzleche Bestëmmungen ass. Een dee sonndes schafft huet een Zouschlag vu 70% zegutt, an een deen ee Feiertag schafft huet een Zouschlag vun 100% zegutt, a wann ee Feiertag op sonndes fält, dann huet en een Zouschlag vun 170% zegutt. Et ass traureg, dass mer ee Projet de loi maache mussen, fir dat nach eng Kéier klorzestellen.

Mir sinn also der Meenung, datt, wa schonn Interpretatiounsproblemer waren, elo duerch dëse Projet de loi klor ass wéi de Cumul vun den Zouschléi ze geschéien huet, an dofir gëtt eis Partei och d'Zoustëmmung zum Projet. Ech soen lech merci.

**Des voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.-** Merci Här President.

Dir Dammen, Dir Hären, fir d'éischt wëll ech deenen zwee Rapportere, dem Marcel Glesener an dem Lucien Lux, merci soe fir hir Rapporten, well ech mengen dass ganz villes hei zu den Detailer vun deene verschiddenen Dispositiounen gesot gouf, iwwregens och vun den Orateuren. Ech wäert d'Dispositiounen duerfir net méi all nach eng Kéier widderhuelen. Ech wäert just e puer Kommentare maachen zu verschiddene Saachen, déi hei gesot goufen. Ech soen och nach dem Marcel Glesener merci, dass heen zum Schluss nach eng Kéier e bësselchen den Historik gemaach huet vun der Diskussioun iwwert d'Aarbechtszäitreduktioun, déi net sou pauschal gelaf ass, wéi verschidden Orateuren dat hei duergestallt hunn, mä déi scho méi nuancéiert war. Eis Haltung ass iwwregens och méi nuancéiert, wéi dat heiansdo karikaturisteschesch duergestallt gëtt.

Ech si ganz frou, dass mer de Mëtteg déi zwee Projeten do stëmme kënnen, well se och elo bal an der Halbzeit vun der Legislaturperiod kommen an dann och e bësselchen een Ofschloss bilde mat där Aarbecht, mat där ech ufänken hu missen. Ech schwätze vum Noschaffe vu Problemer, déi entstane si mat engem Gesetz wat mer eréischt kuerz virdrun an der Chamber gestëmmt haten. Meng éischt Méint als Aarbechtsminister sinn dropgaang fir all déi dote Froen nach eng Kéier ze kucken an nozeregélieren. Ech si frou, dass mer dann elo definitiv déi Vergaangenheet hei ofschléissen.

Ech ka mech besonnesch gutt drun erënneren, dass u mengem éischte Schaffdag, wou mäi Virgänger, de Jean-Claude Juncker, mech am Ministère du Travail agefouert hat, ech mech mat menge Leit zréckgezunn hu fir eng Äntwert op d'Fro ze fanne wéi dat dann elo wär mat där Feiertagsregelung. Ech hunn dunn och den Dag drop dee Communiqué verabschiedet, wou d'Patronat mer herno virgeworf huet, datt ech vill ze vill fréi Stellung bezunn hätt, an dass si doduerch net méi mat de Gewerkschaften eens gi konnten. Ech mengen awer nach wie vor, dass et richtig war, vu que dass de 15. August am komme war an esou vill Duerchernee war, dass den Aarbechtsminister och seng Verantwortung iwwerholl huet, sou wéi haut jo och d'Chamber hir Verantwortung iwwerhëlt, an dann ass dee Problem definitiv geléist. De Lucien Lux huet dee ganzen Historik gemaach, wéi dat hin an hier gaangen ass, a wéi vill Méint mer eigentlech alleguer do op deem trotzdeem kleng Problem verluer hunn.

D'PAN-Gesetz muss een och an de Kontext stelle vun deem, wat deemools an Europa lass war, nämlech an de Kontext vum Lëtzebuurger Sommet. An zwar an d'grouss Diskussioun, déi och an där Tripartite war, an dat war haaptsächlech den Emploi, fir ze kucke wéi mer kënnen de Chômage an Europa bekämpfen, wéi mer och kënnen de Chômage zu Lëtzebuerg bekämpfen, well et war deemools eng Zäit – an ech ginn zréck op d'Debatt vum November 1997 hei an der Chamber – wou de Chômage och zu Lëtzebuerg dauernd an d'Luucht gaangen ass.

Obwuel och deemools schonn ëmmer méi Emploien zu Lëtzebuerg geschafe goufen, ass de Chômage awer an d'Luucht gaangen an d'Aarbechtskommissioun vun deemools, ënner hirem Président-rapporteur Marcel Glesener, huet hire Rapport deemools ugefaange mat de Wierder "Le chômage continue à augmenter dans notre pays. Bien que la situation ne soit pas aussi dramatique que dans la plupart des autres pays de l'Union européenne, elle reste cependant alarmante." Dat war wéi déi Diskussioun, wou mer ugefaangen hunn, all déi aner Froen, wéi déi wat mer maache kënnen, fir dass den Emploi an d'Luucht geet an dass de Chômage erofgeet, drukomm ass. Et war keng fundamental Debatt iwwert d'Flexibiliséierung oder d'Aarbechtszäitreduktioun. Déi Froe si mat eragefloss. Et war awer am Prinzip eng Debatt, wéi mer hei zu Lëtzebuerg de Chômage erfesetze kënnen, an dat soll een och haut net vergiessen, wann een zréckkuckt wat deemools alles décidéiert gouf.

De Problem vun deem PAN-Gesetz war – e puer hunn et gesot –, dass et een Omnibus-Gesetz war. Schrecklech vill Gesetzgebunge si modifizéiert ginn, et si steuerlech Bestëmmunge modifizéiert ginn an et si schoulrechtlech Bestëmmunge modifizéiert ginn. Et war ee Gesetz, wat ganz komplex war a wat natierlech och eng Partie Frustratiounen mat sech bruecht huet, wat natierlech och mat sech bruecht huet, dass a kierzester Zäit d'Regierung, awer dann och herno d'Chamber, en Accord hu missen ëmsetzen, deen nach net an all senge leschten Detailer ausgeschafft gi war. Dat huet déi Schwieregkeet mat sech bruecht wéi et all grousssem Gesetz geschitt, dass een herno feststellt, dass e puer Onzoulänglechkeeten do sinn. Déi Onzoulänglechkeete si wuel nëmmen Detailer, mä de Problem ass, dass awer ganz vill Sträit wéint deenen Detailer um Terrain war an dass et dofir scho richtig war, dass mer déi Detailer geregelt hunn.

Mir hunn déi Debatt de 16. Mäerz 2000 hei gemaach, an ech wëll dättelech soen, dass mer eng ganz Partie Motiounen hei haten. Eng Partie Motiounen, déi ugeholl goufen, notament iwwert d'Roll vun der Tripartite, sou dass ech net méi laang iwwert d'Roll vun der Tripartite hei schwätzen, well déi ass deemools erëm eng Kéier ausdrécklech hei bestätegt ginn, souwéi iwwert d'Roll vun der Regierung tëschent der Tripartite an der Chamber. Et ass awer och eng Motioun ofgeleent ginn, an zwar d'Motioun vum François Bausch iwwert d'35-Stonne-Woch. D'Regierungserklärung an dat wat am PAN-Gesetz steet si bestätegt ginn, sou dass déi Debatt, déi elo haut verschidden Orateuren erëm opliewe gelooss hunn, eigentlech de 16. Mäerz 2000 ofgeschloss war.

Wat ass opstoe bliwwen vu Problemer? Déi fënnef Motiounen, déi d'sozialistesche Fraktioun agereecht hat

an déi weidergereecht gi sinn un d'Kommissioun. Dës Motiounen hu sech och grosso modo mat deene Problemer gedeckt, déi mer an der Tripartite selwer analyséiert hunn a wou mer an der Tripartite eens ware fir ze soen, dat sinn Interpretatiounsfroen, déi awer méi politesch waren, wéi nëmmen technesch, well alles Technesch huet ëmmer politesch Inzidenzen. Op Proposition vum OGB-L's President John Castagnaro ass gesot ginn, dass mer op déi dote Froen een Aarbechtsgrupp usetzen, deen dann do versicht, Léisungen ze fannen.

Wat déi aner Punkten ubelaangt, hu selbstverständlech souwuel d'Gewerkschaften hir Fuerderungen no Aarbechtszäitreduktioun net opginn, grad wéi d'Patronat seng Fuerderungen no enger allgemenger Referenzperiod vun 12 Méint um Joer net opginn huet. Et ass esou, dass jiddfereen nach wie vor zu sengen Iddie steet a se ëmkämpft, mä mir sinn an der Tripartite eens ginn, dass déi dote strëtteg Froen, déi sech wéi gesot nach eng Kéier plus ou moins gedeckt hu mat Motiounen hei aus der Chamber, déi net gestëmmt mä awer analyséiert goufen, an een Aarbechtsgrupp geschéckt ginn. An deem Aarbechtsgrupp hu mer Léisunge fonnt. Mir sinn domadder zréck an d'Tripartite gaang, an ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, wat ech scho gesot hunn, dass awer och dauernd d'Regierung, notament a menger Persoun, de Kontakt mat der Chamber gehalen huet. Et kann een also net hei soen, dass d'Chamber ausgeschalt gi wär. D'Chamber war bei der Diskussioun iwwert déi zwee Projet-de-loien ëmmer dobäi.

Ech wëll an deem Zusammenhang och een Ënnerscheed maachen tëschent dem zweete PAN-Gesetz an dem éischten. Dat zweet ass beschränkt op Froen, déi wierklech am Betrib selwer zur Diskussioun kommen, an ech mengen, dass et richteg ass, dass een d'Sozialpartner selwer iwwer Froen matdiskutéiere léisst, déi d'Betriebsorganisatioun eppes uginnt. Ech deelen d'Kritiken um éischte PAN-Gesetz, wou och iwwer steierlech Mesuren an der Tripartite decidéiert gouf. Bei deem Gesetz geet et awer ausschliesslech an eleng ëm Saachen, déi am Betrib lafen an iwwerall ginn d'Tendenzen, an Europa sou gutt wéi an anere Länner, dohinner fir ze soen, mä do mussen d'Sozialpartner vill méi Rechter kréien. Déi Diskussioun, déi elo a Frankräich leeft virun de Presidentschaftswalen, "Démocratie sociale", déi besonnesch vun der UDF a vum RPR, awer och zum Deel vun der sozialistescher Partei do lancéiert ginn ass, ass just ze soen déi wat mir hei maachen.

De Gesetzgeber kann net pauschal eppes decidéieren iwwert dat wat am Betrib geschitt, ouni virun awer Negotiatione mat de Sozialpartner gefouert ze hunn. Mir maachen also eppes, wou aner Länner emol eréischt iwwerhaupt wëllen dohinner kommen, an an deem Sënn, mengen ech, huet do d'Tripartite schonn absolut hir Roll gespillt.

PAN2, do hu mer déi Flexisécuritéit. Do hu mer versicht, méi kloer, méi verständlech ze ginn. Den Niki Bettendorf besonnesch huet hei ganz vill kleng Detailler ginn, op déi ech net méi wëll agoen, wou een awer draus gesäit, dass dat fir den eenzelne Mann oder fir déi eenzel Fra am Betrib, souwuel de Salaré wéi de Betriebschef, viles mat sech bréngt, dass en dat besser versteet, och wann nach – do hutt Der Recht – op Imprévisibilitéit kënne Problemer kommen, mä et gëtt awer elo fir d'Leit méi licht verständlech.

Ech sinn oft vu Leit ugesprach ginn, dat ware Gewerkschafter sougutt wéi Patronatsvertrieeder, déi mech gefrot hunn: Wéi soll ech dann esou e POT, en Aarbechtszäitplang, iwwerhaupt opstellen? Ech verstinn net wéi et geet. Mat deem heite Gesetz ass d'Anleitung do an esou wäert déi Flexisécuritéit kënne kommen.

Dann ass een Element an deem Zesammenhang, wat den Aly Bisdorff opgeworf huet, wou ech awer och wëll dozou Stellung huelen, dat ass dat vum Caractère supplétif. Den Droit du travail ass largement, awer net total e Recht vun Ordre public. Dat heescht, meeschtens ass et esou, dass een net kann dogéint verstoussen, och d'Kollektivvertrag kënne viru Geriicht a Fro gestallt sinn, wa se eppes géifen ewechhuelen.

Allerdéngs mussen mer wëssen, dass an där Welt, an där mer liewen, wou mer ëmmer méi Betriber hunn, an ëmmer méi Zorte virun allem vun Aarbechtsorganisatiounen, et ëmmer méi schwierig ass, fir alles iwwert d'Gesetz ze regelen. Déi Gesetzter, déi mir aus de 60er, 70er Joren hunn, déi sinn haaptsächlech gebuer, wou mer...

### *(Interruptions diverses)*

...zwee grouss Modeller haten. Dat eent war den Industriemodell, dat anert war de Büromodell.

### *(Coups de cloche de la Présidence)*

**M. le Président.-** Kollegen, ech géing ëm e bësse méi Opmierksamkeet bieden. De Minister huet de Mëtten dräi Stonnen an engem Stéck jiddferengem nogelauschert; elo schwätzt hien an hei gëtt virugeschwat, wéi wann iwwerhaupt näischt wier. Ech mengen, de Minister mécht sech Méi. Et ass ëmmer penibel fir e Riedner, dee wichteg Saachen erkläert, wa privat Gespräicher geféiert ginn.

Also, ech géing wierklech bieden, jiddferee soll do e bëssen Disziplin behalen.

### *(Interruptions)*

Här Minister, fuert weider wann ech gelift.

**M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.-** Merci, Här President.

Mir hunn ëmmer vill méi Modeller. Mir mussen also, an déi Tendenz leeft an Europa ganz kloer, dohinner goen,



dass mer nach ëmmer eng gesetzlech Rumm hunn. Ech hunn et schonn e puer Mol gesot, ech sinn net mat den Englänner d'accord, déi alles wëlle Sozialpartner iwwerloossen, a wann d'Sozialpartner näischt wëlle maachen, well se net eens ginn, geschitt och näischt.

Ech si schonn der Meenung, et soll ee Gesetz do sinn, wou een zrëckfällt, wann d'Sozialpartner net eens ginn. Et muss eng Rumm do sinn, en Opfangnetz, wou ee seng sozial Ofsécherung fënnt. Mä mir mussen dohinner goen, fir de Sozialpartner méi Latitude ze loossen, Problemer ze régléieren.

Dat, wat mer an dësem Gestz maache vu Caractère supplétif, dee mer méi abränge par rapport zu virdrun, ass rose wéineg. Dat beschränkt sech op d'Periodicitéit, op de Contenu an op d'Form vun de POTen, vun den Aarbechtszäitorganisatiounen. Ech gesinn also do guer net déi Gefor, déi den Här Bisdorff hei eropbeschwuer huet, dass mer do géifen elo de Salariéen hei wéi doen. Et geet ëm Periodicitéit, Contenu a Form vun de POTen, net méi an net manner. Aner Froe sinn do iwwerhaupt net ugeschnidden an op alle Fall net duerchgezu ginn.

Horaire mobile: Et ass hei opgeworf ginn, dass mer en Accord hunn an dass do an den zwou Salariatskummere Kritikke komm sinn. Zu deem Punkt Horaire mobile wëll ech soen: Dat war ee Punkt, deen net an deem Aarbechtskatalog war, dee mer an der Tripartite zesummegeallt haten.

Ech hunn ëmmer gesot, datt ech keng Proposition géif maachen iwwer Horaire mobile, mä wann d'Sozialpartner ënner sech géifen eens ginn, da géif ech dat unhuelen. An all deenen aneren Aarbechtstexter, déi hei sinn, huet den Aarbechtsminister ganz wacker matgeholf schreiwen an um Horaire mobile huet den Aarbechtsminister kee Fanger kromm gemaach. D'Sozialpartner hunn hei eng Léisung fonnt an déi Léisung hu mer ugeholl.

Déi Léisung ass och net esou schlecht, wéi se duergestallt gëtt. Et muss een nämlech eppes nach ëmmer am Kapp hu mam Horaire mobile: Bis elo hate mer ni eng Base légale fir den Horaire mobile. Elo hu mer eng Base légale fir den Horaire mobile. An déi Léisung, déi hei ass, déi ass gesicht gi vun de Sozialpartner, virun allem opgrond vun de Praxissen, wéi se do waren, wéi se mat de Sozialpartner a Betriber schonn ausgehandelt goufen.

Den Ënnerschied vum Horaire mobile par rapport zum POT ass deen: Am POT, do bestëmmt de Patron d'Flexibilitéit. Am Horaire mobile, do sinn zwou Flexibilitäten. Do kënnt d'Flexibilitéit – wat den Niki Bettendorf gesot huet – zu Gonschte vum Salaré och mat eran. An da muss een do eben en Equilibre fannen. Et ass jo net esou, dass do alles erlaabt ass. Do musse jo erëm d'Sozialpartner sech eens ginn iwwer déi Stonnen, Här Jaerling, déi kënne mat eriwwer geholl ginn. Déi Stonnen, déi kënne mat

eriwwer geholl ginn, dat ass am Gudde wéi am Schlechten, dat ass den Defizit wéi den Excédant. Do kommen Normen: An der Regel huet sech bis elo agebiegert, dass dat 10 bis 15, maximal 20 Stonne waren, déi se mat eriwwer huelen.

Déi zwou Kummere schreiwen eppes, mat deem ech direkt kann d'accord sinn. Si soen, mir hunn eis Bedenken, si maachen awer och keng Opposition formelle, mä si soen: Da kuckt dat. Wann den 1. Juli 2003 eng Partie Bestëmmunge vum Gesetz nogekuckt ginn, da kuckt och no, wat déi dote Bestëmmung bruecht huet. Ech erkläre mech gären d'accord, fir dat ze maachen a fir deen Horaire mobile do nozekucken. Mä ech mengen, dass et gutt ass, dass mer endlech eng Base légale fir den Horaire mobile hunn. Domadder komme mer och ville Salariéen entgéint.

Bei de Referenzperioden ass et esou, dass mer dat nach erschweren, wéi ee kann eng Referenzperiod vum Minister kréien. Dobäi wëll ech soen, dass de Minister rose wéineg Referenzperioden huet missen ausginn. Et ass och net esou, dass grouss Flexibilisatiounsgelöschte kommen, massiv vun alle Betriber. Am Ufank sinn der e puer komm. Ech hunn déi normalerweis iwwer déi Prozedur, déi elo ageféiert gëtt am Gesetz, e bësschen ofgewiergt, well ech gesot hunn: Ma iwwerleet emol, op der iwwerhaupt déi Period braucht. Well heiansdo haten d'Leit am Kapp "Ech muss eng Joresperiod kréien" a si war absolut net ubruecht. Dat huet sech elo ganz ageschränkt an et komme rose wéineg Referenzperioden un de Minister erugetrueden.

Iwwer de Jour férié hu mer genuch geschwat. Ech wollt nach een Argument hei derbäisetzen. Dat wier déi heite Regel, déi net gesot ginn ass: Déi meescht Betriber, déi betraff sinn, dat si Schichtbetriber. Dat heescht, dat si Leit, déi hu fréier sonndes geschafft, 70%, an da méindes de Feierdag 100%. Déi haten also 70 plus 100, ass 170%. Dat sinn déi meeschte Leit, déi betraff sinn. Et ginn och nach anerer, mä dat dote sinn déi meeschten, an da fannen ech et nëmme richteg, dass een do seet 170 plus 0 ass dat wat virdu 70 plus 100 war, also och 170, sou dass mer fir déi meescht Leit op de Statu quo ante kommen.

Ech mengen och net, dass an der éischter Tripartite do gewünscht war, een deen aneren an d'Täsch ze stiechen. Et war einfach de Commerce dee gesot huet: "Mir géife gär méindes op sinn, well soss ginn d'Leit op Tréier oder op Arel oder op Metz", an et huet guer keen un déi Leit geduecht, déi misste sonndes a méindes schaffen. Et ass dru geduecht gi fir méindes ze schaffen, awer net geduecht ginn un déi Leit, déi awer missten aus betribsënnere Grënn schaffen. Dat ass vergiess ginn. Leider ass dee Sträit entstanen, an deen hu mer jo lo definitiv geléist.

E puer Wierder just iwwer Aarbechtszäitreduktioun, woubäi ech nach eng Kéier wëll soen, dass d'Tripartite deemools ëm den "Emploi" diskutéiert huet, dat war kee Marchandageveräin, dat ware keng Teppeschändler. Et war weder esou, dass do Flexibilitéit géint Aarbechtszäitreduktioun ausgetosch gi wär, an nach virun allem ass et esou, dass do Flexibilitéit zum Congé parental ausgetosch gétt.

Zum Congé parental wëll ech nämlech nach eng Kéier soen, dass de Congé parental en Accord vun den europäesche Sozialpartner ass, wou dat scho laang besteet, dass d'Sozialpartner selwer kënne legislativ Mesuren huelen. Dat hu mer schonn am europäesche Recht an dat war also eng Décisioun vun europäesche Sozialpartner. Ech weess, dass verschidde Leit gesot hunn: "Ma jo, mir hunn dee missen zougestoen." Sou war dat net, deen huet missen ëmgesat ginn an et war méi einfach, och fir d'Regierung dee Moment, en an deem dote Kader mat ëmzesetzen, wéi en eegent Gesetz ze maachen. En huet och an déi Diskussioun "Emploi" gepasst a mir si jo och schonn elo amgaang, hisichtlech dem 1. Juli 2003, dee ganze Congé parental opzeschaffen, awer och mat all senge Succèsen opzeschaffen, well do leeft och viles, wat gutt leeft.

Mir wäerten also dee Congé parental och dofir net ofschafen, well mir dierfen en net ofschafen. Ech héieren och: "Schafe mer en of oder net?" Dee kann net ofgeschaf ginn. Dat ass eng europäesch Direktiv, mä ech ginn dovunner aus, dass opgrond vun deenen Etüden, déi mer elo amgaang sinn ze maachen, mer do eng Partie Modalitéiten dierften änneren.

D'Realitéit – kommen ech nach eng Kéier zréck, wéi se sech haut stellt an deem PAN-Gesetz an deem Land – ass jo awer esou, dass den Emploi weider an d'Luucht gaangen ass an dass fir d'éischt de Chômage erëm eng Kéier erofgaangen ass, bis op déi lescht Méint, wou mer elo aner Problemer hunn. Mä mir hunn et fäerdeg bruecht, de Chômage ze drécken, och duerch all déi Mesuren, déi mer schonn ugefaangen hate virun dem PAN-Gesetz, déi mam PAN-Gesetz verstärkt hunn, iwwert d'CATen, iwwert d'Stagen an Entreprises, iwwert d'Solidarwirtschaft. Mir sinn amgaang an engem Aarbechtsgrupp iwwert d'Solidarwirtschaft ze kucken, där eng gesetzlech Basis ze ginn.

Dat ass eng Pionéierzäit, wou och Saache sech entwéckelt hunn, déi mer mussen a geuerdnet Bunne bréngen, mä d'Solidarwirtschaft ass e Plus an deem Land an den Aarbechtsminister denkt net drun, d'Solidarwirtschaft ofzeschaffen. D'Solidarwirtschaft wäert eng gesetzlech Rumm kréien, et wäerte Regele kommen, mä ganz vill Leit hunn och just iwwert déi Initiativen eng Chance um Aarbechtsmaart fonnt, an dobäi bleiwe mer.

Et bleift och an Zukunft esou, dass mer mussen och associativ Elementer mathuelen, wa mer an deem Land

wëllen eppes maachen. De Stat kann net alles maachen, mir brauche Betriber, mir brauchen Associatiounen, mir brauche just eng Rumm vum Stat, wou all déi Initiative kënne eppes maachen, wat am Endeffekt jiddferengem eppes bréngt.

Mir hunn an deem Land nach eng Kéier rose wéineg Referenzperioden, déi iwwert engem Mount erausginn. Ech hunn eng ganz Lëscht, déi ech kann an der Chamber deponéieren, vun all deene Kollektivverträge, déi dëst Joer ofgeschloss goufen. Ech kann lech och nach déi vum leschte Joer ginn – déi hat ech schonn eng Kéier ginn –, ech ginn lech déi dann och nach. Wann een déi kuckt, déi am Joer 2001 ofgeschloss goufen, da fannt Der eraus, dass déi meescht Referenzperioden eigentlech keng grouss Referenzperiode waren, déi an de Kollektivverträge ofgeschloss sinn. Mä ech wäert déi Dokumentatioun ausdeelen, och hisichtlech enger Diskussioun, wat d'PAN-Gesetz bruecht huet. Ech hunn et scho virdru gesot, de Minister huet och rose wéineg Referenzperiode ginn. Et ass also net, dass mer iwwerlaff gi wäert vun ze grouss Referenzperioden.

Dann dierfe mer och feststellen, dass zënter '99, zënter dem PAN-Gesetz, zu Lëtzebuerg d'Lounkäschte massiv geklomme sinn. Mir hunn déi gréisste Lounentwécklung vun all eisen Nopeschlänner zënter Enn '99, virun allem 2000, respektiv 2001, well besonnesch Enn '99-2000 hu mir matgemaach. Och dat muss een net verkennen, wann een elo mol kuckt, wat elo zënter dem PAN-Gesetz einfach an der Realitéit, an der Wirtschaft geschitt ass. Sou datt ech mengen, dass dat PAN-Gesetz schonn – net eleng – bäigedroen huet, dass mer eng relativ positiv Situatioun och elo nach hunn an dass mer och elo nach wie vor kënne mat enger gewëssener Zouversicht an d'Zukunft kucken.

Et ass e puer Mol hei ugeklongen, dass mer den 1. Juli 2003 net d'ganzt PAN-Gesetz op de Métier huelen. Et si ronn fënnef Kapiteln, déi do eng Kéier solle gekuckt ginn. Dat si mer zu engem groussen Deel schonn amgaang ze maachen. Mir bereede jo och deen neie Plan Emploi fir Bréissel vir, deen och fir de Mee muss deponéiert sinn, an an der Communauté si mer amgaang, dat ze maachen, wat sech op dat nei Lëtzebuergesch Mid-term-review nennt, nämlech d'Halbzeit vum Lëtzeburger Prozess ze analyséieren an ze kucken, wéi mer elo dann 2003 déi europäesch Beschäftigungsstrategie ëmdenken.

An deem Zesummenhang si mir och amgaang, all déi Mesuren, déi mir hunn, ze kucken. Et sinn och Saachen an den CATen, déi mir net gefalen, besonnesch bei den CATe beim Stat. Mä do si mer eis scho beim leschte Comité permanent de l'emploi eens ginn, fir grouss Richtungen ze maachen, wéi mer do d'Gesetz änneren. Dat wäerte mer och maachen an dat wäert ech och mat lech hei zesummen an der Chamber diskutéieren. A vu

dass Der jo wësst, dass een den 1. Juli 2003 net da mat engem Projet de loi komme muss, mä dann d'Gesetz muss gestëmmt sinn, wäerte mer also nach am Joer 2002 iwwer all déi Froen hei diskutéieren. An domadder halen ech da fir haut op.

Merci.

**Plusieurs voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** D'Diskussioun wier elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4763 a mir stëmmen driwwer of.

**Lecture du texte du projet de loi 4763 (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir géingen dann elo iwwert de virleiende Gesetzprojet ofstëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 4763 et dispense du second vote constitutionnel**

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint mat Nee.

De Projet de loi ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen, 7 Nee a 4 Abstentiounen.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. Claude Meisch), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Maggy Nagel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Georges Wohlfart), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

M. Jean-Pierre Koepp.

*Ont voté non:* MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Robert Mehlen;

M. Aloyse Bisdorff.

*Se sont abstenus:* MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Da stëmme mer of iwwert de Projet de loi 4828. Dat heescht, ech maachen d'Lecture vun den Artikelen.

**Lecture du texte du projet de loi 4828 (par M. Jean Spautz)**

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen dann och elo iwwert dee Gesetzprojet of.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 4828 et dispense du second vote constitutionnel**

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint mat Nee.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu (par M. John Schummer), MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Jos Scheuer (par M. Alex Bodry), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia) et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch);

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

D'Presidentekonferenz ass haut de Mueren zesumme-komm, fir d'Chamberaarbechte fir déi nächst Woch ze proposéieren.

D'Chamber siégéiert en Dënschdeg, de 5. Februar um dräi Auer an e Mëttwoch de 6. Februar um halwer dräi. En Donneschdeg, de 7. Februar ass keng Sitzung.

En Dënschdeg hu mer

1. eng Froestonn un d'Regierung,
2. eng Aktualitéitsstonn vun deene Gréngen iwwert de Rentendësch an
3. de Projet de loi 4892, eng budgetär Upassung bei der Vergréisserung vum Dikkrecher Lycée, an dat nom Modell 1.

E Mëttwoch

1. de Projet de loi 4868 iwwert de Bau vun engem Altersheim zu Diddeleng,
2. de Projet de loi 4869 iwwert de Bau vun engem Altersheim zu Wolz,

3. de Projet de loi 4876, eng budgetär Upassung iwwert den Ausbau vum Housener Park, a

4. de Projet de loi 4877 iwwer zousätzlech Investisementer bei der Fondation APEMH zu Betten un der Mess.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Domadder, Dir Dammen an Dir Hären, wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass also en Dënschdeg de Mëtteg um dräi Auer.

D'Sitzung ass opgehuewen.

**(Fin de la séance publique à 18.07 heures)**